



Gemengebuet

11.06.2021



Membres du conseil communal



Spautz Vera
LSAP



Tonnar Jean
LSAP



Échevin

Knaff Pierre-Marc
DP



Échevin

Zwally André
CSV



Hansen Mike
LSAP



Échevin

Kox Martin
Déi Gréng



Bourgmestre

Mischo Georges
CSV



Majerus Luc
Déi Gréng



Weis Christian
CSV



Cavaleiro Bruno
CSV



Ragni Mandy
Déi Gréng



Scholl Daliah
DP



Wies Line
Déi Lénk



Dax Jeff
LSAP



Theisen Luc
CSV



Simoes Catarina
CSV



Biltgen Laurent
Déi Lénk



Biwer Stéphane
LSAP



Funck Ben
LSAP

Membres présents:

Biltgen Laurent; Biwer Stéphane; Cavaleiro Bruno; Dax Jeff; Espen Jean-Paul; Funck Ben; Hansen Mike;
Knaff Pierre-Marc; Kox Martin; Majerus Luc; Mischo Georges; Ragni Mandy; Scholl Daliah;
Simoes Catarina; Spautz Vera; Theisen Luc; Tonnar Jean; Weis Christian; Wies Line; Zwally André

Réunion à huis clos
09H00 - 09H15

1

Questions de personnel (présentations
de candidats, nominations aux emplois,
promotions, démissions); décision

Réunion publique
09H15 - 13H00

2

Information au public
des décisions de personnel

3

Organisation scolaire provisoire
2021_2022 ; décision

3.1 Trame ; indice socio-économique

3.2 Statistiques et projection des effectifs de classes 2021_2022

3.3 Organisation scolaire provisoire des huit entités scolaires

3.4 Publication des postes vacants sur la liste 1
(communiquée au MENFP)

3.5 Plans de développement scolaire des huit entités

3.6 Rapport d'activités Maisons Relais

4

Musée des Sports ; avenant à la convention conclue
en date du 10 août 2017 ; décision

5

Refonte du plan d'aménagement général de la Ville
d'Esch-sur-Alzette ; avis relatif aux réclamations introduites
auprès de Madame la Ministre de l'Intérieur ; décision

6

Bains du Parc; contrat de bail relatif à un local
pour l'exploitation d'un institut de beauté; décision

6.2 Acte de vente d'un emplacement intérieur 091 PD 81
au sein de la résidence Nonnewisen; décision

7

Questions de personnel

7.A.1 Secrétariat, service Archives ; Création d'un poste de salarié A1
administratif dans le statut du salarié; décision

7.A.2 Déierepark; Création d'un poste de salarié artisan; suppression
d'un poste de salarié; décision **7.A.3.** Théâtre; Création d'un poste de
salarié artisan; suppression d'un poste de salarié artisan; décision

7.A.4 Espaces Verts; Création de trois postes de salarié artisan; décision

7.B Réduction du service provisoire de Madame Chiara Schlegel,
rédacteur; décision

7.C Primes d'astreinte variables pour l'exercice 2020; décision

8

Modifications au règlement de la circulation et confirmation
des règlements de circulation temporaires ; décision

9

Commissions consultatives ; modifications ; décision

1. QUESTIONS DE PERSONNEL (HUIS CLOS)

2. INFORMATION AU PUBLIC DES DÉCISIONS DE PERSONNEL

Mischo Georges:

Schéine gudde Moien allegueren. Schéine gudde Moien dann och fir d'Representante vun der Press.

An da géifen mer direkt ufänke mam Punkt 3, der Schoulorganisatioun fir d'Joer 2021/2022 an da géif ech eise Schoulschäffen, dem Christian Weis, d'Wuert ginn.

3. ORGANISATION SCOLAIRE PROVISoire 2021_2022; DÉCISION

votes OUI : 10 | NON : 8

Biltgen Laurent	Nei / Nei / Nei / Neen
Blier Stéphane	Nei / Nei / Nei / Neen
Cavaleiro Bruno	Ja / Ouf / Nes / Ja
Dax Jeff	Nei / Nei / Nei / Neen
Funck Ben	Nei / Nei / Nei / Neen
Hansen Mike	Nei / Nei / Nei / Neen
Knauff Pierre-Marc	Ja / Ouf / Nes / Ja
Kox Martin	Ja / Ouf / Nes / Ja
Majerus Luc	Ja / Ouf / Nes / Ja
Mischo Georges	Ja / Ouf / Nes / Ja
Ragni Mandy	Ja / Ouf / Nes / Ja
Scholl Daliah	Ja / Ouf / Nes / Ja
Spautz Vera	Nei / Nei / Nei / Neen
Theisen Luc	Ja / Ouf / Nes / Ja
Tonnar Jean	Nei / Nei / Nei / Neen
Weis Christian	Ja / Ouf / Nes / Ja
Wies Line	Nei / Nei / Nei / Neen
Zwally André	Ja / Ouf / Nes / Ja

3.1. TRAME; INDICE SOCIO-ÉCONOMIQUE

3.2. STATISTIQUES ET PROJECTION DES EFFECTIFS DE CLASSES 2021_2022

3.3. ORGANISATION SCOLAIRE PROVISoire DES HUIT ENTITÉS SCOLAIRES

3.4. PUBLICATION DES POSTES VACANTS SUR LA LISTE 1 (COMMUNIQUÉE AU MENFP)

3.5. PLANS DE DÉVELOPPEMENT SCOLAIRE DES HUIT ENTITÉS

votes OUI: 18

Biltgen Laurent	Ja / Ouf / Nes / Ja
Blier Stéphane	Ja / Ouf / Nes / Ja
Cavaleiro Bruno	Ja / Ouf / Nes / Ja
Dax Jeff	Ja / Ouf / Nes / Ja
Funck Ben	Ja / Ouf / Nes / Ja
Hansen Mike	Ja / Ouf / Nes / Ja
Knauff Pierre-Marc	Ja / Ouf / Nes / Ja
Kox Martin	Ja / Ouf / Nes / Ja
Majerus Luc	Ja / Ouf / Nes / Ja
Mischo Georges	Ja / Ouf / Nes / Ja
Ragni Mandy	Ja / Ouf / Nes / Ja
Scholl Daliah	Ja / Ouf / Nes / Ja
Spautz Vera	Ja / Ouf / Nes / Ja
Theisen Luc	Ja / Ouf / Nes / Ja
Tonnar Jean	Ja / Ouf / Nes / Ja
Weis Christian	Ja / Ouf / Nes / Ja
Wies Line	Ja / Ouf / Nes / Ja
Zwally André	Ja / Ouf / Nes / Ja

Weis Christian:

Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeinnen a léif Kolleeen.

Mir hunn haut de Muere mat der provisorescher Schoulorganisatioun fir d'Rentrée 2021/2022 e richtig decke Punkt um Ordre du Jour, deen nach eng Kéier méi deck ass dëst Joer well mer och PDSen hunn, déi mir mussen arrêteieren, déi och mussen an engem Dräijersrhythmus kommen. Dat ass dann een extra. Exercice op dee mer dann nach eng Kéier wäerten zeréckkommen.

Am huit clos hu mer jo virdrun elo 21 nei Schouljofferen a Schoulmeeschtere fir d'Rentrée gestëmmt. Erlaab mir, dass ech awer elo, bis ech zu den Dokumenter kommen, virun allem deene Schoulmeeschteren a Schouljoffere Merci soen, déi bei der nächster Rentrée, d'nächst Schouljoer, wäerten an d'Pensioun goen, dat sinn um Brill d'Madamm Cigniotto, aus der Dellhéicht d'Madamm Lallémang, vu Lalleng den Härr Sowa, aus der Ëmwelterzéihung, d'Madamm Quintus, aus der Direktioun, den Här Charpentier, vun den Assistentes en classe, d'Madamm Wohl, an dann nach aus dem Bruch, d'Madamm Thiel, déi mécht et allerdéngs méi lues an déi geet elo mol an

eng Retraite progressive, wou se awer nach Hallef bei eis schaffe kënn.

Ech menge, jidderee vun eis kennt op mannst ee vun deenen Nimm, déi ech elo opgezielt hunn. Et geet e ganze Stack Erfahrung an Engagement dëst Joer aus eise Schoulen eraus. Ech well am Numm vun der Gemeng, virun allem am Numm vun de Schüler a Schülerinnen, déi des Här Lehreren a Schouljofferen haten, Merci soen an eng flott Pensioun wënschen.

Zu der Schoulorganisatioun selwer ass dat éischt Dokument wat mer hunn, d'Tramme d'organisation scolaire, déi eben définiert, wéi vill Schoulstonnen mer 2021/2022 däerfen hei zu Esch ausdeelen, op déi verschidde Schoulen. Mä selwer deelen se nach eng Kéier aus mam Indice socio-économique, fir esou ze definéieren wéi vill, wou gehalen ginn. Eng Informatioun, déi ech Ärch dozou wollt ginn, ass, dass den Observatoire national vun der Qualité scolaire selwer am gaangen ass, dëse System vum Indice ze evaluéieren. An dass et an deem Kader och schonns Verrieder goufe tëschent dem Observatoire, der Schoulorganisatioun an och der Gemeng, dat mir eis gesinn hunn, dass mer eis Iwwerleeungen mat do erageholl hunn an dass do notament de Rapport vum Observatoire social, si dee schonns am Virus kritt hunn, well se dat interessant fannen fir dat ze vergläiche mat dem Indice, deen si duerno schlussendlech ausrechnen.

Opground vun der Tram kënnen mir dann definéieren wéi mir d'Schoulkanner an déi verschidde Schoule schécken, an déi verschidde Klassen schécken, an dat ass dann déi provisoresch Schoulorganisatioun, déi Dir och mat ausgedeelt krut hutt, déi Rasteren a Statistiken. An do ass et esou, datt mir plange mat 3.244 Escher Schoulkanner, déi wäerten dann ab September an 226 Klassen goen. Dat ass eng Hausse vun 20 Schoulkanner par Rapport vum Joer, awer keng Hausse vun den Klassen. Net matgezielt sinn hei natierlech d'Kanner aus der Ecole internationale an och déi, déi op de Kannercampus Belval ginn. Dat si fir d'Ecole internationale 163 Escher Kanner, dovun 27 déi nei dohinner ginn an 23 fir

de Campus Belval, do sinn 13 Neier derbäi. Déi och net mat opgezielt ginn, dat sinn z.B. déi Kanner, déi doheem enseignéiert wäerte ginn. Déi Donnéeën hu mir da bei der definitiver Schoulorganisatioun.

Interessant hunn ech fonnt, dat d'Gebuertenzuel erofgeet, datt awer d'Schoulkanner stabil bleiwen. Eng Mëllechmeedchen- oder Mëllechjongerechnung fir einfach ze soen, datt een da ka Previsiounen einfach opstellen, dat ass net esou einfach. Facteuren vun der Migratioun an Esch eraus oder eran sinn awer e ganz wichtege Facteur. An och innerhalb vun Esch beweegt sech vill, esou dass d'Servicer ëmmer erëm Upassunge maachen.

Interessant hunn ech fonnt, datt wann een erauskuckt iwwer dat lëscht oder déi lëscht 2 Joer eraus, mee notament 9 – 10 Joer, dass mir 2012 3.215 Schoulkanner an 182 Klassen haten, dëst Joer mir dann 3.244 an 226 Klassen hunn. Dat ass e Plus vu just 29 Schoulkanner, awer och e Plus vu 44 Klassen op déi ganz Zäit gesinn. Bei de Changementen par Rapport zu de Virjore, ass et da virun allem mol esou, dat et der am Zentrum gëtt. Do ass et esou, datt bei der Groussgaass den Effectif erofgeet vun de Kanner, an dann am alen Lycée geet en erop. Dofir gëtt et eng einfach Erklärung. Dat ass dorop zeréckzuféieren, dat 2 Klassen, déi an der Annexe Faubourg sinn, dass déi ab elo un den alen Lycée gegliddert sinn, virdru waren se an der Groussgaass. Dat gëtt e Sënn, net nëmmen opgrond vun der Proximitéit, mee ech mengen och am Sënn vum Projet a vun der Identitéit vum ale Lycée. Et ass och esou, datt déi Kanner, wann een dann do an d'Schoul geet, dat déi dann de Parcours weider am alen Lycée wäerte maachen.

Eng gutt Situatioun ass, dass mer e lichte Réckgang vun de Kannerzuelen am Dellhéicht hunn, dat erlaabt eis fir datt d'classes étatiques, d.h. Klasse mat Flüchtlingskanner aus der Struktur am Neiduerf, datt déi erëm e richtege Sall an der Dellhéicht selwer kréien. Dir hutt et villäicht matkritt, et ass och an der Schoulkommissioun beschwat ginn, déi Kanner déi waren am Moment, déi haten e Kllassesall, deen am

Keller vun der Dellhéichtschoul war, wou soss och Appui ginn ass, oder wou och nach eng Bibliothék niewendrun ass. Et war einfach esou, datt dat problematesch ginn ass an deem Sënn, dass Kanner derbäi waren, déi natierlech traumatesch Erlebnisse erlieft hunn a mat Kellere Verbindungen hunn, dass se eben an Krichssituatiounen oder a Krisesituatiounen an de Keller hu missen goen. Fir Ouschteren hunn mir kuerzfristeg dunno no aner Léisungen gesicht. Du sinn se vum Néiduerf an d'Brouschoul komm, wou se e Sall kritt hunn. Dat war awer och keng Idealléisung well eigentlech sollten d'Kanner mat de Flüchtlingskanner aus dem Foyer, mat de Kanner aus dem Quartier zesummen an d'Schoul goen, an net an en anere Bus gesat ginn an an eng aner Schoul gefouert ginn. Mir hunn d'Situatioun elo esou geléist, dass mir kënnen e richteg Kllassesall zur Verfügung stellen.

Dann ass nach eng liicht Hausse am Quartier Brill. Do ass et esou, dat et och un de Bëschklasse léit. Do kommen ech herno nach eng Kéier drop zeréck.

An der Moyenne hunn mer zu Esch 14,35 Kanner an enger Escher Schoulass, mat Variatiounen, an den Nonnewisen sinn déi gréissten Klassen an am ale Lycée sinn déi klengsten Klassen, wat awer och ze dinn huet, notament mat de Gebaier, wat Méiglechkeeten do sinn. Am Zentrum an am Brill, léien d'Effektiver eigentlech och ënnert de Klassen. Et ass kloer, datt den Effektiv vun de Klassen natierlech och e Facteur ass, wéi d'Qualitéit an de Schoulen een ass. Ech hunn mir awer och do vun der Escher Schouldirektioun soe gelooss, dass mir do an de Barragen sinn, déi eigentlech nach akzeptabel sinn, an datt een an eise Klassen eigentlech misst kënnen eng gutt Schoul halen.

Dann ass eng Fro, déi relativ oft an de Gemengerot kennt iwwer d'Orientatioun an de Secondaire. Do ass et esou, datt mir elo nach keng Donnéeën hunn, déi mir awer bei der definitiven Schoulorganisatioun kënnen matliwweren an den Dossier lech matginn.

Ech wollt och nach eng Kéier kuerz agoen op d'Situatioun déi mir haten mat der Pandemie, wou ech

elo keng Zuelen zu den Infektiounen wëll oder och net ka ginn. Ech hunn déi net weider erausgesicht. Mir haten eis op ganz schlëmm Zenarioe virbereet. Ech paken Holz un, awer déi si Gott säi dank alleguerten ausbliwwen, mir waren opgestallt. An ech well awer, datt et esou komm ass, Merci soen der Disziplin an dem Engagement vun engem wierklech iwwerraschende Groussdeel vum Personal an den Schoulen an domadder mengen ech net nëmmen d'Schoulpersonal, mee och d'Conciergen, d'Botzequippen an d'Maison Relais, déi dann deelweis mat an d'Schoulen gaange sinn wou et dunns drëms gaangen ass, fir se dann ze amenagéieren. Dat ass exzellent gaangen, an ech wëll do och d'Zesummenaarbecht tëschent eise Servicer an der Schouldirektioun nach eng Kéier ervirhiewen. An ech weess, datt notament de Kolleg Hansen do ganz am Asaz war. Huet de Message w.e.g. mat bei d'Kollegen an d'Direktioun.

Zwou Zuelen wëll ech lech awer ginn. Dat éischt, dat ass dass mer am Kalenner 2020, 28 Leit zousätzlech Personal an de Schoulen agestallt haten. Elo an dësem Joer hu mir der nach 25 erbäigeholl, eben wéinst dem Corona. Dat waren haaptsächlech Leit, déi an der Ausbildung waren op der UNI, déi selwer wollte Schoulmeeschter oder Schouljoffer ginn, an dann nach Anerer, déi och en Ersatzstage gemaach haten.

Déi ganz grouss Neierung dëst Joer, obwuel ganz grouss ass e bëssen Iwwerdreiwung, mee eng ganz grouss Neierung ass dann, datt mir elo d'Escher Bëschklassen an dëser Schoulorganisatioun hunn. Zenter 2016 gëtt et scho Bëschklassen déi am Brill sinn, an mir hunn dat elo erweidert op all Quartier an Esch fir déi Kanner déi fir des Klassen an Fro kommen a vum Alter hir, datt déi kënnen an d'Bëschklasse goen. Dat heescht konkret, datt mir 4 Klassen wäerte kréien, 1 Précosse, 2 Spillschoulsklassen an dann och nach ee Cycle 2.1, dat ass dat wat zu eiser Zäit d'1.

Schouljoer war. Dat sinn da 59 Kanner, déi da wäerten an d'Bëschklasse goen. Konkret gesäit dat esou aus. Si hunn e Kllassesall, deen an der Jean-Pierre Bausch

Strooss, do am Schoulgebaï ass, an da wäerten se vun do aus an den Bësch goen, versammelen sech do an da ginn se an de Bësch. Et ass natierlech och méiglech datt Aktivitéiten beim Cycle 2.1, déi net wäerten am Bësch gehale ginn, dann am Schoulgebaï wäerten enseignéiert ginn. An do ass dann och speziell datt et awer e bëssen e Pilotprojet ass, deen Cycle 2.1, wou mir do och ganz gutt vum Educatiounsministère begleet a betreit ginn. Déi Leit déi notament déi Schoulen dierfen halen, goufen erausgesicht op Grond vu Motivatioun an Erfahrung am Beräich vun Naturpädagogik an Educatioun do baussen. An ech hoffen de Kanner, all deene Kanner, déi a Fro komm sinn, datt d'Elteren do ugeschriwwen goufen. Du ware Porte ouvertes, wou d'Elteren sech konnten de Konzept erkläeren loossen. Ech mengen, datt et wichteg war, op der enger Säit, de Konzept ze verstoen, fir datt d'Léierpersonal e léieren kann. Et war awer och wichteg, dass d'Léierpersonal konnt Famillje ken- neléieren. Well et wichteg ass, hei Elteren derbäi ze hunn déi hannert dem Konzept vun der Bëschklass stinn an déi net erfieren wann d'Kanner da villäicht mat de Bullisboxen heem kommen oder net mam Konzept averstanen sinn. Schlussendlech ass et dann awer esou komm, datt allegueren déi Leit, déi decidéiert hunn an gefrot hunn hir Kanner an eng vun de Klassen anzuschreien dann och Chance kritt hunn an zeréckbehale goufen. An och nach praktesch fir den Transport, well déi Fro och eng ass déi thematiséiert gouf. Et wäert esou sinn, datt wann Elteren hir Kanner selwer an d'Jean-Pierre Bausch Strooss bréngen an da wäerte mir d'Méiglechkeet hunn, dass Kanner kënnen a verschide Maisons Relais mueren kënnen ofgelievert ginn. Dat gëtt elo gekuckt an et wäert net an all Maison Relais méiglech sinn. Et wäert awer z.B., ech ginn d'Beispill Brouschoul, Nonnewisen, Fliedermais, dat si Maisons Relais déi no beienee leien, wou mer dann en Ulauspunkt ginn an vun do aus fuere se da mam Bus an d'Jean-Pierre Bausch Strooss.

Ech hunn e klengen Bemol awer och nach bei de Bëschklassen. Ech hunn e bësse misse schmunzele, wou ech d'Nationalitéit vun den Kanner gesinn hunn,

well bei 60 Kanner bréngen mer et awer fäerdeg, eng grouss Villsäitegkeet ze kréien, datt niewent de Lëtzebuerger, Chinesen a Kanadier derbäi sinn. Op der anerer Säit muss ech awer soen, dat d'Lëtzebuerger iwwerrepresentéiert si par Rapport zu soss eiser Situatioun hei an Esch, wou ech denken, dass mer eis nach eng Kéier mussen iwwerleeën, op d'Kommunikatioun déi richtig war a kloer fir jidderee war. Well et soll net, also eng Sprooch besser ze verstoen, soll net e Privileeg si fir eng Chance ze hunn fir an d'Bëschklass ze kommen oder net.

Voilà, mir hunn elo am huit clos, d'Lescht mat de Posten am Dossier derbäi. Dat sinn 82 Posten déi mer confirméiert kritt hate bis elo. Da sinn awer nach anerer fir déi entretemps och vum Educatiounsministère de Retour komm ass, notament elo nach 2,5 déi elo ganz rezent komm si fir den Handysport. Do wäert dann eben an der definitiver Schoulorganisatioun, do wäert déi Lescht dann nach eng Kéier ausgebaut ginn.

Ofschléissend war dat ëmmer esou, dat wat Gebaier ugeet, regelméisseg Versammlungen sinn tëschent mengem Kolleeg Martin Kox senger Servicer a menges Servicer. Neie Schoulraum, de Chantier Wobrécken ass elo dat, wat konkret ass, 2023 fir d'Rentree ass dat do an Aussicht. An da sinn 2 weider Chantieren déi awer och elo ustinn, dat ass d'Dellhéicht an d'Brouschoul, den Ausbau vum Späicher, an d'Bëschschoul, wou ebe Beem geréckelt goufen a wou et kann ulafen.

Dann zum besteende Schoulraum wou ech wollt soen, datt mer nach eng Kéier en Tour gemaach hunn duerch d'Gebaier, dass mer an all Gebai eng Kéier d'Doleancen opgeholl hunn. An dass mer do schonns d'nächst Woch do Versammlungen hunn, déi ulafen an dann nach eng Kéier zesumme kucke wat mer an all Schoul nach verbesseren kënnen.

An elo froen ech lech op ech soll mat de PDSen weider maachen, oder op mer sollen als éischt dat doten diskutéieren? Ech maachen weider mat de PDSen.

Mir müssen och haut de Plan de développement scolaire vun eise Schoulentitéite stëmmen. Dat ass an dëser Form, ech mengen dat mir et réischt fir zweet maachen, dass de Gemengerot dës stëmmt, well déi goufen an dëser Form 2017 vum Gesetz agefouert. Am Prinzip ass et, datt eben all Schoul sech soll ee Konzept ginn, e pedagogesch an organisatorescht Konzept, wat op Besoin vun de Kanner an op d'lokal Erausforderungen ugepasst gëtt. Wann mer d'PDSen hei am Dossier leien hunn, dann hunn déi eigentlech schonns e ganz Stéck Wee hanneru sech. Et ass esou dat Comitée vun den eenzelen Schoulen dës ausschaffen. Si maachen dat och net eleng, mee se ginn ënnerstëtzt vun IDSen, dat heescht spezialiséiert Léierpersonal dat eben PDSe mat ausschafft an dann och d'Schoule mat suivéiere fir ze kucke wéi d'Ëmsetzung ass. Dann hunn d'Schoulcomitée se mat de Schoulpartenairen ofgeschwat, Där gesitt, et sinn Avice vun den Elterevertrieeder dran. An dann ass et och esou, datt all d'Léierpersonal aus deene Schoulen, d'PDSe gesinn huet. Dir hutt och schonns Avisen dra gesinn. Well deen, deen herno de Feu vert gëtt, dat ass de Minister. De Minister mëscht dat awer net selwer, mee laut Gesetz gëtt hien dat un d'Schouldirektioun, de Schouldirekter deen dat dann eben ka maachen. Mir müssen se haut arrêtéieren.

Ech wäert elo net op all eenzele PDS vun all eenzeler Escher Schoul agoen, ech wollt just e puer Linnen eraushiewen. Ech hat mam Yves Zerkone, dem Direkter, doriwwer geschwat an ech hu mir eng Ausso verhalen, déi ech och mat him deelen, an dat ass datt mir an Esch modern, authentesch an innovativ Schoulen hunn. Ech mengen, dat liest een och aus de PDSEN eraus. Bei de Stärkte vun den Escher Schoule kommen ëmmer erëm verschiddenen Elementer erëm, z.B. datt d'Personal op dem pedagogeschem a methodeschem Niveau awer Fräiheeten huet a Méiglechkeeten huet, datt dat néidegt didaktescht Material an de Schoulen ass an, dass mer jonk a virun allem oppen an dynamesch Equipperen hunn, déi Loscht hunn, d'Schoul mat ze gestalten an sech z'engagéieren. Schlecht liest een nach ëmmer doraus, datt et am informatesche Ma-

terial Manktem gëtt, respektiv datt d'Schoulen net esou opgestockt si wéi d'Schoulen eigentlech gären opgestockt wäeren. An eppes wat awer och interpelléiert, dat ass, wann et em d'Sproochkompetenze vun den Escher Kanner geet, do awer nach viles ze maachen ass a Projeten a Konzepter ugeduecht si, fir do kënnen zu enger Verbesserung bäizedroen.

Bei den Ziler leeën d'Schoulen oft de Fokus op Erausforderungen, wéi ech elo gesot hunn, op Kompetenzentwicklung bei de Sproochen an da kommen ëmmer nach Faktoren erëm, wéi eng Verbesserung vun der Kommunikatioun tëschent de verschiddenen Acteuren an der Schoul, notament och mat den Elteren. Dat liesen ech a verschiddenen Avice vu verschiddenen Elterevertrieeder erëm, datt do de Besoin ass, fir do besser Kommunikatioun ze hunn. An dann och eng Zesummenaarbecht an der Schoul, notament och tëschent de Cyclen, eng besser Kommunikatioun ustriewen.

An dann nach allgemeng Themen, wéi d'Behuele vun de Kanner, oder d'Thema Inclusioun oder Schichten an och Zesummenaarbecht vun de Maison Relais an de Schoulgebaier, wou et tatsächlech heiansdo méi einfach ass, wann d'Maison Relais méi no bei de Schoule sinn, respektiv wann et just eng Maison Relais gëtt, déi dann den Usprechpartner ass fir d'Schoul, da geet dat besser. Heiansdo ass dat méi komplizéiert. Ech mengen, dass déi Iddi, dass mer an der Zukunft Schoule baue mat enger Maison Relais derbäi, datt dat de richtege Wee ass fir déi Konzepter, an dësem Fall sinn et dann déi PDSEN, an dann, op der anerer Säit ass et de KAK fir d'Maison Relais, dat mer och do kënnen besser uneneen wuessen.

Et ass esou, datt een aus de verschiddene Projeten erausliest, déi ugebuede ginn, do ganz interessant hunn ech fonnt vun der Brouchsoul, dass déi elo no engem Joer Corona awer d'Thema Bien-être an der Schoul thematiséieren a mierken, dass awer do eppes verluer gaangen ass.

Beim Iwwerliewe vun de PDSe hunn ech natierlech ëmmer den Aspekt gekuckt, wat eis elo als Gemeng

méi direkt betrëfft, an dat ass dann d'Schoulorganisatioun an de Schoulkader. Déi pedagogesch Projeten an d'Ëmsetze vun de pedagogesche Projeten, do ass et dann un eis, Moyens zur Verfügung ze stellen, fir ze hëllefen. D'Direktioun ass awer do den Haaptuspriechpartner vun de Schoulen. An do wëll ech awer och nach betounen, dass mer eng ganz flott, eigentlech eng ganz flott Kommunikatioun hunn, datt dat wierklech e Plus ass. Dat war net ëmmer esou an elo ass een op deenen zwou Säiten openeen duergaangen.

Voilà, zu dem Constat vum informatesche Material wollt ech och nach soen, dass all Direktioun elo eng ICN huet, dat ass och eng spezialiséiert Léierin, déi den Tour mëscht duerch d'Schoulen, fir do festzesstellen, wéi dann d'Situatioun beim informateschem Material ass a wat do ze verbesseren ass. Do hunn mer och elo e Rapport kritt, dee wäert ech mam Här Zwally a mat de Servicer thematiséiere, wat mer do aus dem Rapport kënne Rechnung droen. Et ass awer och esou, dass eisen informatesche Service, datt ech deen awer wëll luewen, well och wann d'Léierpersonal méi freet, si mer fir eis Taille vu Gemeng guer net schlecht opgestallt an hir Servicer sinn och ganz proaktiv. Mir hunn och dëst Joer nach eng Kéier Ipaden akaaft. Et ass och d'Iwwerleeung fir och Ipaden, fir op de Wee do ze goen an ze kucke mam Ministère, op een do kënnt eng Méiglechkeet fannen, datt d'Schüler kéinten Ipade mat heem huelen. Dat sinn awer elo Diskussiounen, déi mer müssen ulafe loossen a wou mer musse kucke wéi wäit do och Volontéit ass par Rapport vum Ministère selwer, fir eis do ze ënnerstëtzen. Da wäerte mer och op d'Demanden esouguer mer nëmme kennen erëm drop zeréckkommen.

D'Responsabilitéit vun der Ëmsetzung vun de PDSen huet de Schoulcomité an, allem virop, de Präsident vun deene verschiddene Comitéen, nodeems mir se dann haut arrêtéieren, wann mer deenen zoustëmmen.

Ech wëll ofschléissend Merci soen, allem viraus natierlech de Présidente vun de Schoulcomitéen an

den Enseignanten, notament fir déi, net nëmmen administrativ Aarbecht, déi nach eng Aarbecht méi ass, mee och déi Aarbecht, déi se an de Kllassesäll dat ganz Joer geleescht hunn. Ech wëll der Schouldirektioun Merci soe fir d'Zesummenaarbecht an ech wëll eise Schoulservice Merci soen an och dem Personal vun der Escher Gemeng dat an de Schoulen, an an aus geet. Et war en zweet Joer, wat net esou einfach war. Ech hoffen, datt mir dann d'nächst Joer e Joer kréie mat manner Imprevuen an an deem mer den Erausforderunge gerecht kënne ginn. MERCI.

Mischo Georges:

Merci eise Schoulschäffen. Da géif ech elo d'Diskussioun opmaache fir iwwer d'Schoulorganisatioun ze diskutéieren. Den Här Biltgen, d'Madamm Spautz. Dann huet den Här Biltgen d'Wuert.

Biltgen Laurent:

Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, Merci och Här Weis fir d'Präsentatioun.

Ech schlësse mech och un un de Merci fir all déi Leit déi um Terrain, eis Servicer natierlech, déi all dës Saachen opstellen, sech dorëms këmmen, dat et leeft an och dëst Joer fir déi Saach um Rullen ze halen, wou mer Alleguerter wëssen, datt dat dëst Joer méi Aarbecht war a méi komplizéiert war wéi soss. Vill missen improviséiere fir datt et awer weider geet, an ech mengen, datt dat iwwerall gutt gelaf ass an datt eng sënnvoll Aarbecht konnt stattfannen.

Eis Schoulorganisatioun soll natierlech sécher stellen, datt et am September ëmmer erëm rullt, wat et dann och erëm wäert maachen. Am September wäert all Kand op engem Stull setzen an engem Kllassesall an e Schoulmeeschter oder eng Joffer hunn. Mee dat ass awer net alles wat eng Schoulpolitik ausmëschet.

Mir wëssen och, datt Esch eng ganz spezifesch Situatioun huet an eng Réi extra Erausforderun-

ge stellt fir den Enseignant um Terrain, awer och fir d'Politik. Do sinn zwou Saachen déi ech wollt eraushiewen, fir d'éischt Populatioun, déi zum Deel sozioekonomesch schwach ass zu Esch. Domadder zesummen hänkt awer eng Sproochesituatioun déi zu Esch och e bëssen anescht ass wéi an anere Gemengen, well ebe ganz vill Kanner doheem net Lëtzebuergesch schwätzen, mee aner Sprooch schwätzen. Zum Deel och hir Haaptsprouch, och hir Mammesprooch, zum Deel net gutt beherrschen.

An dann awer och mat engem Schoulsystem deen dësem net vill Rechnung dréit. Vill Escher Schüler sinn dofir benodelegt an hunn a priori schonns méi e schwierege Start, wat och erausgeet aus dem Bildungsbericht vun 2018. Datt dat genau esou ass, ënnert anerem zu Esch, dass dat esou ass, dass vill Schüler méi e schlechte Start hunn wéi wann si géifen an enger anerer Gemeng an d'Schoul goen oder am Speckgürtel ronderëm d'Stad oder wat och ëmmer, wunnen.

Déi zweet Saach, déi ech wollt eraushiewen, dat ass d'Situatioun vun den Escher Schoulgebaier. Obschonn Esch bis an de 70er Joren, géif ech soen, eng Virreiderroll gespillt huet wat d'Infrastrukturen, mee och de pedagogesche Fortschrëtt ugaangen ass, huet se duerno immense vill gelidden. Et ass wuel och aus Geldmangel ze wéineg investéiert ginn. Do ass ëmmer op provisoersch Strukturen zeréckgegraff ginn, ëmmer méi, bis Ufank den 2000er Joren ugefaange ginn ass, de Problem ze erkennen awer och erëm de selwechte Wee zeréck goug an de selwechten Traintrain fir just all Joer séier ze reagéieren a mam Bau vu Containerschoulen iergendwéi déi Saach um Rullen ze halen. Awer wou absolut keng laangfristeg Planung erkennbar war.

Dat huet natierlech och dozou gefouert, dass Esch beim Schafe vu Maison Relais Plaze vun Ufank un ëmmer hannendru gelaf ass. Ech ginn also zou, dass et net evident ass, hei zu Esch eng Politik ze maachen, déi d'Schoul weiderbréngt an déi d'Defiziter ofschaft, a schonns guer net kuerzfristeg. Trotzdeem stelle mer fest, dass dës Koalitioun nach keng Schoul

konnt opmaachen an och no der Wobréckeschoul nach keng aner Schoul richtig geplangt ass.

Dofir d'Fro: Wéi ass et mat der Rouder Lëns? Wat ass dann do geplangt? Am leschte Gemengerot sot der, den Här Weis nach eng Kéier, dat do schonns de Concours stattfonnt huet. Mir hunn awer nach ëmmer keng Pläng gesinn, weder hei, nach an der Schoulkommissioun. Wat soll dohinner kommen? Wéi grouss gëtt dat? Ass dat fir Kanner fir Rout Lëns oder och fir déi Kanner niewendrun? Soll do ee pedagogesche Projet ausgeschafft ginn? Wie këmmert sech dorëmmer? Et ass einfach immens wichteg, an dat hunn ech schonns oft betount, dass mer selwer esou Schoule plangen. Natierlech et ass ëmmer mat der Direktioun, mat den Enseignanten an, ech hat déi Saach erklärt, mam 3. Pedagogen, d'Schoulreform gëtt als 3. Pedagogen duergestallt, dat ass net egal wéi een dat baut. Et ass net egal dass een Architekt, e Promoteur, e schéint Gebai dohinnerleet an nach houfreg drop ass, mee do muss ee schonns mat kënne plange, wéi dat soll ausgesinn.

An am selwechte Beräich, wollt ech eng positiv Saach eraushiewen. Bei der Schoul Wobrécken, wou ech genau des Fro do gestallt hat, nach am Oktober, wou do awer eng ganz vage Äntwert komm ass, do war et de Fall. An Tëschenzäit huet sech do awer eppes gedoe, wéi mer an der leschter Schoulkommissioun gewuer gi sinn, wou effektiv sech mat der Direktioun zesumme Gedanke gemaach gi fir en Team opzestelle fir do an der Wobréckeschoul, do och e Projet ze hunn. Do gouf déi lëscht Joren ëmmer gesot, dat sollt eng inklusiv Schoul ginn, en inklusive Projet. Mee et war ni eppes Konkretes do, ausser dat Wuert Inclusioun, war näischt Konkretes do ausgeschafft ginn. Dat schéint elo anescht ze sinn an do gëtt dru geschafft, an ech fannen dat eng ganz gutt Saach. An dat geet och scho ganz wäit, well do muss jo och eng Equipe zesummegestallt ginn, déi och wierklech kann dat ausschaffen an dann och dru schaffe, wou ganz vill Saachen och do drun hänke, wou notament och d'Direktioun drun ass, wat eng ganz gutt Saach ass, a wou ech wierklech dann och frou sinn, dat trotzdeem do eng

Ännerung och stattfonnt huet wéi, mengen ech, am Schoulservice déi Saachen och gesi ginn.

Eng kleng Remark nach zur Inclusioun. A Lëtze- buerg misst all Schoul inklusiv sinn, dat ass d'Gesetz. Do soll een net elo mengen, mir bauen 1 inklusiv Schoul an all eis Kanner mat spezifesch Besoine schécken mer dohinner an dann ass et gutt. Dat ass falsch natierlech! Mir müssen dat iwwerall hunn. Dat soll natierlech extra gemaach ginn, dat soll och do den aneren Schoulen hëllef, fir och weider ze kommen. Mee dat ass och eppes wat sech eis Direktioun an déi Leit déi doranner schaffe, sech voll bewusst sinn.

Ech bleiwen nach bei de Gebaier, well ech och wëll wëssen, wéi et mam Neiduerf ass, wou ass dee Projet drun? Wou mer natierlech frou si, wéi do geschwat ginn ass, mir maachen do eng Schoul. Well dat schonns ganz ganz laang wichteg ass, do eng Schoul ze hunn. Do géif ech gäre wëssen, wéi weit dat drun ass an och do déi selwecht Fro. Wie plangt dat? Gëtt sech dorëms gekëmmert fir och do am Virfeld eng Equipe opzestellen, déi do e pedagogesche Projet mëscht, oder gëtt do och per Zoufall, per Mutatiounsgesetz, kommen do Leit dohinner, déi mat de Schlappe kennen an d'Schoul goen well se do wunnen, oder wat och ëmmer, Kritär hu virwarnt se dohinner wëlle goen oder wat ëmmer awer keen Zesammenhalt hunn fir wierklech eppes Seriéis opzestellen. Wann dat schonn am Virfeld gelaf ass, mir schwätze jo och nach iwwer PDSen, dann ass dat wierklech eng gutt Saach.

Dann zu de Gebaier och d'Nonnewisen. An Tëschen- zäit ass eis och all bewusst, et gouf och hei schonns gesot, dass d'Nonnewiseschoul ze kleng gëtt. Dass do natierlech och ee Planungsproblem war. Mir hunn e Quartier mat enger Schoul a mir stellen elo fest, de Quartier ass nach laang net voll bebaut a bewunnt an d'Schoul geet schonns net méi duer. Do muss also e Problem geléist ginn. Do géif ech warne virdrun, dee selwechte Feeler ze maachen dee gemaach goufen, deemools wéi d'Nonnewiseschoul fäerdeg gouf. Do war den deemolege Schoulschäffen immens begees- tert, elo wäer sämtlech Escher Problemer

wat de Schoulraum betrëfft geléist, mer hätten eng nei Schoul, an dat wär elo alles gutt an et huet keng 2 Joer gedauert bis festgestallt gouf, dass dat ebe just net de Fall war. Dat e bemol Kanner hu missen zeréckgeschéckt ginn an hire Quartier, well do effektiv eemol Leit gewunnt hunn an den Nonnewisen. An dat léist also net de Problem. Déi Schoul Wobrécken, si mir frou dat se kënn, si wiert och hëllef, awer si wiert net laangfristeg all Problemer léisen. Elo direkt jo, awer laangfristeg a mëttelfristeg muss do weider geplangt ginn an ech denken, dass do op den Nonnewise muss gekuckt gi fir eng zweet Schoul ze maachen. Op kee Fall dat ausbauen, ech mengen, dat geet och net. Mee eng zweet Schoul fir déi Kanner, déi nach do erbäikommen, och kennen an eng Schoul ze schécken. Wou mer jo och nach Leit hunn, déi op der anerer Säit, vun der Jos Kieffer Strooss do, derbäi kommen. Bei der Sportshal, do kommen och Wunnplazen derbäi, an do wäerten och Kanner derbäi sinn an och déi müssen an eng Schoul goen. Bei deem Projet gouf nach guer net, op jiddwer Fall hei net, iwwer de Schoulraum dee gebraucht gëtt, nogeduecht. Also muss een déi Saachen do och e bësse léisen. Ech mengen dat do schonns Gedanke waren, villäicht kréie mir do Prezisiounen dozou wéi dat ka weidergoen.

Da kommen ech elo e bëssen zur Schoulorganisa- tioun un sech. Wou ech ufänke mat de Bëschklassen, wou ech e Projet, dee mir nach ëmmer begréisst hunn, dee ganz interessant ass, an och notament elo, well et ass den 2.1 dee soll derbäikommen, wat ech perséinlech ganz interessant fannen. Dat wierklech och en innovative Projet ass a wierklech begréis- senswäert ass an och do zuguer, Här Weis, do si mer e bëssen, an ech hat virdru vu Virreiderroll vun Esch geschwat, do si mer e bëssen erëm dran. Wou mer wierklech eppes maache wat et esou net gëtt a wou mer innovativ probéieren déi Problemer, oder déi Innovatioun déi mer zu Esch hunn, déi eben extra ass, och e bëssen unzegoen. Dofir och e grouse Merci un all déi Ënnerstëtzung déi do leeft, och un d'Direktioun, dat déi och do gewësse Risiken natierlech ageet, fir e Projet deen nei ass,

z'ënnerstëtzen an och de Ministère, deen dee mat-dréit. Well och fir déi Leit, déi wäerten do schaffen, et ganz spannend gëtt, do muss nach Villes gemaach ginn, och muss een sech nach ausdenken, et muss een op Been setzen.

Do wënschen ech deene Leit ganz vill Freed, déi se bestëmmt wäerten hunn, awer wäerten och vill Aarbecht hu fir dat ze maachen. Och eppes wat mir wierklech ënnerstëtzen, mee mir hunn awer och ee puer Bemolen déi mir do gesinn.

Déi éischt Saach, datt dat just elo soll si fir een 2.1. Esou wéi ech verstanen hu gëtt dat net weiderge-fouert nächst Joer op een 2.2. Dat heescht déi Kanner sollen d'nächst Joer erëm zeréckkommen an hir Entitéit, déi komme jo elo net alleguerte vum Brill, déi komme vu ganz Esch. Déi sollen dann zeréckgoen an hir Entitéit, dat heescht si ginn erëm verdeelt an aner Klassen an dat brécht mat der Iddi vum Cycle, déi awer am Schoulgesetz steet. Dat brécht mat där Iddi an et kann een sech jo och virstellen, well mir jo hei Kanner hunn déi jo op eng ganz aner Aart a Weis wäerte léieren an deem éischte Schouljoer, ech menge fortschrëttlech an eng interessant Aart a Weis fir déi Kanner. Do wäerten awer villäicht Ënnerscheeder sinn, och par Rapport zu deene Kanner hire fréiere Schoulkomeroden, wou se erëm zeréck kommen. An do kann et eventuell sinn, datt do Kanner Problemer hunn sech do unzepassen, do erëm eranzekommen. Well eben och net, et soll néierens esou sinn, an dëse Klasse bestëmmt net, no engem Schoulbuch geschafft gëtt, wou Säiten ëmgedréint ginn a wou dann déi Kanner genau dat selwecht gesinn hunn. A mengen ech, datt eben net déi Cycle-Iddi déi ech ganz wichteg fannen, do respektéiert gëtt. Ech mengen, datt déi Kanner missten zesumme bleiwe fir Apprentissagë vum Cycle 2 ofzeschléissen, eier se an e Cycle 3 ginn.

Dann een anere Bemol, deen awer och mengen ech den Här Weis deelt, Dir hutt et virdru schonns ugeschwat, Dir hat och an der Schoulkommissioun keen Heel draus gemaach, dass mer hei, et ass eng Majoritéit vu Lëtzebuerger Familljen, déi sech ge-

meelt hunn. An am Allgemenge muss een dovunner ausgoen, dass hei Familljen sech gemellt hunn, déi gutt Famillje sinn, déi sech vill Gedanke maachen iwwer d'Bildung vun hire Kanner, déi sech och do-madder beschäftegen, esou eppes da verstinn. An déi och zurecht dovunner profitéiere fir hire Kanner dat doten zur Verfügung ze stellen, wou da Gefor besteet, datt aus deem Projet, deen innovativ ass, e bëssen een Eliteprojet kéint ginn, wou just eng Elite vun Esch dovunner profitéiert. An der Bëschcrèche hunn se schonns festgestallt, datt se duerno net déi Kanner haten, déi se wierklech gären do gehat hätten. Et ass och net Äre Wonsch gewiescht, do eng Eliteschoul ze maachen, ech mengen dovunner ginn ech aus. Do hoffen ech, datt dofir gesuergt gëtt, dat dann an eng aner Richtung ze kréien. Ech mengen, dass déi Ausschreiwungen net optimal gelaf sinn dëst Joer. Dofir ginn et Entschëllegungen, mir sinn an enger Pandemie, dat ass net alles esou gelaf, wéi een d'Leit konnt gesinn, mat de Leit konnt schwätzen, wéi dat da sënnvoll gewiescht wär. De Projet steet jo och net ganz.

Ech fannen och, datt d'Zuel trotzdeem enttäuschend ass, wa 60 Kanner sech melle vun 1600 concernéierten, ass dat net deck. Natierlech wäre méi Kanner wéi 60 och net méiglech gewiescht an dësem Pro-jet. Ech mengen, et ass schonns méi wéi si selwer wollten. Trotzdeem mengen ech, dass dee Projet muss an Zukunft ausgebaut ginn.

Well egal wéi gutt dee Projet ass, wann nëmme 60 Kanner vun eisen Escher Kanner, wat der iwwer 3000 sinn, dovunner profitéieren, hu mer net vill verännert an net vill gehollef fir Situatioun zu Esch besser ze maachen. Et ass ee Flatter-Projet, mee e wäert eis net vill weider bréngen. Et muss méi grouss ginn, et musse méi Kanner dovunner profitéieren an et musse Kanner dovunner profitéieren, déi wierklech d'Populatioun vun Esch erëmspigelen. Dat heescht, et muss eng besser Campagne gemaach ginn. Net nëmme e Flyer, e Flyer geet net duer. Versammlunge gemaach ginn, Porte ouverten um Terrain eventuell, wann een dat dann och erëm däerf maachen, e kleng Film weise wéi dat wäert

oflafen, wat ville Leit och wiert hëllef. Deen awer net just de Leit weisen, déi sech da mellen, mee kucken, datt déi ganz Populatioun dat och gewise kritt. Och Elteren direkt uschwätzen, denken ech, datt ee wierklech déi wou ee mengt, dat do wären elo Kanner déi elo wierklech dovunner profitéieren, déi direkt uschwätzen, dat déi sech och do mellen. An da brauche mer och nach zousätzlech Plaze fir esou e Projet, dee muss onbedéngt ausgebreet ginn. Den Ellergronn, eise Bësch ass grouss, do kann een och nach eppes anescht maachen. Natierlech ass de Bësch grouss genuch. Mir brauchen eng Plaz wou se Kllassesäll hunn, wou se hir Basis hunn, déi se elo an der Jean-Pierre Bausch Strooss hunn. Ech mengen, datt een do nach kann aner Saache maache kann aner Plaze goen, a Richtung Neiduerf eventuell an d'Natur goe kann. Do kéint een einfach zougängelech Base bauen, wou se kleng Kllassesäll hätten, wou se sech kënnen treffen a wann et reent, sech ophalen a vun do aus dann zesummen an d'Natur goen. Do sinn och ganz flott Plazen, ganz interessant Saachen. Dat muss jo net onbedéngt de Bësch am Ellergronn sinn, esou dat een och kéint do lues a lues ëmmer méi Kanner dovunner profitéiere loossen, wat ech géif ganz wichteg fannen.

Dann kommen ech zum Echec scolaire, wat leider zu Esch en Thema ass. Ech hunn mer déi verschidden Tableaue vun de Schülerzuelen ugekuckt, déi iwwer déi lescht Jore ginn. Do ass en Detail deem interessant ass. Do beim Iwwergang vum 3.2 op de 4.1, "verschwannen" ass all Joer plus minus 100 Kanner. Ee groussen Deel vun dese Kanner sinn natierlech net verschwonnen, mee goufen nom 3.2 an de Préparatoire geschéckt, well se schonns 12 Joer oder méi haten. Dat sinn also déi Kanner, déi virdrun op mannst 2 Cyclen allongéiert hunn. Effektiv, an dat liese mer och an de PDSe vun de Schoulen, ass d'Net-Erreeche vun de Sockelen e risege Problem, notamment awer net nëmmen am Zentrum. Deen dote Fait gëtt et jo och am Observatoire sozial, dee mer e Mëttwoch virgestallt kruten, do gëtt dat och beschriwwen, dass dat e grousst Thema zu Esch ass. Déi Zuele weisen och, datt eng grouss Majoritéit vu

Schüler, déi e Cycle allongéieren, duerno net an de General, net de General, deen de fréieren Technique war, mee dass déi an de Préparatoire orientéiert ginn. Dat ass zwar keng nei Erkenntnis, dat ass wat schonns ëmmer zwar gewosst ass, awer ni haart do-riwwer geschwat gëtt, dass déi Mesure net ganz vill bréngt, dat mam Allongéieren oder Redoubléieren.

An deem Zesummenhang wär et och gutt ze wëssen, wat aus dese Schüler nom Fundamental gëtt? Wéi vill vun dese Schüler maachen iergendeen Ofschloss duerno? Wéi vill Kanner brieche awer d'Schoul ouni Ofschloss of? Dat wär interessant ze wëssen, wéi et weider geet. Et ass net fäerdeg mat 12 Joer. Dass déi verschidde Schoulen ënnerschiddleg mat deser Problematik ëmginn, hu mer dese Mëttwoch och an der Präsentioun vum Observatoire sozial gesinn. An ech mengen, dass dëst en Thema ass, wat net nëmmen hei zu Esch muss diskutéiert ginn, awer et gëtt och zu Esch diskutéiert, an elo kommen ech op d'PDSe, well dat jo och ee Punkt ass, wou d'Schoule kënnen diskutéieren. Do Mesurë kënnen diskutéiere wéi se wëlle mam Problem, dat verschidde Kanner eben déi Sockelen net erreechen, wéi se domadder wëllen ëmgoen a wéi se wëlle Léisungen do sichen.

Ech perséinlech fannen déi PDSe ëmmer ganz interessant, wann déi hei am Gemengerot sinn, well dat ganz interessant ass dat ze liesen, wat déi verschidde Schoulen do maachen. Si weisen wou zu Esch Defiziter leien an der Schoul. Sie weisen awer och eng Selbsteinschätzung, Selbstkritik an de Schoulen. Déi PDSe solle jo dozou féieren, sech ze entwéckelen an op hir eege Problemer, op hir eege Situatioun, Solutiounen ze fannen. Si weisen awer och mam Fanger op Problemer an op Situatiounen fir déi de Schafferot nach keng Äntwerte fonnt huet a weisen och wou de Schong dréckt.

Da ginn et vill Gemeinsamkeete wou ech wiert verschidde Beispiller ginn, wéi den Här Weis virdrun. Et ass natierlech déi sproochlech Situatioun hei zu Esch, déi ebe spezifesch ass. Och déi vill schoulesch Problemer, wéi ech virdu scho gesot hunn, wéi d'Net-Erreeche vu Sockelen, och esou erwänt a

ganz villen Analyse vun de Schoulen. Awer och Verhalensproblemer ass eppes wat ëmmer erëm opgeworf gëtt. Dass mer verschidde Schüler hunn, déi ebe genau do Problemer hunn, wou do Problemer si fir eben ze intervenéieren. Och ëmmer kënnt de Wonsch erëm, fir als Equipe besser ze funktionéieren an de Wëllen, Baustelle gemeinsam unzegoen. Kommunikatioun mat de Kollegen, awer och mat externen Assistenten, IBSen, den EBSen an den ICNe ginn als wichteg duergestallt a wëlle verbessert ginn. An och d'Kommunikatioun mat den Eltere gëtt méi wichteg duergestallt a gëtt probéiert ze verbesseren an do vill Wäert drop ze leen. Dat wéisst, datt sech an der Schoul, net nëmme bei eis hei zu Esch, mee allgemeng an der Schoul, ganz vill gedoen huet an de leschte Joren, dat mir iwwert esou Saache schwätze wou et awer nach net esou laang hir ass, datt d'Schoul ëmmer nëmme Eenzelkämpfer hat, an ech mengen, et ass eng vill besser Entwécklung, wou mer wierklech kënne Problemer ugoen.

En anert Thema, wat ëmmer erëmkënnt, do si mer erëm bei de schoulesche Problemer, den Appui, deen op ënnerschiddlech Aart a Weise kann agesat ginn, dat gëtt grad an de Schoulen diskutéiert a Méiglechkeeten ginn do diskutéiert wéi ee kann se asetze fir beschtméiglech de Problemer entgéint ze wierken.

Et ass fir mech perséinlech ganz spannend, déi verschidde Léisungsusätz vun de Schoulen ze liesen. Ech ginn net op d'Detailer an, well d'Schoulen do sollen hir Fräiheet hu fir hir eege Léisungen ëmzesetzen an unzewenden. Dorëms geet et jo. Mir ënnerstëtzen awer op alle Fall sämtlech PDSe vun deenen 8 Schoulen a wënschen hinne Bonne Chance fir déi Saachen ëmzesetzen.

Ech wollt awer op verschidde Kriticken agoen, déi vun de Schoule geäussert ginn. Wat ëmmer rëmkënnt an Dir hutt och keen Heel draus gemaach, Här Weis, dat ass de Mangel un informateschem Material. Dat heescht awer datt d'Schoulen, déi laut Plan d'Etude gehale sinn, de Schüler den Ëmgang mat neie Medien ze vermëttelen, d'Schoulen déi nei Fächer wéi Coding sollen ënnerriichten, dass déi net genuch Material

hunn fir genee dat seriö ze maachen. Hei erëm eng Kéier sinn dann déi Escher Kanner benodeelegt. Wou grad hei bei eis, vill Familljen doheem si, wou grad dat Material net ass. Dat do huet sech och beim Homeschooling gewisen, dass do awer Eltere waren, déi net doheem esou ausgestatt sinn, datt d'Kanner konnten ideal mat esou Material schaffen. An grad hei, mengen ech, ass awer déi ëffentlech Schoul gefuerdert fir do anzegräifen an deem Beräich an do déi Ongläichheeten domadder e bësse probéieren auszegläichen.

Ech mengen net, datt et hei drëms geet, jidder Schüler e Laptop oder en Ipad zur Verfügung ze stellen, mee ech mengen, et misst awer méiglech si vir dat an all Klassen, respektiv Schoulen, genuch Material ass fir seriö déi Saachen ze maache wéi déi, wéi gesot, och am Plan d'Etude stinn. Dat si Fächer déi solle gemaach ginn an dat soll och da kënnen ëmgesat ginn. Dat wier hei da méi Schoultermen, a wat och hei drasteet, vill Enseignante maache Weiterbildung an deem Beräich a kënnen net dat do ëmsetze wat se do gesinn hunn. An fir bei de Schoultermen ze bleiwen, ech mengen, datt hei den Escher Schafferot seng Hausaufgaben nach net gemaach huet.

Wat och erëmkënnt, ass ee Manktem u Plaz. Dat heescht u Säll, dat heescht u Säll, déi grouss genuch si fir kënnen op Schoulen opzedeele, fir kënnen nach méi kleng Gruppen, méi kleng Klassen ze maachen, fir kënne richteg ze schaffen.

Dat liest een natierlech grad bei 2 Schoulen, déi dringend missten der aktueller Situatioun ugepasst ginn, dat ass d'Groussgaasschoul an den ale Lycée. Bei der Groussgaasschoul ass déi geplangte Renovatioun bekanntlech aus dem Budget gestrach ginn. Beim ale Lycée ass näischt aus dem Budget gestrach ginn, well et stoung guer net dran. Dat gëtt säit Jore vergiess, obschonn dat virun 10 Joer schonns eng Kéier Iddie waren, do stoung et schonns am Budget dran, et ass awer ni ëmgesat ginn. A grad do hunn mer ganz schlechte Schoulraum, deen ze kleng ass, dee kenge modernen Uspréich entsprécht an dee gëtt awer net ugepasst. Opfalend ass, dat

och leider grad do wou mer am Zentrum, wou mer Kanner hunn déi souwisou benodeelegt sinn, par Rapport zu anere Kanner, dass do am Mannsten an eis Schoulen investéiert gëtt.

Bei de Schwächten oder Schwiereregkeeten erwänen och vill Schoulen de Fait, dass se op verschidde Sitten opgedeelt sinn. Dat ass natierlech d'Resultat vun der jorelaanger Schoulpolitik vun den Annexe, déi hat ech schonns erwänt. An dobäi sinn ech bei der Brouschoul op dee Saz gestouss, dee seet, all Gebai huet seng eegen Identitéit an seng eege Visiounen. Dat ass interessant, well dat jo grad Ziel vun de PDSen ass, eege Visiounen, eegen Identitéit ze schafen. Mee hei ass d'Schwächt awer dat déi verschidde Gebaier awer zu enger Schoul gehéieren. Sie soen notament, datt et schwéier ass, de Kontakt zu de verschiddene Gebaier ze kréien an dann och den Interêt vun deene verschiddene Gebaier ze garantéieren. Eent vun deene Gebaier ass d'Schoul op de Kläppen, wou mir vun Ufank un gefuerdert hunn, datt dat eng eegen Entitéit soll gi, well se och all de Krittären, och deene vum Gesetz, entsprécht, déi erfëllt, all Cycle ass vertrueden, et gëtt och eng eege Maison Relais. An dat kéint duerchaus eng eegen Entitéit sinn an esou funktionéiert an dofir meng Fro un de Schoulschäffen: soll een op dëser Plaz net genee dat envisagéieren, well dat der betraffener Equipe géif méi Fräiheete gi fir sech weider ze entwéckelen.

En anert Thema wat eis um Häerz léit, wéi Der wësst, sinn d'Secteurs. Mir mengen, datt et hei zu Esch Potential gëtt fir déi anescht opzedeelen, mam Zil méi eng Diversitéit a Mixitéit eranzekréien. Well grad déi zu méi Erfolleg vun all Schüler féiert. Am leschten Oktober, Här Weis, hat der an Aussicht gestallt, dat grad dëst misst gemaach gi dee Moment wou Wobreckenschoul opgeet. Dofir meng Fro, gëtt schonns dorunner geschafft? Wien soll déi Aarbecht maachen? An ganz wichteg. Wat si Krittäre wou des Opdeelung solle gemaach gi? Ech hoffen, dat dat net nëmmen Zuele sinn um Papéier fir dat dat herno opgeet a fir Kanner iwwerall ënnerbruecht sinn a fir dat déi ze kléng Nonnewissenschoul ent-

laascht ass, mee dat do wierklech Richtung Mixitéit iwwerluecht gëtt. Wéi mer ee bësse kennen un dem Ganze kennen dréine fir do eng kleng Verbesserung kennen eranzekréien, déi ech mengen awer eis géif hëllef dat et weidergeet.

Zu de Maisons Relais gi ech herno nach eng Kéier an, dat kennt jo op engem Punkt duerno hunn ech gesinn. Dir mierkt dat mer net alles schlecht fanne wat der maacht, munches zuguer ausdrécklech begrëssen. Ech mengen dat den Här Weis munch Kritik déi ech geäussert hunn deelt. Ech stelle jo och fest, dass sech munches an eng gutt Richtung verännert. Mee et geet eis nach net duer fir eng grondleeënd Verännerung an déi néideg Wäitsicht ze erkennen, dofir stemme mir dëst Joer Schoulorganisatioun nach net mat. Mee wéi ech virdu schonns gesot hunn, gi mir allerdéngs deenen 8 PDS'n eis Zoustëmmung. MERCI.

Mischo Georges:

Merci Här Biltgen, dann d'Madamm Spautz.

Spautz Vera:

Merci. Virum allem mol e grouss Merci un d'Schoulkommissioun, un de Schoulschäffen natierlech an awer och un all d'Léierpersonal an insgesamt u jiddereen dee vun no oder vu méi wäit an de Schoule schafft, genausou wéi an de Maison Relais. An ech mengen, dee Merci muss dëst Joer ëmsou méi grouss sinn, no deenen zwee Joer déi se alleguerten hannert sech hunn, 1,5 Joer déi se hannert sech hunn am Kader oder wéinst COVID. Et ass eis alleguerte bewusst, wéi schwier et war Schoul ze halen oder och net ze halen, wou vun doheem aus huet misse Schoul gemaach ginn. An wéi schwier d'Ufanksphase war, net nëmmen hei zu Esch, mee fir jiddwereen, mee iwwerall, an déi, déi Kanner hunn, déi hunn et direkt matkritt, wou d'Problemer leien, wann ee keen Ipad hat oder een Handy fir 3-4 Kanner, wann een an enger klenger Wunneng sëtzt,

net erauskënnt. All déi Problematike wou d'Maison Relais zou waren. Also dofir e riseg grouse Merci un alleguerten déi Leit, déi probéiert hunn, hiert Bescht ze maachen.

An der Schoulorganisatioun, déi ee mat vun de wichtegste Punkten am Joer vum Gemengerot ass, geet dat wierklech och eraus. Besonneschen och an den PDSen. Awer net nëmme d'Positioun eleng duerch de COVID. PDSe si jo op méi Joren opgebaut an et fënnt een awer do eng ganz Réi Saachen erëm, déi een och soss erëmfonnt huet, och déi Jore vir-drin. Ech mengen et ass op een Thema elo virun allem agaange ginn, dat war de risege Manktem un informateschem Material a besonnesch deen an de Schoulen. An do misst eigentlech jiddereen draus geléiert hunn, duerch déi Situatioun déi mer hunn, mat Corona, mat Covid, datt dat eng absolut Prioritéit muss ginn. Fir datt de Kanner esouwuel wéi dem Léierpersonal déi beschten Ënnerstëtzung zoukënnt fir net nëmme Schoul iwwer déi Medien ze halen. Ech mengen, dat wier och falsch, awer fir alles préparéiert ze sinn an och fir an der Informatik an dat ganz informatesch Material fir sech un d'Digitalisatioun unzepassen. Dofir ass et schonns ganz speziell, muss ech lech soen, wann dann de Minister Meisch elo dohinner geet an ee Fach eng Stonn laang aféiert am Secondaire, an de Lycéen e Pilotprojet mëscht, wou een eng Stonn dann Digitalisatioun mëscht, eng Stonn um Schoulplang huet an dofir dann eng Stonn soll ewechgeholl ginn op engem anere Plang. An do wësse mir alleguerte wou et dann erëm dru scheitert, wou se soll ewechgeholl ginn. Et wäert oft bei Sport sinn oder bei anere Fächer, déi dann net als esou wichteg empfonnt ginn. Also dat ass a mengen Aen eng Logik déi net kann esou weidergedriwwen ginn, ëmsou méi wou eben aus dem Primaire an och aus dem Fundamental eraus sech Problemer weisen.

Et steet och, also ech mengen den Observatoire so- zial ass jo eng Opnam vun der Situatioun, et ass eng Analyse vun der Situatioun, an et steet och do dran, datt och hei zu Esch eigentlech Kanner sinn, déi méi spezifesch Besoinen hunn wéi zum Beispill

an anere Gemengen. An genau dat misst de Punkt sinn, genau dat, an dat ass ëmmer erëm an ëmmer erëm gesot ginn a gefuerdert ginn, an och vun deene Schäfferéit vir-drin, dat Esch eng spezifesch Situatioun huet an dat mat Kanner mat spezifesch Besoinen an datt de Ministère d'éducation deem endlech misst Rechnung droen. Awer esou Rechnung droen datt déi eenzel Gebaier, Entitéiten, vill méi kënnen ubidden a schaffe fir eben alleguerten deenen Ureegungen déi och elo aus deene PDSen ervirgaange sinn, endlech gerecht ze ginn.

Wann zum Beispill do steet, dat informatesch Material wichteg ass, datt dat muss ausgebaut ginn, da misst een sech och eventuell iwwerleeë wa mer da vum Ministère, esou hunn ech dat mol verstanen, net allze vill finanziell Ënnerstëtzung wäerte kréien, datt mir als Gemeng dofir musse méi investéieren, an dat als Prioritéit dann och setzen.

Et ass ee Problem op deen och higewise gëtt an de PDSen, dat ass dee vum Appui, Nohëllef, Hausaufgaben, dee weiderhi besteet, deem mer mussen absolut Rechnung droen hei zu Esch, well dat fir ganz vill Kanner e ganz grouse Problem ass, an e Besoin ass, datt een déi muss ënnerstëtzen. Déi Diskussioun ass och ëmmer erëm gefouert ginn, datt wann se an eng Maison Relais ginn, net datt do d'Personal dofir zoustänneg ass aus der Maison Relais, an da dorop zeréck komme fir och nach déi Hausaufgabenhëllef, de Rescht Rattrapage ze maachen. Mee datt een do aner Weeër an aner Moyeen fanne muss, dat eis Kanner och hei zu Esch déi Nohëllefstonnen kréien, oder deen Appui deen hinnen zousteet.

Sproochen, mengen ech, déi ginn ëmmer erëm an ëmmer erëm ugeschwat. Natierlech ass et ee riseg grouse Problem wann déi Kanner déi mer hei hunn weder hir Mammesprooch gutt schwätze kënnen, nach gutt Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch kënnen schwätzen, wat et jo nach méi schwiereg mëscht. Dat léist eng ganz Réi vu Problemer aus. Mir hunn déi Problematiken dann, déi sech och eriwuer réckelen an aner Fächer, wann ee keng Basis huet, op mannst an enger Sprooch, wann ee keng Basis

huet an de Sproochen an der Schoul sech och kënne weider ze entwéckelen.

Ee Punkt ass mer opgefall, an dee muss onbedéngt, onbedéngt erausgeholl ginn an de PDSen an dat hunn eng ganz Réi Schoule geschriwwen, an dat ass d'Zesummenaarbecht mat de Maison Relaisen. Dat gött gefuerdert an, an eisen Aen ass dat enorm wichteg. Et ass jo net esou, datt d'Kanner doheem erausginn, si ginn an d'Schoul an da ginn se mëttes an d'Maison Relais, an alles ass vun enee getrennt, eent vun deem aneren. Matt dem Personal vun de Maison Relaise muss enk zesummegeschafft ginn. Dat gesäit nach net dono aus, well déi Remark a méi PDSen dran ass. Dat sinn net zwou ënnerschiddlech Welten, et ass eng Welt. An et ass net deen do uewen, an deen do ënnen. An ech weess wouvunner ech schwätzen, dat waren oft Diskussiounen gewiescht. Do muss anescht zesummegeschafft ginn. An ech weess net wéi wäit Dir do organiséiert sidd. Et ass jo och de Grupp vun de Verantwortlechen, vun de Chargée vun de Maison Relaisen, op jidder Fall mol an der Zäit ginn. Wier et net méiglech, mat deene Schoulen, mat deene verschiddenen Entitéiten ze schaffen. Ech denken, datt dat wierklech extrem wichteg ass, besonnesch och elo erëm eng Kéier. D'Kanner erziele jo op der enger Säit Saachen an der Schoul, an dann net an der Maison Relais, an och ëmgedréint, an doheem. An dat ass an eisen Aen an dann och mat den Elteren zesummen, déi d'Kanner dann och siche ginn an op deen zwou Plaze mat deene Leit ze di hunn, entweder mam Léierpersonal oder mat der Maison Relais.

Ech well op ee Punkt agoe wat elo d'Schoulen ugeet, esou wéi et och schonn an der Schoulkommissioun gesot gi war, op eng Fro déi ech do gestallt hat, dat ass d'Jean Jaures Schoul, déi eenzeg Ganzdagsschoul nach ëmmer am Land, déi eenzeg déi esou ee Konzept entwéckelt huet wou dat de Fall ass, hei zu Esch. Déi eigentlech wann een esou kuckt an hirer Evaluatioun, et kann ee soe, gutt Notten huet. An dat wonnert och net, well eng Ganzdagsschoul huet Personal, dat kann d'Kanner vill méi intensiv betreien a ka sech och, ech mengen dat ass bei all

nei Schoul, ech mengen dat war déi éischt déi mir renovéiert haten als eng mat der Maison Relais derbäi, dat muss sinn an Zukunft, an huet mat der Maison Relais ee Konzept ausgeschafft. Et ass jo e Ganzdagsschoulprojet. Virun 2 – 3 Joer war do eng Iddi opkomm gewiescht fir dann déi Maison Relais, fir dat eigentlech méi ze trenne vun där Schoul an do aner Kanner och aus dem Quartier dohinner ze kréie fir Liste d'attente méi kleng ze kréien. A Gott séi dank ass dat awer zeréckgezu ginn, dat heescht den Här Weis huet awer bestätegt, datt dee Konzept vun der Ganzdagsschoul esou bléift, an dat ass gutt a wichteg. Well dat ass eng Eenheet, dat gehéiert zesummen. Dat huet Resultater an dat gesi mer.

Opgrond vun deenen Erfarungen, déi an der Jean Jaures Schoul gemaach gi sinn, lounge et natierlech ganz no wou den Projet Wobrécken ugefaangen huet geplangt ze gi. Ech soen et och nach eng Kéier, ech well do mat engem Märchen opraumen datt de Projet, déi Schoul Wobrécke bei eis am Tirang louch an Där hutt se erausgezunn, wéi Dir dat esou gäre sot, Här Buergermeeschter, déi Schoul ass schonns laang a Planung an d'Iwwerleeung, oder soe mer mol, de Match deen am Ufank gemaach gi ass, war deen, ma mir hätte gären eng zweet Ganzdagsschoul, niewent der Jean Jaures, eng zweet. Dee Match hu mer natierlech beim Educatiounsministère verluer, well gesot ginn ass, dat ass ze deier. Eng Ganzdagsschoul kascht, mee wann een et herno gesäit, et ass eng falsch Rechnung. Eng Ganzdagsschoul kascht méi, dat ass wouer, well och méi encadréiert gött, well méi Personal do ass. Finalement kascht et awer manner, wann ee kuckt wéi den Decrochage ass, wéi déi Kanner betreit ginn. Datt d'Kanner besser Resultater hunn, kascht et manner als dat, wat mir an anere Schoulen vu Resultater gesinn, wou jo da muss méi investéiert gi fir hinnen zousätzlech Coursen ze ginn, Rattrapage, Appui a villes aneschtters. Dofir ass dat eng falsch Iwwerleeung. Wéi gesot, dat ass net ugeholl gi gewiescht deemools vum Minister an doraus ass dann och d'Iwwerleeung entstanen an Richtung Inclusiounsschoul ze goen.

Fir d'Inclusiounsschoul huet och en Aarbechtsgrupp

schonns existéiert an ech mengen, Där wësst dat, an dat ass dann och direkt meng Fro un Iech Här Weis, parallel dozou gëtt jo d'Maison de soins Elysis do gebaut, an d'Iwwerleeung war jo genau déi gewiescht a fir d'Planung och mat deenen zesummen ze schaffen an Aktivitéiten ze maache wéi et och op ee puer Platzen de Fall ass, wou Schoule bei engem Altersheim sinn. Oder ech huelen de Projet Brillschoul déi matt der ALA zu Esch Pro- jeten entwéckelt hunn, wou Kanner da bei déi Leit gaange sinn an hire gemeinsame Geméisgaart.

Och dat ass eng Iwwerleeung gewiescht, wou den Elysées-Direkter direkt mat op de Wee gaangen ass a gesot huet, mer wëllen dann ee gemeinsame Park hei entwéckelen, fir eis ze gesinn, Projeten oder Aktivitéiten ze maachen. Wéi gesot, un deem Projet ass permanent vill geschafft ginn, an ech mengen, Dir wësst et selwer, déi déi deemools am Gemengerot waren, wéi schwéier déi Diskussiounen munchmol ware mat de Ministèren, déi kritt Dir am Moment mat.

Inclusiounsschoul, JO! Ech well awer och op déi Bemierkung agoen, déi den Här Biltgen gemaach huet, eigentlech sinn all d'Schoulen Inclusiounsschoulen. Datt hei awer elo en anert Konzept mat entwéckelt gëtt, war och zum Beispill dowéinst, well d'Jean Jaures Schoul e bemol Kanner mat spezifische Besoine geschéckt kritt huet, wou e bemol alles dohinner komm ass. An dat sollt jo och dee Projet net sinn, an et muss och do gekuckt ginn, dass de Konzept hei elo net deen ass, datt mer eng Schoul hunn, wou nëmme Kanner mat spezifische Besoine wäerten higoen an do Problematiken eventuell mat Elteren entstinn.

Ech well dann och op d'Bëschklasse ganz kuerz agoen. Bëschklassen ass ee Super Projet. Ech well awer dorop hiweisen, dat e scho säit 2016 besteet. D'Iddi war vun zwou Léierinnen aus dem Brill ausgegangen, an dat war ee Precosse an eng Spillschoul, mengen ech. An déi zwou Léierinnen haten d'Konzept matgeschriwwen gehat, déi hunn sech enorm enorm engagéiert gehat an déi deemools nach mat méi

schwierige Moyene Schoul do uewe gehalen an déi hunn eng onwarscheinlech, onwarscheinlech gutt Aarbecht gemaach. D'Diskussioun ass och schonns gelaf, fir aner Klasse mat bäi ze huelen, awer hei kommen och ëmmer erëm Iwwerleeungen, wat geschitt no deem Cycle, wann déi Kanner erëm an déi aner Schoul musse goen? Dat ass eppes wat ee sech enorm gutt muss duerch de Kapp goe loossen. Esou Projete sinn absolut wichteg, ubruecht haut, eng aner Form vu Léieren, absolut wichteg. Awer et muss een natierlech alles op den Dësch leeën a kucke wat hëlleft a wat hëlleft eventuell net, oder wou gi mer ausgebremst well mir menge mir géifen eppes Guddes maachen, a finalement schued et awer de Kanner, wann se da awer missten an eng aner Schoul iwwerwiesselen. Wéi gesot, d'Iddi ass weider gutt.

Den eenzege Problem dee mir mam Site haten, an deen hu mir oft hei gesot, ass deen, dass d'Ëmwelterziehung zum Opfer fällt vun enger Maison Relais, dat ass eise Problem gewiescht. An dozou sti mer och, a sti mer nach weider. An esou gesi mer et, an dann ass dat och esou an der Schoulkommissioun diskutéiert ginn.

Et muss alles gemaach gi vir dat och Net- Lëtzebuerger Kanner vun där Offer musse kënnen profitéieren. Dee Problem ass et gi schonns an der Bëschcrèche. Dat ass wouer. Och si hunn déi Erfahrung misse maachen an haten hir Konzepte e bësse geännert. Och do muss een anere Wee fonnt gi fir anescht un d'Eltere kënnen ze kommen. Ech weess net, op d'Elteren, déi owes schaffen um Bau oder am Nettoyage an esou weider, op déi gewëllt sinn, dann nach op eng Porte ouverte ze kommen. Ech mengen, et muss een einfach eng aner Kommunikatioun sichen. Ech mengen, do ginn et Weeër an do wäert Dir ganz sécher de richtege Wee fannen.

Wa mer vun der Lentille Terres rouges ausginn, do stellt sech fir eis genau déi selwecht Fro. D'Lentille Terres rouges ass schonns e puer mol ugekënnegt ginn, do kënnt eng Schoul hinner a mir géifen de Konzept hei virgestallt kréien am Gemengerot.

Dat ass bis elo net de Fall. Dat eenzegt wat awer weiderhin ass, a wat awer ganz vill diskutéiert gëtt, oder Rumeuren, ech weess et net, dat ass datt fir d'Lentille Terres rouges eng International School geplangt wier. An dat wier enorm wichteg dat ze diskutéieren, well d'International School, JO, mer waren och hei zu Esch dofir. Si sinn am Victor Hugo, also, falls dat de Projet soll sinn. Awer da muss eng aner Zesummenaarbecht, mengen ech, stattfannen, och mat der Gemeng. An da muss de Minister awer absolut méi Personal zur Verfügung stelle fir déi Schoulen, well do huet sech awer och an deene leschten 2 – 3 Joer eppes ageschlach wou Léierpersonal Schoul hält, wat net mam Thema ze dinn huet, dat se der net genuch hunn an dat aus den ënnerschiddlechste Beräicher Leit do Schoul hale, wat iwwerhaupt net hiert Thema ass.

Also Lentille Terres Rouges, ass et dat, gëtt et dat? An wann net, denken ech awer och nach eng Kéier International School. Mir hunn et ëmmer als Randnotiz bei der Schoulorganisatioun derbäi. Et kommen esou vill Leit dran, et kommen esou vill Kanner dohinner, mee et ass awer eng Escher Schoul. Et ass awer eng, déi mir deemools geholl hunn an ech fannen, do misst vill méi Austausch sinn. Ech mengen, et ass an eiser Gemeng, mir hunn dat deemools ënnerstëtzt, och nach weider fannen ech. Awer den Dialog muss en anere ginn.

Déi selwecht Fro stellt sech natierlech fir d'Neiduerf. Och do hunn mer d'Fro: Wéi gesäit et aus, wéini kënnt do de Projet? An dann idem: Wéini kréie mir do de Projet virgestallt? An dann ënnerstëtze mir absolut déi Iddi datt Kläppe muss eng eegestänneg Schoul ginn. Also ech well villäicht eng Kéier drop agoen, mee dat weess jiddwereen. Mir hunn hei zu Esch bestoende Schoulraum, al Gebaier, déi no an no renovéiert ginn a wou et enorm schwierig ass, en Ëmbau, oder Bäibau oder wéi och ëmmer kënne virzehuelen, deemno wou se leien ass dat iwwerhaupt net méiglech.

An dann hu mer Schoule wéi eng Grouss-gaassschoul z.B. wou eis den Terrain ronderëm eng zäitlang guer

net gehéiert hunn. Wou e huet missen ofkaf ginn, wou spekuléiert ginn ass, d'Gemeng keeft e jo. All déi Erfarungen, déi maach der, wou et da schwéier ass, esou eng Schoul bäizebauen oder ze renovéieren. An da si mer mam Problem konfrontéiert, datt do wou mer de Schoulraum eigentlech brauchen, am Zentrum et eigentlech praktesch keng Méiglechkeete gi fir eppes kënnen ze bauen, keen Terrain hunn oder wéi och ëmmer. Dofir sinn natierlech déi Iddien op den Terres Rouges, Esch/Schëffleng, direkt Schoulen hin ze bauen enorm wichteg a bei neie Schoule muss dat mat geplangt ginn.

Ech wëll da parallel nach eng Kéier hei als Iddi mat erageheien, et ginn zwee Site weiderhi matten an Esch, am Zentrum, well do dee gréisste Manktem ass. Dat ass weiderhi beim Parking Sânt Joseph, wou schonns Iwwerleeungen a Planunge gelaf sinn. An de Cactus Lalleng, den Terrain, also dee bestoenden, op der Lëtzebuerger Strooss. Dat wier nach potentiell Site. Dir kritt selwer mat, wéi schwierig et ass, iwwerhaupt iergendeppes ze fannen. An et kann ee jo net dohinner goen an eng Schoul bauen, déi op 20 Stäck an d'Luut geet, den Terrain muss schonns deementspriedend grouss genuch sinn. An mir wëilten dat dote ganz einfach nach eng Kéier erabrénge.

Dir kommt jo herno nach eng Kéier op de Rapport vun de Maison Relais zeréck, Här Weis?

Villäicht dann als Fazit. Ech fannen, dat mer als Escher alleguerten, wierklech mer all, mir musse vill méi fuerderend géigeniwwer vum Minister sinn, mir hunn dat schonns gemaach, nach méi fuerderend oprieden. Dat mer wéinst eiser Situatioun, an ech denken, eng ganz rei Saache ginn och aus den Analysen aus dem Observatoire sozial eraus, dat do Konklusione sinn, mir musse méi Geld an de Grapp kréien. Mir musse vun der Educatioun vill méi Geld kréien. Ech muss soen, datt ech ëmmer méi Problemer hunn mat deenen Aussoe wéi alles gerechent gëtt, Chaisen, pro Chaise kritt een esouvill, pro Bett kritt een esouvill, pro ... Ech verdroen déi Diskussiounen net méi. Wéi ginn do Leit ofgestempelt,

wéi ginn do Kanner ofgestempelt? Dat huet sech awer esou ausgebreet, mir schwätze mol net méi iwwer Leit, iwwer Mënschen. An dann awer alles wat un deene Chaisen hänkt net berécksiichteg gëtt oder net genuch berécksiichteg gëtt. Ech fanne mir mussen do enorm fuerderend ginn an ech menge fir ze soen, mir brauche fir 20 % vun de Chaisen esou an esou vill Geld a fir 80 % ass et de Soutien dee muss ausgebaut ginn, also ech menge ... Mir brauche fir se alleguerte méi finanziell Ënnerstëtzung. An wierklech och an der Richtung, dat et weider a Gemengenhand bleift an net wéi et am Moment ausgesäit, dat Privatisierungstendenzen entstinn.

Mischo Georges:

Merci Madamm Spautz. Just als kleng Info well d'Madamm Spautz dat elo grad ugeschwat huet. Den Terrain Cactus an der rue de Luxembourg gehéiert net der Gemeng Esch. Dat heescht, deen ass am Besetz vum Cactus. An do wäerte mer wuel kaum Matsproocherecht kréie fir do eng Schoul hin ze bauen, wuelwëssend dat och um Site Esch/Schëffleng herno 3 Primärschoule virgesi sinn am Moment, plus 1 Lycée. Dat ass dat wat am Moment d'Regierung bis elo an engem Konzept elo mol virgeschloen huet, 3 Primärschoulen an 1 Lycée. Dofir géif ech dovunner ausgoen, datt um Terrain vum Cactus Lalleng näischt entsteet. Mee ech sinn och elo kee Prophet, mee dat kann ech mer schwéier virstellen. Gutt. Dann ass et un der Madamm Ragni.

Ragni Mandy:

Merci Här Buergermeeschter. Merci Här Weis fir d'Präsentatioun a Merci awer och un d'Madamm Chantal Schöttter an un de Laurent Zimmer fir d'Schoulorganisatioun, wat all Joer ëmmer erëm eng immens grouss Aarbecht ass an wou eigentlech esou bal d'Schouljoer schonns eriwuer ass, ee schonns erëm domadder beschäftegt ass, dat neit Joer ze plangen.

E bësselche manner chaotescht Joer geet un en Ënn an awer wëll ech och hei nach eng Kéier ervirhiewen, den Enseignanten, den Educateuren an awer och virun allem de Kanner Merci ze soen. An och alleguerten deenen Acteuren, déi et erméiglecht hunn, dass d'Kanner erëm hunn dierfen e bëssen Normalitéit an hiert Liewe kréien an och erëm nees konnten an d'Schoul goen.

Wat bedeit eigentlech Schoulhalen an der Pandemieszäit? Ma et bedeit selwer léiere Schoul ze halen oder Kanner ze betreien, esou wéi een et net geléiert ginn ass a senger Ausbildung. Et bedeit eng grouss Flexibilitéit ze hunn an zu all Moment disponibel ze sinn, op dat Fräizäit ass, op dat Weekend ass, op dat owes ass, et ass net op d'Auer gekuckt ginn. Et bedeit awer och, déi selwecht Verantwortung ze hunn fir déi Kanner. Well als Enseignant, als Educateur huet een awer eng gewësse Verantwortung fir déi Kanner an der Hand an et well een hinne jo eppes mat op de Wee gi fir d'Zukunft.

Och eng grouss Zesummenaarbecht war hei gefuerdert, déi hei awer mat enger Bravour gemeeschtert ginn ass an déi wierklech nëmme luewenswäert ass, an ech hoffen, dat et och an Zukunft weider esou geet, dat déi Zesummenaarbecht tëschent all deenen Acteuren déi an der Schoul intervenéiert sinn, dat déi och esou weidergefuer gëtt.

Ech kënnt nach etlech Zäit esou verbrénge fir déi Saachen opzezielen, mee ech denke mir loossen et einfach emol hei esou stoen.

D'Leit, d'Kanner an d'Educateure fänken all u midd ze ginn. Midd well des Pandemie einfach vill ze vill laang dauert. Midd ze ginn op psychologescher Basis an dofir begréissen ech et ganz, datt eng Brouschoul z.B. esou e Bien-être drastoen huet. Well eigentlech ass de Bien-être op der Aarbecht, de Bien-être an der Schoul fir d'Kanner, dach dat Wichtegst, well et verbréngt een awer ganz vill Zäit do. Begréissend wär eigentlech wann dee Bien-être net vun elo vun Enseignant, geschweigs dat elo ganz luewenswäert ass, dat een sech iwwerhaupt déi Ge-

danke mëscht fir no enger Pandemie esou eppes op d'Been ze stellen. Mee ech denken, datt et och um Ministère ass, einfach emol wierklech an déi dote Richtung ze goen an och ze kucken, datt an deenen anere Schoulen esou e Bien-être kéint Entstoen. Et gi jo och Labelen, de Well-being Label, ech kennen dat och nach duerch déi zukünfteg Schoulen, déi geplangt sinn. Dofir och vun eis nach eng Kéier e grouse Merci un alleguerten d'Acteuren.

Déi nächst Rentrée steet virun der Dier an do freeë mir eis ganz besonnesch op de Projet Waldschoul an och d'Bëschklassen. An et freet mech awer och hei ze héieren, dass och Leit hir Meenung änneren an datt se un sech dat heiten awer als ganz flotten an innovative Projet gesinn. Well d'Waldschoul an d'Bëschklasse muss een awer als Eent gesinn, an och d'Maison Relais, wou den Här Weis herno nach eng Kéier wiert drop kommen, déi herno an der Waldschoul do entsteet, dat muss een als Eent gesinn. Well dach schaffen déi Leit alleguerten zesammen an oft och mat deene selwechte Kanner, déi dann awer mol an d'Bëschklass ginn oder an eng Maison Relais ginn. An dofir freet et mech hei einfach ze héieren, datt och hei Leit hir Meenung änneren.

De Projet Waldschoul war bal wéi de Projet Seelbunn, deen all Gemengerot hei héieren huet an dee mech och mol deen een oder anert grot Hoer hei kascht huet. Mee gutt, Ende gut, alles gut. Ech denken och an ech deelen och déi Meenung, dass ee Mixitéit einfach férdere muss vun de Kanner déi eben och a Bëschklasse ginn, déi an eng Bësch Maison-Relais ginn, dat een déi Mixitéit einfach férdere muss.

An ech denken, dass et och elo wann dat ganzt ugeet, et kann iwwer Enseignantë och mol mat deenen am Gespréich sinn. Ech mengen, déi kënnen d'Kanner an déi och do villäicht mol recommandéieren, an och mat den Eltere Gespréicher féieren, fir deenen dat och wierklech mat op de Wee ze gi fir se dann eventuell an eng Bëschklass oder an eng Bësch Maison Relais ze ginn.

Ech denke fir d'Waldschoul, wann een awer mol

déi eng oder aner Photo gesinn huet, sinn déi Renovatiounsarbechte méi wéi néideg gewiescht an ech denken, dass de ganze Projet einfach och eng Erfrëschung gebraucht huet.

Ech well awer och hei nach eng Kéier ervirhiewen, ech hat virdrun esou ee Saz héiere wéi, des Majo-ritéit huet et net fäerdeg bruecht eng Schoul opze-machen. Ech well awer do eng Kéier kuerz erwänen, datt et 3 Joer elo hier sinn, dass eng nei Majoritéit komm ass, dertëscht léien 1,5 Joer Pandemie. Also ech mengen, een deen emol en Haus renovéiert, weess jo eigentlech wéi laang et dauert bis een dann esou eppes op d'Bee gestallt huet an dat dann och gebaut huet. An ech mengen, en Haus ass och guer net mat enger Schoul ze vergläichen. An ech denken, datt een dat awer och berécksiichtge muss, dat een do 1,5 Joer awer trotzdem blockéiert war.

Mech freet et einfach och ze gesinn, dass mer an de September erastarten mat deem neie Projet. Dass Kanner vill méi vun der Natur kënnen profitéieren. Well wann eis eppes bewosst ginn ass an dëser Pandemie, dann ass et wéi wichteg eis d'Natur an eis Bëscher sinn. Ech mengen, et huet ee bal op all sozial Netzwierker gesi wien alles Autopedestren duerch d'Land gemaach huet an d'Leit einfach erëm Freed kritt hunn, an wéi Kanner erëm Freed kritt hunn fir duerch Bëscher ze goen an sech do erëm nei ze entdecken a kreativ ze ginn. An dat ass wierklech eppes immens Begréissenswäertes, dass d'Leit erëm vill erausginn an och hir Kanner mathuelen. An d'Kanner och villäicht erëm der Natur méi no sinn. Wéi gesot, d'Kanner sinn eis Zukunft a wann een deenen dat schonns vu Klengem u mat op de Wee gëtt, dann denken ech, datt dat och herno einfach eng Educatiounssaach ass, wéi een dann och besser op d'Natur an op d'Bëscher oppasst. An ech denken, datt dat doten och genau dat ass, wat geschitt, wann se an d'Bëschklasse ginn an an eng Bësch Maison Relais ginn oder an der Ëmwelterzéiung. An ech denken, dass mer hei wierklech um richtege Wee sinn. Ech freeë mech op dëse Projet, ech freeë mech fir déi Escher Kanner. Ech freeë mech

fir déi Familljen déi dovunner kënne profitéieren an ech wënschen all den Enseignanten alles Guddes am September, an der Hoffnung datt mer mat e bësselche méi Normalitéit an ee bësselche manner Chaos kënnen an dat neit Joer starten.

Ech soen iech Merci.

Mischo Georges:

Merci Madamm Ragni. Da géif ech den Här Cavalheiro bäischalten. Den Här Cavalheiro huet d'Wuert.

Cavalheiro Bruno:

Moien alleguerten. Här Buergermeeschter, villmools Merci fir d'Wuert.

Ech wëll vun eiser Fraktioun, natierlech och hei eng Interventioun maachen. Zu der Schoulorganisatioun wëll ech hei e puer Wieder och soen. Fir d'éischt emol natierlech fir de Service vun der Schoulkommissioun ënner der Madamm Schoetter an och fir Maison Relaisen, den Här Zimmer, e grouse Merci soe fir des Organisatioun. Ech mengen, et gouf schonns villes gesot an deem doe Beräich.

Ech menge, mir wëssen alleguerte wat mer hannert eis hunn. Natierlech e Schouljoer, dat net onbedéngt ugefaangen huet ënnert deene beschte Prämissen. E lescht Schouljoer an deem natierlech ganz ganz vill debattéiert ginn ass driwwer, wéinst dem Corona, wou all eis Servicer hu missen an der leschter Minutt intervenéieren, datt d'Kanner esou mann wéi méiglech matkritt hunn iwwert d'Schwieregkeeten déi mer am Laf vum Joer haten.

Déi Problemer waren net reng nëmme fir d'Kanner, natierlech déi éischt déi do drënner gelidden hunn, mee awer och fir d'Léierpersonal, dat selwer, wéi Madamm Ragni et virun och schonns gesot huet, och huet missen e Schouljoer réaliséiere mat Konditiounen, déi se net gewinnt waren, woufir se och net forméiert sinn. An awer well ech hinnen

hei perséinlech, an am Numm vun eiser Fraktioun, Merci soe fir deen Engagement, well ouni Engagement hätten se an sech dat ganz net gemeeschtert. Natierlech och hannendrun all eis eenzel Servicer, déi och déi Mesures sanitaires erméiglecht hunn, fir déi schnell en Place ze setzen a ganz oft och esouguer éier mer Indikatiounen kritt hate vun de Ministèren, vum Gesondheetsministère, déi awer schonns verschidde Saachen an déi richteg Weeër geluecht haten.

Covid erkläert net alles, mee ass natierlech ee grouse Faktor gewiescht vun deem Joer, dat mer hannert eis hunn. Domadder hoffe mer elo, datt zumindest dat nächst Schouljoer ënner bessere Prämissen kann ugoen, datt een zumindest eng roueg Rentrée ka kréien an datt mer domadder am Fong geholl och de Kanner déi beschtméiglech Konditiounen gi fir hir Schoulkarriär unzegoen an domadder och déi beschte Schoulresultater kënnen ze erreechen.

Kloer, wann mer vu Resultat schwätzen, muss een hei ganz Villes erwänen. Mir si sécherlech net als Gemeng responsabel fir de Programm, ech mengen dat ass net eis Missioun, mir mussen ebe just kucken dat d'Kanner déi bescht Locatioun hu fir d'Schoul.

Datt se Schoulmaterial hunn, dat neidesch mécht, datt Enseignanten do sinn, datt alles organiséert ass, datt se gutt encadréiert sinn. Datt se och déi néideg Konditiounen kréie fir parascolaire Aktivitéiten kënnen ze hunn. Dat gläichzäiteg den Environnement ronderëm d'Schoul och stëmmt. Datt och Maison Relaisen do si fir se ze encadréieren no de Schoulen etc. etc. Ech mengen, do ass ganz Villes wat wichteg ass an engem Schouljoer an dofir wëll ech och hei dem Här Weis wierklech felicitéieren, well ech spieren et ëmmer méi wann ech am Kontakt si mam Léierpersonal, mat verschidden Direktoren vu Schoulen, respektiv mat den Elteren, datt ganz Villes um gudden Wee ass an dass mer an déi richteg Richtung ginn. Eng konziliant Persoun, déi och do de Kontakt sicht a kuerz Weeër versicht anzegoe fir Léisungen un déi eenzel Problemer déi mer eventuell hunn, fir déi och kënnen ze léisen. Dofir an deem

Sënn, schafft esou weider. Ech mengen, dat geet an déi richteg Richtung an d'Léit appreciéieren dat.

Bon, ech mengen, Material, Gebailechkeeten, dat ass natierlech eng Problematik déi net vun haut ass, net vu gëschter. Ech mengen, dat ass eng Saach déi ze dinn huet mat Visiounen, a quitt datt mer an deenen eenzelen Interventiounen net vill Kritik héieren hunn, ech géif esouguer soen, datt mer zimmlech an eng Richtung déi Interventiounen héieren hunn, déi awer och appreciéiere, wat de Moment och gemaach gëtt. Déi eenzel kleng Kriticken, si Kriticken déi mer och selwer kënnen akzeptéieren, well mir och selwer mierken, datt do nach verschidde Saache sinn, déi do nach musse verbessert ginn.

Mee wat mech awer stéiert, an do muss ech awer och soen, et misst awer och an der Hand si vu jidderegem, dat Gebailechkeeten, ech mengen et kann een net vun enger Majoritéit sech erwaarden an 3 Joer fir fix a fäerdeg Schoulen do ze hunn, wou mer derbäi wëssen, datt dat e Problem ass deen awer scho rekurrent ass. Datt dat e Problem ass, dee schonns Joerzëngten al ass an datt ganz Villes ni ugepaakt ginn ass, dat ganz Villes mat Ploschterpolitik ugepaakt ginn ass an datt een domadder laang Zäit verluer huet an do keng richteg Visioun hat fir déi Problemer à long Terme kënnen ze léisen.

Egal wéi gesi mer awer, dat elo eenzel Projeten ugepaakt gi sinn. Ech mengen, de Projet Wobrécke geet wierklech weider. Bon, quitt datt do e Retard entstanen ass duerch de Corona, mee jiddweree ka jo awer déi Konstruktioun scho gesinn an deemnächst wäert sécherlech och do en neie Pôle si fir eis Kanner, datt deen dann och ka seng Dieren opmaachen.

Bon, mir schwätze vun enger Ganzdagsschoul op deem Site, wou een awer weess, datt ee gréissere Problem schonn do war op deem Quartier fir eng Quartiersschoul. Ech weess net onbedéngt op dat elo d'Léisung wier fir dann elo eng Ganzdagsschoul als Projet ze gesinn. Ech mengen, datt et wichteg ass, fir eis alleguer, datt mer zumindest déi néideg Infrastrukturen hunn, iwwerall an de Quartiere fir

déi Kanner kënnen opzefänken, datt mer de Problem kënne léisen, fir d'Unzuel vu Kanner pro Klass, fir déi kënnen ze reduzéieren. A fir dat mir och de Besoin vun enger Populatioun, déi ëmmer méi grouss ass, kënnen opfänken.

Ech sot dat virdrun, Schoulen, Gebailechkeete feelen eis, dat heescht, et ass schonns e Retard do, an da wann ee weess, datt eis Populatioun nach all Joer weiderwüsst, dat heescht, et kënnt een iergendwéi net direkt no. Mee et gëtt alles an Ugrëff geholl fir d'Problemer kënnen ze léisen.

Eng Schoul am Neiduerf, ech mengen do hate mer jo schonns preliminär Studie gesinn, éischter gesot Etudes de faisabilité. Ech mengen, datt mer deemnächst da wäerten de Projet och präsentéiert kréie wa bis d'Pläng, d'Architektenpläng, fäerdeg sinn. Datt mer och do eng Quartiersschoul kënne kreéieren, déi dem Quartier och wierdeg ass.

Schoule bauen ass net eng einfach Saach wann ee bedenkt a weess, wéi eis Stad opgebaut ass. Ech mengen, mir wëssen alleguer, datt mer net esou vill Terrainen hunn, déi eis erlaben, nei Schoule vun A bis Z kënnen ze plangen an da gläichzäiteg déi eng oder aner kennen ze renovéiere wou d'Base vun de Konstruktiounen et och net esou erlabe wéi mir et gären hätten. Dofir, kloer ass d'Prioritéit den Zentrum. Den Zentrum, dee ganz vill Schwieeregkeete präsentéiert, mee wou et net einfach ass, nach eng Kéier, fir dat do Schoule kënne gebaut ginn.

Ech mengen, mir hu virdu vun de Bëschklasse geschwat, vun der Ëmwelterzéiung. Ech sinn och frou, wéi et virdu gesot ginn ass, datt d'Meenungen sech e bësse geännert hunn an der Tëschenzäit. Bëschklasse sinn elo eng Realitéit. Ech mengen, d'Kanner kréien elo déi Méiglechkeet ënner engem aneren Aspekt Schoul kënnen ze hunn. An domadder mengen ech, datt dat fir eis Kanner eng flott Saach gëtt. Bon, ech wier frou, wann d'Diversitéit vun de Kanner sech géif an deem Projet erëmfannen, mee dat wäert an Zukunft wuel nach besser goen.

Also PDSen, ech mengen, do hu mer haut och schonn déi eng oder aner positive Kriticken de Mueren héieren. Dat ass wierklech gutt. Ech mengen, d'Schoul traditionell halen, dat ass net méi esou zäitgeméiss. Mir musse mat neie Méiglechkeete Saachen um Terrain probéieren, wou mer de Kanner och d'Méiglechkeet ginn, sech aneschtens ze developpéieren. Déi Projeten, déi präsentéiert gi sinn, si fir mech ganz positiv. Déi weisen och Kreativitéit, engersäits vum Léierpersonal, och hir Iwwerleeunge fir Problemer um Terrain kënnen ze léisen, dofir dat doten ass schonns eng ganz gutt Initiativ a mir begréissen dann och, datt dat sech och kann um Terrain materialiséieren. Ech mengen, dat ass dat wat ech hei wollt soen. Ech hunn net vill Kritik héieren. Kritik kann een ëmmer relativiséieren. Wat wichteg ass, ass dat de Wëllen do ass fir op alle Punkten an do wou Kritik ass, ass sécherlech och scho beim Här Weis kloer, datt een do och drop ageet a Léisunge probéiert ze fanne à court terme, à moyen terme, mat enger Visioun fir d'Zukunft, fir kloer eise Schoulpark kënnen ze verbesseren an eise Kanner besser Schoulméiglechkeete kënnen ze gi fir hir Zukunft kënnen opstellen. Merci.

Mischo Georges:

Merci Här Cavalheiro, da ginn ech der Madamm Scholl d'Wuert.

Scholl Dalia:

Här Buergermeeschter, Där léif alleguerten, ech géif dann och mat engem grousser Merci ufänken. Engersäits dann un eis Schoulservicer a virun allem un eis Kanner an eist Schoulpersonal. Mir haten e schrecklecht Joer an awer hu mer eis kënnen beweisen, an awer huet eist Schoulpersonal hiert Beschtméiglecht gemaach fir flexibel kënnen ze sinn an eise Kanner de Wee ze weisen, wéi se kënnen aus där Kriss eraus kommen an awer schoulesch optimal kënnen betreit ginn.

Elo ass meng Fro konkret: Maache mir eng Analyse, oder eng Auswärtung iwwert eis Schwächen an iwwer eis Stärken, déi mer haten elo an der Pandemie? Wéi mer eis nach kënnen verbesseren duerch déi Erfahrungswärter déi mer do konnte sammeln. Dat ass am Fong eng ganz ganz wichteg Saach. A wéi mir dann och ze héiere kritt hunn, ass och ugeduecht fir dat Kanner och solle mat Ipade versuergt ginn.

Mir hunn eng Beschleunegung materlief vun enger Digitalisatioun, déi a mengen Aen ëmmer méi Wichtigkeet wäert fannen. Dofir dann och nach eng aner Fro: Hunn eis Kanner alleguerten een Internetzugang? Dat heescht, wa mer hinnen och Ipade géife mat heem ginn, hunn se dann och d'Méiglechkeet kënnen doheem ze schaffen?

Well, wéi gesot, eise Bildungsminister, deen huet ef fektiv ugekënnegt, dass mer ab der nächster Rentrée en neit Fach kréien, Digital Sciences, dat se am Secondaire classique a general offréieren. D'Kanner freeën sech enorm drop an ëmsou méi wichteg ass et, dat mer eis Kanner elo schonns dorop optimal kënnen preparéieren, op dat wat nach duerno komme wäert.

Esou, da wëll ech awer och nach ganz kuerz op eis Ëmwelt, also op eis Bëschklassen zeréckkommen. Et ass en innovativ Projet. Et ass a mengen Aen e ganz ganz wichteg Projet. Eis Bëscher, ech mengen, mer hunn, a mengen Aen, déi schéinste Bëscher hei aus dem ganze Land. An ech menge mir hunn all d'Bedingungen, déi mer eise Kanner, ech menge fir eise Kanner eng beschtméiglech Ëmwelterzéiung kënnen ze offréieren.

Ech hunn awer e kleng Bemol, deen ech dann awer hunn, oder éischter eng Fro: Wat geschitt mat eise Kanner a punkto Securitét an eise Bëscher?

Mer hu Juegten, mer hunn Klappjuegten. Wéi ginn eis Kanner do am Fong geschützt? Net méi spët wéi gëschter war ech dann och am Bësch, ee groussen Amateur sinn ech vun eise Bëscher, an do sinn ech an engem Naturreservat, sinn ech dann do lafe

gaangen a mech ressourceiere gaangen, an du gouf ech du vun enger Jeep bal iwwer de Koup gehäit, déi dann do de Rampli erofgefuer ass. An do wollt ech froen, sinn eis Kanner, vun eise Leit déi Juegten halen, plus vun eisen Hënn, déi do ronderëm laafen, sinn déi do geschützt? Voilà, dat ass dat Eent.

Wat dann d'Maison Relaisen ubetrefft, do hunn ech och nach eng Fro: Ass et do esou, datt dann effektiv d'Monoparentallen, dat déi do prioritär gehandhaabt ginn, dat déi och eng Plaz an deene Maison Relaise kënnen kréien?

Voilà, ech soen iech Merci a mir stëmmen och där Schoulorganisatioun bei. Merci.

Mischo Georges:

Merci Madamm Scholl. Wa mer schonns vun deene schéinste Bëscher aus dem Land schwätzen.

Soss ass et zwar eng Randnotiz, mee gëschter ware mol fir d'éischt 80 Kanner vun eise Service des Sports an de Bëscher am gaangen ee Rallye ze maachen, a mir freeën eis elo op esou Saachen, Saachen déi soss normal sinn, mee et ass awer flott, datt d'Kanner erëm lues a lues an hiren normalen Tratt erakommen. Voilà. Juegd hoffentlech net bei de Kanner, eng Schnitzeljuegd villäicht Här Hansen, awer keng mat Flënten.

Gutt, da géif ech dem Här Weis d'Wuert gi fir d'Äntwerten..

Weis Christian:

Merci Här Buergermeeschter. Ech soe Merci fir déi flott Diskussioun. Vill konstruktiven Input, dee weist, datt mir an den Iwwerleeungen eigentlech awer all an eng selwecht Richtung denken, am Groussen. Ee Punkt deen erauskomm ass, an dat ass, egal wie Schoulschäfte wier an egal wéi eng Partei hei sëtzt, dat ass wou mer eis alleguerten eens sinn, dat ass, datt d'Schoulpolitik eng konstant Politik ass.

Et wäert ni een Zäitpunkt gi, wou d'To-Do Lescht ofgehaakt ass. Et wäert ëmmer erëm nei Projete ginn, et wäert ëmmer virugoen, an et war och ëmmer esou eng Escher Schoulpolitik an et wäert och esou weidergoen.

Ech huelen ee puer Elementer eraus déi ugeschwat goufen. Ech fänke mat de Bëschklassen un. Et ass eigentlech och d'Iddi fir z'iwwerleeën op een de Cycle 2 ganz kënnt an eng Bëschklass erakréien. Dat sinn Iwwerleeungen, wou mer eis net verschléissen a wou Diskussiounen, mengen ech, gefouert kënnen ginn, wann de Ministère elo gesäit, wéi elo d'Joer 2.1 gefouert ginn ass. Dowéinst suivéiere si et och ganz genau a si interesséiere sech fir de Projet fir sech ze iwwerleeën wéi et weider kéint goen. De Moment wou déi Kanner aus de Bëschklassen erëm an hir normal Klasse kommen, dat wäert onofhängeg op et elo 2.1 oder 2.2 ass, wäert ëmmer eng Kéier kommen. Ech mengen, datt d'Léierpersonal sech däers bewusst ass, an datt dës och an den Iwwerleeungen vum Konzept mat erafléisst, dass et do keen Ecart soll ginn. Et kënnt awer och aus den Etuden déi am Ausland schonns gemaach goufen, kënnt et awer oft eraus, datt deen Ecart, oder déi Diskrepanz, datt deen net esou ginn ass, an dass Kanner awer och eng Facilitéit hu fir sech awer och erëm an den normale System eranzebréngen.

Wat par Rapport vum Schutz, Madamm Scholl, et si Bëschklassen, dat heescht, et wäert net ofgespaart sinn, de Site wou se sinn. Et ass eben, Léierpersonal ass derbäi. Et wäerten hei och ëmmer 2 Enseignante mat um Tour sinn. Mir schwätzen hei vu Klassen déi tëschent 12 a 17 Kanner hunn, esou dat et e responsabelen Ëmgang ass vum Léierpersonal, dat da matgeet. Dat ass awer net anescht an engem Sportveräin, deen an de Bësch erageet. Et bleift ëmmer e Bësch. Et ass dann eben, z.B. bei Klappjuegten oder speziellen Eventer am Bësch, um Personal fir dës ofzeklären a si hu jo d'Méiglechkeet op aner Site auszewäichen dee Moment..

Ech wollt da soen, ech huelen ee puer Schoulen dann duerch. Ech fänke mat der Inclusiounsschoul

un, dat heescht Wobrécke wou geschwat ginn ass, wéi wäit d'Zesummenaarbecht mam Elysis ass. Et ass esou, datt mer elo mol dëst Schouljoer definéiert hunn nach eng Kéier, wie Partnere sinn déi mat an d'Gebai erakommen an hinnen nach eng Kéier ganz kloer erkläert hunn, wou mer hindenken an et war ëmmer kloer, datt Inclusioun net an der Schoul ophält, mee dat déi am Park an um ganze Site mat gelieft gëtt an d'Approche mat dem Elysis soll erëm weider opgebaut ginn an, dass si en Deel vun deem Site si wou net nëmmen d'Schoul ass, net nëmmen den Elysis, mee zum Beispill och eng Crèche a Maison Relais mat dran.

Et ass ganz kloer, et ass d'Permutatiounsgesetz ugeschwat ginn. An deem Kader gëtt och am Moment dorunner geschafft. Ech wäert dann nach eng Kéier zeréckkommen an de Gemengerot wou mer wëllen eng Garantie deene Leit ginn, dem Léierpersonal ginn, wann déi soen, ech engagéiere mech an engem Projet, ech entwéckelen ee Projet mat, dass déi dann och eng Garantie hu fir eng gewëssen Zäit, ganz egal elo wéi laang si an der Anciennetéit sinn, fir kënnen och an deem Projet mat derbäi ze sinn an deen ze gestalten. Do ass et esou, dass am Moment déi verschidde Schoulcomitéen dee Projet kréien oder och schonns hunn, an da mat hirem Léierpersonal hiren Avis dozou kënnen formuléieren. Dono kënnt et bei eis zeréck.

Zu der Rouder Lëns proposéieren ech, dass mer, a mer gesinn eis elo deemnächst matt eise Servicer, dass mer kënnen higoen an an enger Schoulkommissioun da kënnen d'Roud Lëns präsentéieren, de Projet dee mer do hunn. Waat net dāerf sinn, dat ass eng International School. Et ass wouer, datt dat ee Moment an der Iwwerleeung war. Mir hunn eis dunne och méi Gedanken iwwer de Site selwer gemaach.

Et misst ee wëssen, dat bei enger International School, géing dat jo och heeschen, datt mer net nëmmen Escher Kanner an där Schoul hätten, mee dass dat dann ee bëssen d'Ecole fondamentale vun der International School wier fir de ganze Süden. An da fir och nach vum Rescht vum Süden, Léit nach

duerch Esch an de Quartier Rout Lëns ze drainéieren, dat wier villäicht net de richtege Choix gewiescht. Mee mir hunn awer de Message un de Ministère weider ginn, dass mer eng International School hei zu Esch wëllen an, dass mer déi géinge gesinn als eng vun deenen 3 Schoulen um Site vun der Arbed Esch/ Schëffleng, wou déi entwéckelt gëtt.

Ech verschléisse mech an dem Sënn och net der Entwécklung vu Ganzdagsschoulen. Dir hutt Recht, Madamm Spautz, dass de Bilan vun der Ganzdagsschoul ganz positiv ausfällt, de pedagogesche Bilan. De Käschtebilan deen ass dann eng Saach vun der Interpretatioun. Wa mer elo nei Schoule bauen, wou dann och Maison Relais a Schoule beienee sinn op engem Site, da kann een dat weiderdenken. An ech denken do och ëmmer un de Site vum Neiduerf, deen eng Geleeënheet kéint ginn, wou elo ass, datt am Moment Ausschreiwung ass, wou d'Architekten op Grond vun der Etude de faisabilité, op Grond vun e puer Kritären, hir Projeten erareeche a mer dann e Choix do mussen treffen.

Dann ass iwwer d'Entitéit vun de Kläppe geschwat ginn an allgemeng iwwer d'Schoulsecteuren, op mer fir Wobrécke schonn een definéiert hunn. Nee hu mer net. Eigentlech si mer nach net um Punkt wou mer se definéiert hunn, wéi mer se definéieren. Dat heescht déi Krittären, déi musse mir eis nach ginn. Et ass awer datt mir doriwwer kënnen diskutéieren. Et ass elo wierklech d'Méiglechkeet wou eng Schoul, wou eigentlech 3 aner Schoulsecteure bestinn. Hei kënnt elo eng Schoul an d'Mëtt an hei bitt sech elo d'Méiglechkeet fir déi Secteuren nei ze definéieren an do och méi wäitsiichteg ze sinn, wéi just op Stroossen. An iwwer d'Entitéit vu Kläppen, do kënnen mir och gären nach eng Kéier schwätzen.

Zu der Rouder Lëns proposéieren ech, dass mer, mer gesinn eis elo deemnächst matt eise Servicer, dass mer kënnen higoen an an enger Schoulkommissioun d'Roud Lëns kënnen präsentéieren, de Projet dee mer do hunn. Wat net dāerf sinn, dat ass eng International School. Et ass wouer, datt dat ee Moment an der Iwwerleeung war. Mir hunn eis dunne och méi

Gedanken iwwer de Site selwer gemaach.

Da wollt ech just ofschléissend nach eppes soen zu der Informatik, do géif ech awer och dem Här Zwally d'Wuert ginn, well deem hat ech och gefrot. Just fir datt et kee Messverständnis ass. Et wäert net esou sinn, dass mer alle Kanner Ipade ginn an déi och nach mat heem kréien. Dat heescht, d'Iddi war elo esou, dat mer, mir hunn jo schonns Ipad-Klassen. D'Iddi war elo esou, datt mer géifen Ipade kafe fir d'Schoulen, notamment fir ze kucke wéi et mat den Ipad-klasse weider geet, an da wëlle mer de Ministère kontaktéiere fir ze kucken op d'Méiglechkeet besteet wéi z.B. am Secondaire, wou d'Kanner déi an den Ipad-Klasse sinn, den Ipad och kéinte mat heem huelen. Dat ass eng Diskussioun déi elo ze féieren ass, wéi do d'Responsabilitéit ass, wéi et och mat de Käschten ass. Wou de Bréif prett leit an deem da muss erausgoen. Bis elo war et eigentlech ëmmer esou, datt all Schoul eng Persoun hat, e Schoulmeeschter, eng Léierin, déi definéiert huet, an d'Unspriechpersoun war fir d'informatesch Material. Elo hu mer do deem ICN, deem ee Gesamtbilan gemaach huet, vun deem ech erwaarden, dass deem eigentlech op Grond vum Schoulprogramm, eis dann och wierklech ka soe wat gebraucht gëtt. An dass mer net méi an der Situatioun si wou all Schoul seet, also ech hätt elo gäre méi Laptops an déi aner soen ech schafen net mat Laptops, ech hätt gäre méi Ipaden an wou mer eigentlech kënnen e Bilan zéien. Dat ass e Plus vun deem mer natierlech musse profitéiere fir d'Offer do auszubauen.

Mischo Georges:

Merci Här Weis. Den Här Zwally eng Kéier kuerz.

Zwally André:

Merci Här Buergermeeschter, Merci Christian. Ech wollt eigentlech mat e puer Zuelen hei lech informéieren. Et ass vill iwwer de Bestand geschwat ginn an iwwer d'Digitalisatioun an iwwer dat wat

mer eigentlech als Material missten hunn a wat mer schonns hunn. Ech wëll awer mol kuerz soe wat mir eigentlech an de Schoulen hunn. Mir hunn iwwer 551 PCen, déi an de Schoule stinn, déi kënnen gebraucht ginn. Doriwwer eraus ass et awer esou, datt mer 302 Ipaden hunn. Dat sinn Ipaden, déi gedeelt ginn an de Klassen, an de Schoulen an an de Maison Relais. An zousätzlech hu mer an de Pilotklassen 130 Ipaden, wou all Schüler an all Schoulmeeschter een huet. An da stellt sech ëmmer déi grondsätzlech Fro, an d'Madamm Spautz an och den Här Biltgen, hunn dat mat an d'Debatt gehéit, et ass ëmmer erëm déi Diskussioun: wat maache mer? Kafe mer der? A wa mer se musse kafen, wéi vill sinn dat a wien huet herno d'Responsabilitéiten driwwer? Wann een dat natierlech ausbaut a kucke geet, dann huet dat natierlech och e juristesche Faktor. Well herno bei der Responsabilitéit ass ëmmer d'Fro vum Propriétéitsverhältnis a wann een en herno a Locatioun gëtt, muss et och vum Locataire aus ganz kloer ofgeséichert sinn, an ech mengen dat sinn dann ëmmer Diskussiounen, déi dann optauchen an déi mir dann einfach och wëlle klären éier mir an eng aner Iwwerleeung ginn.

o, de Bréif, deem ass schonns ugeschwat ginn. Jo, en ass schonns fäerdeg. Mir wäerten deem och an de Ministère schécken an eis schwieft vir, mir wëllen net mat engem Bulldozer fueren, mir wëlle ganz einfach eng Kooperatioun, zesumme mam CGIE, dat ass de Centre de Gestion Informatique et d'Education, wou mer dorop hiweisen, datt schonns esou ee Modell existéiert, deem et am Secondaire gëtt. Do gëtt et Locatiounen vun Ipaden, déi garantéiert sinn. An mir hätten dat och gären, dass dat an de Cycle 4 kënnt. Dat sinn ongeféier 700 Ipaden déi da kéinten ënner déi dote Moossname falen. Mir waarden dann herno, dat mer do eng Äntwert kréien op Grond vun eisem Bréif a gegebenfalls och eng politesch Diskussioun, gegebenfalls eng Entrevue mat deene politesche Responsabelen. Ech mengen, dat ass och dat wat mer wëlles hunn ze maachen, esou dass Dir och am Bild sidd, dass mer eis awer beméie fir de Kanner awer alleguerten entgéint ze kommen, all deene

Kanner, déi da wierklech an enger Fraktioun sinn.

Den Internetzougang ass och nach erwänt ginn. Do hu mer keen Bestand. Ech mengen, mer kënnen net op Grond vun eiser Populatioun déi mir elo hunn, wësse wien elo an der Schoul Zougang huet oder och net. Mee ech wäert dat och eng Kéier op d'Lee huelen an da kucken wéi mir dat doten kënnen agrenzen. Merci.

Mischo Georges:

Merci Här Zwally fir déi Prezisiounen. Eng aner Prezisioun ass, dass och nach informatesch Material extrem schwéier ass herbei ze kréien. Et ass genau wéi op anere Punkten extrem schwéier Laptops, Ipaden ze kréien. Well, no der grousser Pandemie, enger gesondheetlecher Pandemie, eng materiell Pandemie kënnt, dat gesi mer bei Chippe vu Computeren, vu Laptops. Mir gesinn et och an eise Projekte wou mer bauen, dass d'Matières premièren iwwerall feelen, dass d'Präisser an d'Luut schnellen. Mir mussen natierlech oppassen, dass dat eis net e bemol fortleeft. Et huet awer näischt mat der Schoulorganisatioun ze dinn, et war just eng Remark, well mir jo och elo iwwer informatesch Material geschwat hunn.

Gutt, da géife mer zum Vote vun der Schoulorganisatioun kommen, éier mer dann zu de Plans d'activités vun de Maisons Relais kommen. Voilà, dann AU VOTE...

Ok, dat kënne mer maachen. Da maache mer d'Schoulorganisatioun fir an d'PDSen.


Ok, AU VOTE ...

Dann de lëschte Punkt vum Punkt 3. Dat ass de Plan d'activité vun de Maisons Relais.

Den Här Weis huet nach eng Kéier d'Wuert.

3.6. RAPPORT D'ACTIVITÉS MAISONS RELAIS

votes OUI : 18



Weis Christian:

Jo Merci Här Buergermeeschter.

Ech hunn d'Statistike mat an den Dossier vun der Schoulorganisatioun ginn, dat sinn déi fir d'Schouljoer 20/21, esou datt mer se bei der provisoirescher traitéieren an net bei der definitiver.

Mir hunn 14 Maison Relais hei zu Esch, wouvunner 1 vum CIGLE geréiert gëtt. Dat sinn 1.320 Chaise wou mer der awer hunn misse 14 ofginn dëst Joer, dat war an der Maison Relais Brill, duerch eng Inspektioun vun der Sécherheet. Esou dat mer elo nach op 1.306 Chaise sinn. Déi Gréisst ass d'Ganzdagsschoul, wou mat 182 Chaisen, wou et ass, datt d'Kanner, déi an der Ganzdagsschoul sinn. och all an der Maison Relais sinn, an dann d'Fliedermaus mat 160 Chaisen. Déi Klengst ass de Parc du Canal mat 40 Chaisen.

Et sinn dëst Joer 1.283 Kanner a Maison Relais komm, dat sinn der ronn 100 manner wéi nach am Virjoer. Dat ass e Réckgang deen eigentlech och op d'Pandemie zeréckzeféieren ass, wou een awer mierkt, dat Retizens ass, respektiv wou d'Elteren decidéiert hunn, hir Kanner net méi ze schécke wéinst der Situatioun.

Mir hunn 39 verschidden Nationalitéiten an eise Maison Relaisen. An dann ab 11 Joer ginn d'Kanner rar an d'Maison Relaisen, well se da villäicht da schonns kënnen eleng doheem bleiwen.

Punkto Personal hu mer 261 Persoune bei eis schaffen, dovun sinn der 70 % am Encadrement vun de Kanner. Mir hunn, dat gesitt Der an de Statistiken, während der Coronazäit e puer mol missten upassen.

Esou datt mer um Héichpunkt bei 273 Poste waren, déi mer an de Maison Relaisen haten an do war et och wierklech esou, datt mer am Enkpass waren an alles rekrutéiert hunn, wat rekrutéierbar war, nach dee Moment um Marché fir awer kënnen Leit an de Maison Relaisen ze hunn a fir eis un all Zenario unzepassen.

Inhaltlech wëll ech eppes soen, dass mer vun der Covidsituatioun konnte profitéiere fir dann z.B. administrativ Saachen déi heiansdo leie bleiwen opzeschaffen, z.B. hu mer dovunner profitéiert, dass Aktivitéiten déi schrëftlech festgehale solle ginn a bis elo villäicht net festgehale waren, dass mer déi konnte festhalen a mir hunn och profitéiert eng Kéier déi ganz Waardelëscht nach eng Kéier ze kontaktéieren, d'Elteren ze kontaktéiere fir d'Informatioun à jour ze setzen an ze kucke wat do changéiert huet an der Situatioun an d'Krittären, wéi Dir dat scho gefrot hat, Madamm Scholl, déi sinn nach ëmmer déi selwecht vun de Prioritéiten hier, an et ass natierlech, datt d'Familie monoparentalle prioritär do sinn. De Stand vun de Waardelëschte war elo am Mäi, dass mer 1090 Kanner haten. Dat ass e Plus vu 55 Kanner par Rapport zum Virjoer.

Wat mer nach bei der Organisatioun fir d'nächst Joer wäerten upassen, mir mierken, dass grad an den Zentrumsschoul, d.h. am Ale Lycée an am Brill den Drock am héchsten ass, net de Brill pardon, Ale Lycée a Groussgaassschoul. Mir mierken, dass d'Maison Relais an der Kanalstrooss, dass do eng ganz Partie vu Kanner am Alter si fir aus der Maison Relais erauszegoen. Déi war bis elo dem Brill zougeuerdent. Esou dass mer drun denke fir déi dann

unzesidelen bei der Groussgaassschoul a beim Ale Lycée, fir dann do der Nofro an deene Quartieren gerecht ze ginn. An dann hu mer duerch d'Maison Relais, déi elo an der Waldschoul wäert entstoe mat 60 Chaisen, hu mer do och Méiglechkeeten.

Wat do nach ze soen ass. Och fir Kanner, et wäerte Kanner aus de Bëschklassen an f'Maison Relais goen, awer net nëmmen. Do wäerte Kanner aus dem Brill dann d'Méiglechkeet hunn, fir dann an d'Maison Relais vun der Waldschoul ze goen. An do zielen och, an awer och zelwescht bei de Kanner déi souwisou och an de Bëschklasse sinn, och do hunn awer Krittären ëmmer gezielt fir an d'Maison Relais ze kommen, déi mir eis ginn hunn. An do war d'Prioritéit och ëmmer no deem System, et war dann e bësse Chance, et war gutt wann d'Eltere scho proaktiv d'Kanner ageschriwwen haten, dass et ebe méiglech ass, der Demande kënnen gerecht ze ginn.

Well d'Madamm Spautz et schonns ugeschwat huet, mer si vun der Struktur mat de Chargéen an och mat den, allgemeng wéi mer an der Struktur si mam Encadrement vun de Maison Relaisen ass et esou, datt nach eng Rëtsch Posten op sinn, déi mer wäerte besetzen. Dat si Gradués-Posten, dat si Chargés-Poste wou mer wäerte weider maachen. Et ass och d'Iddi fir am Service selwer nach eng Kéier d'Madamm Marques z' epauléieren. D'Madamm Marques ass eis pedagogesch Responsabel. Dass am Service selwer méi een Appui ass vu Pedagogen, déi awer och virun allem d'Aufgab hunn, bei administrativen Demarchen de Maison Relaisen ënnert d'Ärem ze gräifen, deene Chargéen déi souwisou schonns an de Maison Relaise sinn an do scho vill ze dinn hunn, dass mer do nach e Plus kréien.

D'Fro vun der Versammlung mat de Chargéen, dat ass wouer, dass dat ënner gaange war ee Moment. Ab der nächster Rentrée hunn ech mer fest virgeholl, dass mer déi Versammlungen erëm, op mannst zu de wichtege Momenter vum Joer, aberuffe fir eis ze gesinn. An da gëtt et Versammlungen am Moment, déi an de Quartiere sinn, ëmmer am Quartier wou d'Maison Relaisen sech zesummesetzen. Do ass

et och, hunn ech mir virgeholl, méi konsequent an deene Versammlung deelzehuelen, esou dat och

deen Echange mat de Chargéen awer do ginn ass.

Ech sti fir Remarken a Froen zur Verfügung.

Mischo Georges:

Merci Här Weis. Wann Froen sinn ... Madamm Spautz.

Spautz Vera:

Merci. Ech fänke villäicht just domadder un, nach eng Kéier op déi Remark anzegoen, datt d'Meenung géif changéiere wat Bëschklasse géif ugoen, bei eis oder bei der Opposition.

Nachwievor, d'Bëschklasse ginn et säit 2016 an hu mer ëmmer ënnerstëtzt. De Projet un sech, datt d'Ëmwelterzéiung do Plommen huet misse loosse fir eng Maison Relais déi dohinner kënnt, dat ass wou mir eis ëmmer dergéint gewiert hunn, wou mer och Fakten dozou genannt hunn, dat wëll ech hei nach eng Kéier betounen. Also Bëschklasse si schonns éischter entstanen gewiescht an ech géif nach eng Kéier och warnen, gutt oppasse wa mer Cyclen eranhuelen. Mee dann hunn mer virdru schonns diskutéiert, wa mer Cyclen derbäihuelen, wat dann duerno mat deene geschitt, well do wäerte jo net kënnen déi ganz Cyclen do uewen an de Bëschklasse ofgehale kënnen ginn.

Wat opfällt bei der Liste d'attente vun de Maison Relais fir dëst Joer, och wann 100 Plaze manner gefrot sinn ass, dass am Zentrum d'Liste d'attente innerhalb vun engem Joer em 30 % an d'Luut gaangen ass. An och dat muss ee wierklech analyséieren, well dat schéint awer elo esou an enger éischter Iwwerleeung an Analys ee klaren Hiweis drop ze sinn, dat am Zentrum éischters emol duerch d'Wunnverhältnisser ganz staark Problematike si wann d'Kanner de ganzen Dag a kleng Wunnengen sinn an och Stéit mat méi Kanner. Et ass awer och esou datt, mengen

ech, awer och am Zentrum wunnen déi Familljen oder Monoparentallen déi musse schaffe goen a warscheinlech elo nach méi gelidden hunn ënnert Covid a manner Revenu hunn an dowéinst och déi Zuel mat an d'Luut gaangen ass. Mee ech denken do soll jo op Grond vum Rapport sozial Verschiddenes méi analyséiert ginn. Enke Wunnraum provoziert eng ganz Rei Problematiken, an dat och fir d'Schoul, an do muss ee ganz seriö och drop agoen.

Mir sinn zwou Saachen och opgefall. Virun dréi Joer huet déi faméis Upfoundation e bemol d'Liicht vun der Welt hei entdeckt an et héiert een näischt méi dovunner, et ass een net drop agaangen an et ass och net méiglech Donnéeën ze fannen. Iwwregens hunn dat och d'Vertrieder vum Liser gesot e Mëttwoch, wou se den Observatoire sozial präsentéiert hunn, dat d'Upfoundation net derbäi war, well se do keng Informatiounen hunn. Do ass d'Fro, wat ass do passéiert? Wat leeft? Déi hunn awer schliisslech e Büro zu Esch, déi hunn och Leit fir déi si finanziert ginn. Dat fënnt een a kengem Rapport méi erëm.

Zweetens wëllt ech wierklech eng Suggestioun maachen. Also de Punkt heescht jo: Rapport d'activité Maison Relais. A Rapport d'activité, mengen ech, datt dat soll iwwer dat erausgoen dat een Nationalitéiten nennt, wei vill Kanner sinn a wéi enge Maison Relais asw. Et ass een Educateur gradué agestallt ginn, e Responsable pédagogique wéi der elo just gesot hutt, Här Weis, déi ass agestallt gi fir genau eben e Konzept pedagogique mat auszeschaffen, respektiv d'Maison Relais do ze begleeden, an dat feelt mir elo mëttlerweil. Et geet net méi em blank Chifferen a Liste d'attenten, mee wéi gi mer och hei zu Esch an de Maison Relais, wéi ginn do déi verschidde Sitte, Maison Relais, wéi ass deenen hir Approche? Also bei deene misst ee jo bal och esou e Genre PDS hunn, deen se géifen ausschaffen, d'Maison Relais, denken ech, et wier wierklech wichteg. Déi gesinn, Dir wëllt jo erëm déi Reunionne maachen, wéi Dir virdru gesot hutt, mat hinnen alleguerten zesummen. Also mir hunn et ëmmer enorm wäertvoll fonnt fir se all zesummen ze ruffen, well eng Maison Relais ka vun där anerer

léieren, well jiddwereen seng spezifesch Ugangsweis an seng Problemer huet.

Bei Problemer, ech hat et net ugeschwat, Här Weis, awer bei Problemer, Dir hutt gesot et sinn eng ganz Rei Posten op vu Chargéen aus de Maison Relaisen, dat schéinen der méi ze sinn. Do stellt sech awer d'Fro, virwat ass dat de Fall? Wat ass passéiert? Oder et ginn Erklärungen. Et sollen der jo da gesicht ginn. Also villäicht fir kuerz a knapp, pedagogesch Projeten, denken ech, wieren immens wichteg ze entwéckelen an der Zäit, mee wéi gesot, Zäit geet weider, awer an der Zäit hunn se mol eng Formatioun kritt, alleguerte mat enger Rei Servicer zesummen, wou et em den, wéi hate mer se schonns méi genannt, déi zwee Joer, elo kommen ech net op den Numm, ech soen lech dat herno, et fällt mer net méi an, wou zwee Joer, soe mer mol, et war iwwer de Chancengläichheetsservice organiséiert déi Formatioun, Ënnerscheeder tëschent Jongen a Meedercher an de Maison Relaisen, lech fällt et villäicht an, Gender for Kids, Merci. Gender for Kids war et, wat ganz wäertvoll war, zwee Joer all zesummen un engem Dech ze setzen a schaffen dorun. Also och dat, wat fir eng Formatioun ginn et an Zukunft? Et wier jo ganz wichteg. Si maachen der op anere Plazen, hunn ech héieren, z.B. an der Inclusioun. Awer ech denken, do kënnst ee bei enger nächster Schoulorganisatioun wierklech mol Resultater kréien an e puer Konzepter derbäi hunn. Merci.

Mischo Georges:

Merci Madamm Spautz. Den Här Biltgen huet d'Wuert.

Biltgen Laurent:

Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt och eng kleng Remark ze maachen zu där Remark, et wär eng Meenungsännerung. Ech hat och, wann dat op eis gemënnst war, ech mengen net datt dat eng Meenungsännerung war, och well mir déi vun Ufank un wierklech ganz däitlech ënnerstëtzt hunn.

Mir hunn och näischt dergéint, dass d'Maison Relaisen an de Bësch ginn, au contraire, mir hate just ee Problem domadder, dass hei, deen dote Projet vun der Maison Relais an der Waldschoul op Käschte gaangen ass vun der Ëmwelterzéiung, déi do stattfonnt huet. Ech mengen, do deele mir eis Meenung mat der LSAP déi dat och esou gesinn huet. Dat war den Ënnerscheid, awer mir hunn dat vun Ufank un ënnerstëtzt an esouvill méi wéi méiglech Kanner sollen am Bësch kënnen léieren an och den Alter, wat se méi kleng sinn, wat et och méi wichteg ass. An wéi d'Madamm Scholl sot, an deene schéinste Bëscher vum Land sollen se léieren.

An da well ech och en bëssen op Zuelen agoe vun de Maison Relaisen. An den 3 leschte Jore sinn d'Zuele vun de Chaise geklommen, esou em den Daum em 200 Plazen, mee an de leschte Joren ass och d'Waardelëscht geklommen em 200 Plazen. Ech kucken do Zuel vun der ganzer Waardelëscht, Dir hutt jo och déi Demandes d'inscription do derbäi geschriwwen, wat och gutt ass. Déi Leit, déi eng Demande maachen, awer se ni richtig erareeche well se wëssen, datt se net wäerten ugeholl ginn, an déi dann net wäerte fäerdeg erareeche. Déi muss een awer och, mengen ech, mat consideréiere wann een doriwwer nodenkt wat de wierkleche Besoin ass vun deene Plazen. Do muss ee feststellen, datt d'Demande an sech em 400 Kanner an d'Luut gaangen ass, vu Kanner wou d'Eltere gären hätten, dass se betreit ginn. Och wann d'Zuel vun de Chaisen nach wäert erop goen, a Wobrécke kommen der 300 derbäi an 2 Joer, a Groussgaass kommen der derbäi an 3 Joer. Och an der Waldschoul kommen der derbäi. Och dat wäert net duergoen, dass mer hei e Liicht um Enn vum Tunnel wäerte gesinn.

Mir betreien zu Esch ongeféier 42 % vun de Kanner, vun de Schoulkanner. D'lescht Joer war ech op 41 % komm. Dat doten ass also kee groussen Ënnerscheid do. Aner Gemeinde betreien em déi 60 % vun de Schoulkanner mat de selwechte Krittären, net dat do jiddereen drückent. An ech mengen, datt de reelle Besoin och bei deene 60 % léit. Wa mer allerdéngs eis Waardelëscht kucken, da komme mer op

e Besoin vun 80 %, wa mer déi ganz Zuelen huelen, déi mer do hunn. A fir dat z'erreeche geet et net duer fir hei an do mol e puer Chaisen zesummen ze krazen. Ech denken, dat geet nëmmen iwwer de Bau vun neie Schoulen, dat hänkt ganz enk zesummen. Wann natierlech bei all deene Schoulen eng Betreuung vun 100 % vun de Kanner och virgesi gëtt, déi och do méiglech ass. Wou ech mengen, datt dir dat och schonns verstanen hutt an an déi Richtung gitt a bei all de Schoulen dat wäert virgesinn. Dofir och datt Dir am Neiduerf och eppes wëllt virgesinn, fir och do erëm Richtung Ganzdagsschoul ze goen, ass op alle Fall begrüßenswert.

Mee och d'Qualitéit vun enger Maison Relais, ass ganz wichteg fir dass d'Maison Relais an der Schoul ass. Da stelle mer och fest, dat kann een och an de PDSe liesen, dass de Kontakt ganz wichteg ass, d'Zesummenaarbecht déi ganz wichteg ass, déi gemeinsam Projeten déi kënnen gemaach ginn. Et geet natierlech nëmme wann déi Leit an engem Gebai sinn, wann déi sech begéinen a kënnen Saachen zesumme maachen, och d'Raimlechkeeten zesummen nëtzen. An dat hu mer a ganz ville Schoulen, méi al Schoulen haaptsächlech, zu Esch net. An dat ass natierlech schued, well do déi Qualitéit net ka stattfannen.

Dofir muss d'Zil och wierklech sinn, duerch de Schoulbau, och déi bestoend Schoulen e bëssen eidel ze kréien a Plaz ze schafen, fir och do Maison Relais richteg an d'Schoul z'intégréieren. An dat gëtt méiglech wa mer do duerch aner Schoulen, déi derbäikomm sinn, do Kanner erauskréien. An der Dellhéichtschoul, wann do och duerch Wobrécken, Kanner eraus ginn, wann dat do integréiert gëtt, och mat Konzepter, wou mer da Raimlechkeete wëllen zesumme benotzen. Natierlech si Ganzdagsschoule wichteg. Och do eng Remark zu der Jean Jaures, well d'Jean Jaures ass net nëmmen eng Schoul mat Maison Relais, an dofir eng Ganzdagsschoul. Et ass ee ganze pedagogesche Projet dee vill méi weit geet wéi just d'Zesummenaarbecht

mat der Maison Relais, déi ee wichtegen Deel ass. Mee mir hunn do wierklech e ganz anere pedago-

gesche Projet, wou mer och am Observatoire gesinn hunn, dass se verschidde Saachen aneschtens ugin an och all dat zesumme wäert d'Erklärung si fir hire positive Bilan an hiren Erfolleg deen se hunn. An och dat muss ee consideréieren an och dofir erëm, wa mer déi nei Schoulen, déi derbäi kommen, an dann och déi al, soll een dat ënnerstëtzen, dass da pedagogesch Projeten ausgeschafft ginn, zesumme mat der Maison Relais stattfannen, an do an déi Richtung kënnen goe fir eis Schoule kënnen weider ze bréngen.

Mee de Problem vun de Maison Relais, vun de Plazen, ass jo och esou, datt d'Plange vun de Schoulen a d'Baue vun de Schoulen esou lues weider geet, da wäerte mer och mat de Maison Relais ganz lues weiderkommen. Ech soen Iech Merci.

Mischo Georges:

Merci Här Biltgen. Madamm Ragni.

Ragni Mandy:

Merci Här Buergermeeschter. Et ass ee Saz hei dee mech elo e bëssen interpelléiert huet. An zwar: "Eng Maison Relais ass entstanen op Käschte vun der Ëmwelterzéiung." An ech hu jo ganz vill Joren elo domadder verbruecht fir iergendwéi hei ze erklären, dass dat net esou wier. Mee ech mengen, een deen am Enseignement ass, deen huet verstanen, dass eng Maison Relais ausserhalb de Schoulzäite fonctionéiert an eng Emwelterzéiung, déi fënnt statt wann d'Schoulzäite sinn. Dat heescht, ech denken, dass mer dat awer alleguete verstoe kënnen, dass déi Ëmwelterzéiung während de Schoulzäite stattfënnt an net während de Maison Relaiszäiten, d.h. dat war ëmmer esou virdrun an ausserhalb ass et am Fong näischt ginn. Wat hei gemaach ginn ass, datt d'Ëmwelterzéiung nach ëmmer zelwescht bleift, d.h. fir d'Schoulzäiten, d'Sejourszäite kënnen nach ëmmer a Waldschoul eropgoen, dat ass alles bliwwen. Ausserhalb deene Stonnen do, ass eng

Maison Relais do uewen. An déi kënnen

och, d.h. d'gesamt Maison Relaisen, kënnen och vun där Ëmwelterzéiung profitéieren. Wat ech awer mengen ass, dass hei eben duerch déi Posten un sech opgemaach gi sinn, wéi dat bei all de Posten all Joers ass, ech mengen déi wou am Enseignement si wësse wéi et geet an den Här Weis huet eis dat jo och erklärt, déi Poste ginn opgemaach. An da kënnen sech d'Enseignanten dorop mellen. An da gi se ofgestëmmt an dann huet deen et. Dat ass während Joren net gemaach ginn an der Ëmwelterzéiung, an dat hu mir ebe changéiert, dass mir se opgemaach hunn, dass och aner Enseignanten aus Esch d'Chance haten, eng Erausforderung ze kréie fir sech op déi dote Posten ze mëllen an deen dote Challenge unzegoen a villäicht nach eng Kéier eng nei Erfrischung ze kréien. Dat war just dat Eenzecht wat mer gemaach hunn an doropshin huet de Ministère de l'éducation mam Umweltministère gekuckt, den Umweltministère, deen et seet, fir d'Ëmwelterzéiung eigentlech deen ass, dee wou de Fach wierklech hunn, jo déi sinn eriwuer geswitched ginn, dat stëmmt, mee dat sinn déi, déi eigentlech d'Wëssen hunn a wësse wéi se mat den Enseignante kënnen zesumme schaffe fir dat Ganzt ze optimiséieren. An dat ass dat wat ech eigentlech wollt maachen, an ech hoffen, ech hunn et ni hei gesot, ech soen et awer elo einfach, ech hoffe just, ech mengen an Hand vun deem, wat virdu geschitt ass, an ech menge mer wëssen dat alleguerten an Hand vun deene Mailen déi eraus gaange sinn, denken ech, datt dat Ganzt éischter e politescht Spill hat wéi de Rescht. Ech well dat awer hei just kuerz betounen.

Mischo Georges:

Merci Madamm Ragni. Dann ass et um Här Weis.

Weis Christian:

Ech denken, ech deelen och net déi Meenung, dass duerch d'Maison Relais, d'Ëmwelterzéiung wäert

Plomme musse loosse. Et ass e Plus a wéi d'Madamm Ragni et och elo gesot huet, de Site Waldschoul bleift och weiderhin op fir an de Schoulstonnen och do kënnen hinzegoen.

Ech wollt awer op aner Punkten agoen. Madamm Spautz, dat wat de PDS ass an de Schoulen, dat ass de CAG an de Maison Relaisen. Dee gëtt vum SNJ suivéiert a mer kënnen awer ganz gärden deen och bäifügen, déi Dokumenter bäifügen an an eng Diskussioun mat eranhuelen. Villäit scho bei der definitiver Schoulorganisatioun, wa mer, dat kucke mer.

Zu der UP Foundation, well der déi ugeschwat hutt, ass et esou, datt ee muss soen, datt d'UP Foundation vun sech aus selwer elo erofgefuer ass mat den Aktivitéiten zënter 1,5 Joer, aus Ëmstänn déi mer kënnen. Ech mengen och, datt de Kannerkascht ganz ambitiéis war, déi Iddi mat alleguerten de Veräiner mat an d'Boot huelen an dat esou an dëser Form leider net konnt ëmgese ginn. Esou dat et och éischter war, datt d'UP Foundation Aktivitéiten ugebueden huet. Do ass et awer och esou, dat eis Maison Relaisen selwer Personal hu fir gutt Aktivitéite kënnen unzebidden. Wou ech elo net well soen, datt déi vun der UP Foundation schlecht wieren, déi sinn och gutt. Mee dass et un de Maison Relaisen selwer ze decidéieren ass op se nach wëllen op d'UP Foundation zeréckgräifen oder net. A meng Positioun zu der UP Foundation, ech hunn déi begéint an ech hu gesot, mir hunn hei zu Esch e Besoin a wann Där eis eng Offer kënnt ubidden, déi op de Besoin passt, da si mer Demandeur a Preneur. Wann net, dann net. Dat ass wéi ech d'UP Foundation gesinn. Et bléift e Partner. Et bléift een Inputgeber. An da musse mer kucke wat Projeten nach kënnen bréngen.

Chargéen, dat ass en Thema. A well mer e Roulement bei de Chargéen hunn a well et och schwéier ass, der ze fannen. Oft sinn dat ganz frësch Chargéen déi kommen, déi dann an Equippen erakommen, déi da schonns bestinn an do ass notament och eis Responsabel pedagogique wichteg fir einfach déi besser z'epauléieren. An d'Iddi dat mer do de Service besser opstocken an och dann tëschen de Chargéen

eng besser Zesummenaarbecht, Solidaritéit kréie fir een deen anere besser z'ënnerstëtzen, ass e Wee dee mir müssen aschloe fir dat den neie Chargé dee kënnt, sech ka fannen a senger Maison Relais an de Kanner eppes kann ubidden.

Den Ausbléck huet den Här Biltgen fir mech gemaach mat wat vir eng Maison Relaise wäerte kommen. Ech hoffen, datt mer dat ofgeschaaft kréien. Da soen ech Merci.

Mischo Georges:

Merci fir den Här Weis. Et ass jo elo keng Decisioun ze huelen. Da kënne mer bei den nächste Punkt vum Ordre du Jour kommen, dat ass en Avenant fir d'Konventioun fir den nationale Sportsmusée hei zu Esch.

4. MUSÉE DES SPORTS; AVENANT À LA CONVENTION CONCLUE EN DATE DU 10 AOÛT 2017; DÉCISION

votes OUI : 18

Biltgen Laurent	Ja / Oui / Nee / Ja
Bliver Stéphane	Ja / Oui / Nee / Ja
Cavaleiro Bruno	Ja / Oui / Nee / Ja
Dax Jeff	Ja / Oui / Nee / Ja
Funck Ben	Ja / Oui / Nee / Ja
Hansen Mike	Ja / Oui / Nee / Ja
Knauff Pierre-Marc	Ja / Oui / Nee / Ja
Kox Martin	Ja / Oui / Nee / Ja
Majerus Luc	Ja / Oui / Nee / Ja
Mischo Georges	Ja / Oui / Nee / Ja
Ragni Mandy	Ja / Oui / Nee / Ja
Scholl Dallah	Ja / Oui / Nee / Ja
Spautz Vera	Ja / Oui / Nee / Ja
Theisen Luc	Ja / Oui / Nee / Ja
Tonnar Jean	Ja / Oui / Nee / Ja
Weis Christian	Ja / Oui / Nee / Ja
Wies Line	Ja / Oui / Nee / Ja
Zwally André	Ja / Oui / Nee / Ja

Mischo Georges:

Ech maachen eng Kéier do ganz kuerz en Historik, well mer just nach 1,5 Stonn hunn. Dofir wëll ech dat elo net ze vill grouss maachen. 1986 ass am Fong déi éischte Kéier ënner dem Minister Johnny Lahure

d'Iddi komm fir en Nationale Sportsmusée an d'Liewen ze ruffen. Well eben, och wa mir e klenge Land sinn, awer, par Rapport zu anere Länner, mir eng grouss Sportgeschichte hu mat grouss Championen. An do denken ech net nëmmen un eis Cyclisten. An alle Sportarte ginn et grouss Championen. Et sinn och Equipe déi grouss Resultater gemaach hunn. Ech brauch just eng Kéier hei op menger rietser Saït ze kucken, do war een derbäi, deen net nëmme Bayern München e Goal geschoss huet, mee och beim 1:1 géint Liverpool mat derbäi war mat der Jeunesse. Déi Matcher si leider net méi méiglech an där Konstellatioun wéi d'UEFA hautzedaags fonctionéiert an trotzdeem sinn dat awer ganz schéin Erënnerungen, déi an engem Musée sollen hir Platz fannen. D'Iddi ass am Fong nach eng Kéier opgegraff ginn. Vun 1986 un, war et virun allem den Henri Brässler, deen am Sportministère wierklech Drock gemaach huet an och vill geschafft huet fir en nationale Sportsmusée kënnen opzeiichten. Do ware vill Iddien am Gespréich. Op dat an d'Coque sollt kommen? Op dat an den INS sollt kommen? Et ass awer leider ni konkret eppes ginn.

Do ass awer am Sportförderprogramm, et soll een ëmmer "Ehre wem Ehre gebührt", ee Sportförderprogramm, ënner der Fuchtel vum Romain Fiegen, deen eis leider vill ze vill fréi verlooss huet, do ass déi éischte Kéier de Sportsmusée erwänt ginn, deen hei zu Esch kéint entstoën. Vu que, dass ech och schonns privat, éier ech op deem heite Stull suz, privat ganz geckeg si mat esou Muséen, op dat zu Lausanne den IOC Musée ass oder aner Musé sinn. Och eis Partnerstied, Köln an Turin hu ganz flott Sportsmuséen, dofir ass dat och an de Koalitiounsaccord vun der Majoritéit mat agefloss. An esouguer d'Regierung huet eise Koalitiounsaccord kopéiert an huet dat och an hire Koalitiounsaccord mat drageschriwwen, e kleng Clin d'oeil. Ech mengen, do sinn d'Idée lues a lues beienee komm, ech hunn e Konzept ausgeschafft, deen ech dem Sportminister Dan Kersch präsentéiert hunn. Deen dann och 1 zu 1 esou ugeholl ginn ass. Du ass natierlech d'Diskussion lassgaangen, wou kënnt dee Sportsmusée hin,

well mer jo awer net méi esouvill Terrain hei zu Esch hunn? An dunn war d'Iddi ganz séier gebuer, dass den nationale Sportsmusée sollt niewent d'Arena kommen, déi der hei och elo um Bild gesitt, respektiv op de Bildschiermer gesitt.

De Sportsmusée ass natierlech op eppes gewiescht, wou e bemol am Gespréich war, wou e bemol Leit gemengt hunn, dat misst awer doudsécher an d'Stad Lëtzebuerg kommen. Du hunn ech gefrot virwat. Majo, well dat jo awer e Sportsmusée ass, dee misst jo awer dann an d'Hauptstad kommen, asw. asw. Et sinn och aner Gemengen, déi e bemol de Fanger gehewen hu fir dat de Sportsmusée an hir Gemeng sollt kommen. An ech muss soen, do war eng exzellent Zesummenaarbecht tëschent dem Escher Buergermeeschter an dem Sportministère mat hire Servicer, op dat eise Service Architektur war, op dat eise Service des Sports war oder ënner dem Laurent Deville, de Sportsministère, déi do awer ganz enk zesumme geschafft hunn, fir dass mer deen heite Projet kënne realiséieren.

Et ass natierlech net esou einfach gewiescht. Et ass einfach d'Iddi vun engem Sportsmusée an d'Liewen ze ruffen. Mee da muss dee Musée natierlech och gebaut ginn, dee Musée muss natierlech och gefällt ginn. D'Regierung huet festgehalten, dass och een Direkteschposten am Budget fir d'läscht Joer am Budget vum Staat war, dee mat der Madamm Geissler besat ginn ass. Ech weess net, op d'Madamm Geissler deene meeschte bekannt ass, se huet eng exzellent Ausstellung zu Péiteng gemaach iwwer den 2. Weltkrich. Do konnt ee schons en Avant-goût kréien op d'Talenter vun der Madamm Geissler fir esou e Sportsmusée kënne ze geréieren an och virun allem an der Muséeographie kënne opzebauen.

Wou dunn d'Plaz ausfënneg gemaach gi ass, wou de Sportsmusée géif hikommen, ass gesot ginn, wat maache mer? De Sportminister huet vun Ufank un drop gepocht, an dat verstinn ech och, dass et en nationale Sportsmusée ass, dass et elo keen Escher Sportsmusée ass, do hat ech him och gesot, datt dat och ni d'Iddi war. Well och wa mer als Gemeng oder

als Stad Esch vill gutt Sportlerinnen a Sportler schonn haten an och wäerten hunn, an och gutt Equipen hunn, wier et awer irrealistescht gewiescht, en Escher Sportsmusée ze maachen, jo well dann ass e bemol d'Geschicht fäerdeg an da kënnt kee méi dat kucken. D'Zil ass et jo, dat een net nëmmen eng Kéier an de Sportsmusée kënnt, mee reegelméisseg dat doten sech wäert ukucken. Et ass och virgesinn, dass et eng temporär Ausstellung gëtt an natierlech eng fix Ausstellung, wou eben déi Haaptsaache sinn. A mer beschränken eis natierlech net op de Süden an op Esch, mee wann temporär Ausstellungen ugefrot si vu Sportfederatiounen, vu Veräiner, eventuell Centenaire hunn oder Gebuertsdeeg hunn, oder extra Leeschtunge vollbréngen, kënnen déi sech natierlech eng temporär Ausstellung an deem Sportsmusée maachen.

Et ware ganz vill Gespréicher, et ware ganz vill Reunounen, mir waren och zesumme mam Promoteur a mam Sportsministère an eiser Partnerstad Köln, well déi den dätsche Sportsmusée huet. Wou mer och mat deene Kontakt hu fir éischters mol eventuell, Ausstellungen ze wiesselen, oder een deem aneren eppes zoukommen ze loosse, mee awer och vir ze kucken, wéi de Konzept bei hinnen opgebaut ass. Dat selwecht hu mer gemaach, an der selwechter Konstellatioun ware mer op Nice, well den Architekt vum nationale Sportsmusée dee selwechten ass, deen och de franséische Sportsmusée gebaut ass, den Här Vilmot, deen dat zu Nice an de Stadion integréiert huet. An och dat ware mir eis op d'Plaz ukucken, well dat ass e Lowbudget Sportsmusée wou wierklech kee Prunk ass, mee virun allem wou de Sport am Virdergrond steet.

Wéi gesot, d'Bauzäit vum Ganze gëtt net méi laang. Et huet natierlech elo méi laang gedauert well eben och déi Gespréicher hu misse lafen, wou kënnt en hin, de Sportsministère huet drop bestanen dat en Accès do ass, deen net iwwer d'Sportshal geet. Dat heescht dat ee permanent an de Sportsmusée kann eragoen, och wa keng Sportsmanifestatioun sinn. Mee et war schonns d'Iddi datt dat niewent d'Sportsarena kënnt, dass d'Leit dat gesinn an dann och

mol op d'Iddie kommen, och mol an de Sportsmusée kucken ze goe wann se Zäit hunn, respektiv wann se Fräizäit hunn. Also Bd'auzäit, déi wäert net méi laang ginn. Demandë fir Terrassement, déi komme lues a lues, an do sinn der och schonns ee puer eran. De System vum Parking ënner dem Ganze wäert och net änneren, genau wéi och de Präis vun der Sportshal, déi jo exklusiv fir d'Stad Esch ass. Do wäert natierlech clef sur porte geliwwert ginn, wéi dat ëmmer festgehalen war an de Präis wäert och net änneren.

Wat elo den Oflaf ass, et ass esou, dat de Bauhär d'Stad Esch ass. Mäer wäerten de Sportsmusée baue loosse vum Promoteur TRACOL. Dat ass Grosœuvre plus clos et couvert, d.h. Réibau plus baussen. A wann dee fäerdeg ass, da wäert de Staat, respektiv de Sportsministère, eis dat ofkafen. Dat heescht, dat wäert herno komplett iwwer de Sportsministère lafen. Mee dat Wichtigst ass, dass de Sportsmusée hei zu Esch ass. Voilà. Mir bezuelen och näischt bis de Präis vum Terrain kompenséiert ass. Wéi gesot, de Präis vun der Hal wäert net changéieren. Vu que, mer an der Konventioun mam Terme Extensioun schwätzen, bleiwen ech dann och bei deem Terme Extensioun. Do ass een Terrain, wou de Sportsmusée wäert dropkommen, mat engem Präis virgesi vun 2 Milliounen EUR, de Grosœuvre ass mat 5,950 Milliounen hors TVA festgehalen, an d'Fassad baussen och mat 300.- EUR / m², och dat hors TVA. Dat ass och de selwechte Präis wéi e bei der Sportshal ass an et ass och de selwechten Index, deen och bei der éischter Konventioun festgehalen gi war, an et gëtt keen neien Index.

Voilà, den Akkord vum Sportsministère ass do. Dat heescht, mir kënnen domat lassfueren an dofir komme mir och haut domadder, mat deem Avenant an de Gemengerot, fir dass dat kann iwwer d'Bün goen. Eis Propose un de Sportsministère fir déi nächst Konventioun vun der Stad Esch an dem Sportsministère ass am Ministère ukomm. Dat wäerte mer dann, mir waarden op de Retour vum Sportminister, respektiv vu senge Beamten, fir dat mer dat esou séier wéi méiglech da kënnen an de Gemengerot

bréngen, op dat elo duergeet fir den 09. Juli, hoffe mer natierlech, mee et ass elo keen Drama wann dat elo net den 09. Juli wäert sinn, oder no der grousser Vakanz.

Voilà, ech hunn de Rapport och gelies vun der Kommissioun, wou een Akkord unanymement favorabel drastoung, d.h. et dierf am Fong geholl der ganzer Geschicht näischt am Wee stoen, d.h. dat mer kënnen herno houfereg sinn op en nationale Sportsmusée, hei zu Esch.

Voilà, ech wäert natierlech zur Verfügung stoen.

Dir gesitt och hei un de Skizze wéi dat wäert ausgesinn. Do ass natierlech alles wat een an engem Sportsmusée brauch, op dat en Accueil ass, oder op dat Büroen och si vun de Leit déi do schaffen. An wat mir net bewusst war, dat gesäit een natierlech net an Ausstellungen, egal wou een ass, dat allerallerwichtigst un engem Musée, Sportsmusée, op dat elo Turin, Köln, Dortmund, München oder Nice war, oder Lausanne, déi ech alleguete kucke war, dat ass de Stockage. Dat heescht, um INS ass schonns enorme Stockage vu Material vun eise grousser Sportler a Sportlerinnen, a wa mer en Appell wäerte maache fir Saachen ze kréien, wäerte mer warscheinlech och iwwerschott gi mat Saachen.

Mee dat ass dann un deene Leit, déi dat ze stockéieren hunn, fir dat ze maachen. Ech mengen, et ass ganz vill och an technesche Reunionen geschwat ginn, wéi dat alles organiséiert gëtt. Matt engem Montecharge, do muss sech och mol iwwerluecht ginn, dass och mol en Auto an esou enger Expositioun ass. Do muss een dann och e Montecharge hunn, fir deem Auto dann an déi Expositioun eran ze kréien, also dat muss mat beduecht ginn. Dat gesäit een natierlech op Plaze wou aner Muséeën stinn, wann een dat kucke geet, wat een do alles brauch. An ech menge mir hunn do zesumme mam Sportsministère ganz gutt Aarbecht geleescht.

Voilà. Wann elo nach Froe sinn, da stinn ech lech natierlech zur Verfügung.

Den Här Biwer.

Biwer Stephane:

Villmools Merci Här Buergermeeschter.

Natierlech de Sportsmusée ass e ganz flotte Projet, deen och widderspigelt wat viree Stelleväert de Sport hei an dëser Stad huet, scho säit laangem. De Sport ass ënner anerem och, hei zu Esch mengen ech, Integratiounsfaktor Nr 1, grad mat enger Stad mat enger Immigratiounsgeschicht wéi mir dat hei zu Esch säit 140 Joer hunn. Veräiner bréngen et fäerdeg, vill éischter nach wéi aner Institutiounen, fir déi Leit, déi nei op Esch kommen un dës Stad ze bannen, fir se an hiert alldeegelech Liewen anzubannen. An ech mengen, dat gehéiert och zu enger Problematik déi ee kann am Sportsmusée begleeten, d'Wichtigkeet vum Sport fir d'Integratioun, sief dat hei zu Esch oder iwwert d'Welt gesinn, ass dat ëmmer e ganz grouss Facteur.

Mir hunn natierlech och, ech mengen, den Handball ass schonns Champion, d'Fola ass Champion ginn, mir hoffen, datt de Basket villäicht nach Champion gëtt, jo de Rekordchampion ass net grad esou staark am Moment. An ech mengen all Joer, wa mer eis Sportleréierung hu gesi mir och wat vireng Individualsportler erëm wat vireng Meritten hunn a wat d'Veräiner, Dir hutt virdru vum Här Fiegen geschwat, dee fréier am Service des Sports geschafft huet, sai Bouf huet och ganz grouss Meritten ënner anerem och de Faarwe vun engem Escher Veräin. Ech weess et net, ech kann elo net all Mënsch hei opzielen, deen eng Kéier esou Meritten hat, mee mir hunn hei zu Esch scho ganz vill gehat. An ech mengen, dorop kënne mer och ganz stolz sinn an dowéinst kënne mir déi Iddi mat dem Sportsmusée, wéi dat präsentéiert ginn ass, nëmmen ënnerstëtzen.

Ech well just nach dorop hiweisen. Natierlech de Sportförderprogramm ass ënner der Leedung vum Här Fiegen ausgeschafft ginn, mee natierlech och ënner dem politesche Patronage vum Här Hinter-

scheid, dee während 15 Joer, mengen ech, zu Esch zoustänneg war fir de Sport als Schaffen an, ech mengen, deem musse mir dann och nach e Merci ginn an natierlech och dem Sportsministère, déi eis als Gemeng do ënnerstëtzen. An dowéinst kann ech fir d'Fraktioun vun der LSAP soen, dat mir hannert deem Projet stinn.

Merci.

Mischo Georges:

Merci Här Biwer. Jo, Där hutt d'Integratioun ugeschwat gehat. Et ass natierlech och eng Iddi, dass och Schoulklasse wäerten do defiléieren, dat heescht mir zwéngen zwar keen zu sengem Gléck, mee et wäert sécher herno, wann de Sportsmusée bis steet, ganz wichtig sinn, dat eis Kanner trotzdeem déi al Gloriën an déi al Saachen do gesinn, an och kucken, wéi dat kann an Zukunft ausgesinn.

Et wäert awer net nëmmen, soen ech mol, e klass-esche Musée sinn, wou een era kucke geet an erzielt kritt, wéi gutt a wéi schéin allegueren déi Sportler waren. Et soll och interaktiv sinn. Dat soll ganz modern sinn, dass een och, wéi z.B. zu Lausanne am IOC-Musée, dass een och selwer sech beweege kann a mol Saache kann ausprobéieren, ob Maschinnen, op Spiller.

Wéi gesot, dass op eng spilleresch Aart a Weis de Kanner och de Sport méi no bruecht gëtt ass och ganz ganz wichtig.

Wéi gesot, Dir hutt Recht, dass den Här Hinterscheid ëmmer de Sportförderprogramm héich gehalten huet, a wéi gesot, déi Zesummenaarbecht mam Sportsministère huet zwar eng Zäitsche gedauert, et ass kee Reproche, weder un eis Servicer, nach un de Sportsministère, mee dat doten huet misse bis an den Detail geplangt gi well dat och wéinst dem Kadaster, net esou einfach anzedeede war. Dofir huet et eben deen een oder anere Mount méi laang gedauert, mee mir sinn awer elo frou, datt mir dat heiten elo kënnen ofschléissen a wa mir dann d'Konventioun tëschent

dem Ministère an der Stad Esch ënner Dach und Fach hunn, dass mer da kënne lassfueren.

Voilà. Wa keng Froe méi wieren, da géif ech dat heiten zur Ofstëmmung setzen. AU VOTE ...

Ok. Da villmools Merci. An da sidd Der schonns op d'Inauguratioun invitéiert, wann et soll esou wäit sinn.

Voilà, gutt. Da komme mer bei den nächste Punkt, Refonte du PAG. Da géif ech dem Bauteschäffen, dem Här Kox, d'Wuert gi fir d'Präsentatioun.

5. REFONTE DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL DE LA VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE; AVIS RELATIF AUX RÉCLAMATIONS INTRODUITES AUPRÈS DU MINISTÈRE DE L'INTÉRIEUR.

votes OUI : 17

Biltgen Laurent	Jo / Oui / Yes / Ja
Biver Stéphane	Jo / Oui / Yes / Ja
Cavaleiro Bruno	Jo / Oui / Yes / Ja
Dax Jeff	Jo / Oui / Yes / Ja
Funck Ben	Jo / Oui / Yes / Ja
Knauff Pierre-Marc	Jo / Oui / Yes / Ja
Kox Martin	Jo / Oui / Yes / Ja
Majerus Luc	Jo / Oui / Yes / Ja
Mischo Georges	Jo / Oui / Yes / Ja
Ragni Mandly	Jo / Oui / Yes / Ja
Scholl L Daliah	Jo / Oui / Yes / Ja
Spautz Vera	Jo / Oui / Yes / Ja
Theisen Luc	Jo / Oui / Yes / Ja
Tonnar Jean	Jo / Oui / Yes / Ja
Weis Christian	Jo / Oui / Yes / Ja
Wies Line	Jo / Oui / Yes / Ja
Zwally André	Jo / Oui / Yes / Ja

Kox Martin:

Merci Här Buergermeeschter. Wéi schonns gesot, hei geet et em Refonte vum PAG, mat den ent-sprechende Reklamatiounen déi un de Ministère de l'intérieur gaange sinn an d'Avisen elo dozou.

De 5. Februar dëst Joer, hu mer am Gemengerot de PAG ugeholl a votéiert. Matt dësem Vote sinn och eng Réi Upassungen um PAG gemaach ginn, déi op Basis vu ministeriellen Avisen, Reklamatiounen argumentatiounéiert waren.

Reklamanten, déi sech no der Saisine bei eis gemellt hatten an och ugehéiert goufen, notifiéiert ginn an hunn dann nach eng Kéier d'Méiglechkeet gehat, falls se keng Satisfaktioun kruten, sech schréftlech bei der Inneministesch ze mellen.

Vun deem Grupp vu Reklamatiounen sinn der 22 erakomm, vun ursprénglechen 92 Dossieren. Eng weider 9 Reklamatiounen si vu Bierger erakomm, déi net d'Akkord ware mat enger Ännerung déi beim Vote geholl ginn ass. Dëst si sougenannt, nei Reklamatiounen. Domadder hu mer elo insgesamt 31 Reklamatiounen kritt, déi mer vum Ministère de l'Intérieur pour Avis elo hei virleien hunn.

Nodeems de Gemengerot dann seng Stellung un den Intérieur weiderginn huet, wäert sech d'Kommissioun d'aménagement domadder befaassen an en Avis un d'Ministesch ginn. D'Decision ministerielle ass da bannen 3 Méint ze huelen. Nom Zäitpunkt vun der Schoulentrée wësse mer dann eventuell méi.

Ech iwwerloossen elo d'Wuert der Madame Daisy Wagner fir kuerz iwwer déi verschidden Dossieren ze goen an den Avis vum Schäfferot duerzeleeën. Ech soen lech Merci.

Mischo Goerges:

Merci Här Kox. Dann géif ech der Madamm Wagner d'Wuert ginn.

Daisy Wagner:

Jo. Merci. Also wéi gesot, déi 31 Dossieren, Reklamatiouns-dossieren, hu mer opgeschafft. Mir hunn d'Fichen ausgeschafft, esou wéi Dir se schonns kennt vun de Reklamatiounen no der Saisine vum PAG. Hei fënnt een dann och en bref en Explikativ erëm vun der Reklamatioun, vum Sujet dee betraff ass, an dann déi jeeweileg Stellungnam vum Schäfferot.

Ech wäert mer d'Méi ginn, dass mer éischter eng Iwwersiicht elo hei präsentéiere wéi datt ech elo

ganz eenzel an d'Detailer ginn. Et bleift zwar bei verschiddenen net aus, dass een an d'Detailer geet.

Dann ass hei elo, ech fänken dann direkt mat der éischter un. Dat ass en Objet, wou eng Reklamatioun erakomm ass. Dat ass vun engem Gebai, wou mer och schonns eng Ännerung geholl haten tëschent der Versioun Saisine an der Versioun Vote. Et ass eng Situatioun wou et divers Diskussiounen effektiv gi sinn, soll een dat erhalen oder net. Wann een awer d'Situatioun kuckt, am Detail, an och déi Plus-value, déi een eigentlech kann duerch en Neibau kreéieren op dëser Situatioun, da gëtt et eigentlech kloer, dass een hei net kann drop verharren, dat Gebai ze schützen. Dat hate mir och esou argumentéiert beim Vote, an et war och esou ugeholl ginn. An elo sinn der awer net zefridde gewiescht, well et nach am Secteur sauvegardé wier. Et ass awer ganz einfach, de Secteur sauvegardé seet net, datt et muss stoe bleiwen, mee seet eis als Gemeng Prescriptiounen zur Hand, dass mer kennen argumentéieren her- no wann d'Projete virleien, fir ze soen, füügt dat sech elo an den Ensemblen dee ronderëm ass, dee sensibel ass, dran eran oder net oder sinn awer villäicht Elementer dann dran, déi stéierend sinn. An wann et eben an dem Secteur sauvegardé ass, dann hu mer déi Mainmise einfach drop. hate schonns Diskussiounen mam Reklamant, deen ass och domadder absolut zefridden an ass elo och relativ entspaant par Rapport zu eisen Aussoen.

Dann hu mer de Projet zu der Saint Elisabeth.

Och do ware schonns Reklamatiounen erakomm gewiescht. Et ass also keng nei. Et ass awer esou, datt mer do Ännerungen un der Zone gemaach hunn an, dass et sech erausgestallt huet, dat de Projet nach ëmmer schwéier machbar ass, well mer och e Secteur sauvegardé hunn. Do ass och de parcellaire geschützt. Dat stellt de Projet viru Machbarkeetsproblemer an do si mer eis eigentlech eens ginn, dat mer gesot hunn, dat een hei kann eProjet, méi e konzertéiert Projet opstellen. Konzertéiert heescht hei mat der Stad Esch, wéi och awer mat de Bierger, an dofir hu mir hei de Wee gewielt, hei proposéiere mir, datt hei

ee PAP muss ausgeschafft ginn. Deemno misst een hei en nouveau Quartier ausweise fir dës Beräich. Dat sinn awer Ännerungen, déi een awer herno bei enger Modifikatioun vum PAG viirhell, mee dat ass de Wee, dee mer proposéieren ze goen. Dann huet een eppes ausgeschafft, wat méi konzertéiert ass, wéi dat een hei elo nach eng Kéier probéiert, ëmmer erëm Modifikatiounen ze maachen, déi nach ëmmer Hürde bilde fir d'Realisatioun vum Projet.

Dann hu mer eng Reklamatioun och erakritt, dat war och schonns eng bekannten, vum CEGEDIS. Et ass jo fir de Projet vun der Realisatioun vum Centre d'incendie et de secours um boulevard Aloyse Meyer. Et ass ganz evident, datt de Schäfferot sech net opposéiert, bien au contraire, et ass e Projet, dee mer wëllen ënnerstëtzen, mee dee mer awer net kënne mat där Fuerderung ënnerstëtzen, mat där Fuerderung, déi se fuerdere fir de PAG ëmzeänneren, nämlech eng BEP-zone fir ze gesinn, mat deenen Densitéitswäerter déi si virginn. Firwat? Mee wann een z.B. en Détail eraushëlt, e Coefficient vu Scellement, dee bei 0,9 léit, fir déi ganz blo Parzell, dat ass enorm, dat wäeren 90% vun där Surface, déi géife scelléiert ginn. Wann een awer weess, do ass eng ganz Thematik och mat der Renaturatioun Uelzech, da sinn dat awer Punkten, déi mer techesch ganz kritesch gesinn. Mee, mir hu jo awer eng MIX-U hei am PAG virleien an déi léisst awer de Bau vun esou engem Zentrum awer zou. Also d'Partie écrite vun der MIX-U an eisem PAG definéiert ganz kloer déi Affektatioun vun ëffentlechen Arichtungen, déi si méiglech an enger MIX-U. Mir hunn esou Beispiller nach, wou mer eng Schoul bauen an eng Mix Urbaine. An herno, wann de Projet präzis ass an ëmgesat, da kann een déi Modifikatioun am PAG duerchhuelen an dann huet ee ganz spezifesch fir dee Projet, huet een da BEP-Zone definéiert. Mee fir et am Virfeld esou grousszügeg ze definéieren, ass schwier. Ech wëll awer och dozou soen, dat ass och mat hinnen esou am Dialog gekläert, et ass also näischt esou ganz Neies fir si.

Dann hu mer, hei ass ee vun deene Kategorië wou mer vun neie Reklamatiounen schwätzen. Hei ass

d'Situatioun déi, dass an der Versioun Saisine, mir sinn hei do wou d'Mercedes Garage an der Bielessen Strooss léit, do hannendrun ass eng ganz Potenzialitéit. Dat hate mer deemools och am PAG detektéiert. Mir haten awer dunn Avisé kritt vun der Kommissioun d'aménagement, mee virun allem vum Environnement, wou dat heite kontestéiert ginn ass. Mir haten och Dialoge mam Environnement an si ware ganz ganz strikt op dësem Punkt, wou se gefuerdert hunn, mir missten dat onbedéngt agrenzen, an eng Zone verte awer virgesinn. Mir hunn et dunn och agegrenzt, dee Schema direktur huet sech verklengert gehat.

D'Potenzialitéit déi also ausgeschafft ka ginn hei, déi huet sech verklengert. A ganz berechtigterweis, d'Leit déi do hir Parzellen dra léien haten, hunn do vun enger bebaubarer Zone, elo e bemol eng Zone verte, et ass ganz berechtigt, datt se elo do reklaméieren. Mir argumentéieren, dat et awer fir eis nach ëmmer effektiv Potenzial wär. Virun allem am Zesammenhang mam Projet vum Südspidol, der Kreatioun vu Logement an deem Zesammenhang, mécht et Sënn. Dofir bleiwe mir och bei där Meinung, wéi eigentlech och de Projet an d'Saisine ginn hunn, an argumentéieren domadder, mir hunn eben op Basis vun deem Avis vum Environnement, deementspreechend beim Vote reagéiert. Dat sinn der elo e puer, do ginn ech einfach esou driwwer, well et ass ëmmer dee selwechten Argumentaire.

Dann hunn mer och eng Reklamatioun, do brauch ech net weider an den Detail ze goen, dee Reklamant fuerdert eng Opdeelung vu sengen Affektatiounen am Gebai selwer. Déi awer méiglech sinn no eisem PAG. Deen huet keng Präskriptioun, déi do dergéint géif schwätzen.

Dann hu mer eng Reklamatioun erakritt wou et ëm d'Problematik densité d'habitation geet. Do hu mer elo net gesot, bon et ass ëmmer schwéier, op esou Basisse Modifikatiounen virzehuelen, well dat eng Panoplie vun Ännerunge géif bedeuten, alles wat mer an de Schema direktur stoen hunn, etc. An dunn hu mer awer och nach eng Kéier kloer duergeluecht

wat eis Strategie ass bei der densité d'habitation, nämlech si mer natierlech och als Stad Esch, déi zweetgréisste Stad hei vu Lëtzebuerg, an do hu mer eng gewësse Flicht wat de Wuesstem och ubelaangt. Mir kënnen, wann een déi national Strategie och kuckt, wou mer iwwer déi dréi Agglomeratiounen schwätzen, d'Agglomeratioun Sud, wou mer jo da mat draléien, an d'Agglomération Luxembourg an d'Agglo Nord, et ass do am Fong wou de Wuesstem soll stattfannen. Firwat? Well do ebe Strukturen am Fong scho sinn an déi Plazen, respektiv déi Sitten an déi Agglomeratiounen ebe geégent si fir de Wuesstem kënnen ze droen. Folglech hu mer do eng gewësse Flicht fir dee Wuesstem an der Stad Esch awer zouzeleossen an gi mer awer gläichzäiteg, awer ganz sensibel domat ëm, wou mer och an eisem PAG d'Strategie dran hunn, fir alles wat am Quartier existent ass, do probéiere mer och déi Densitéiten ze stabiliséieren, also dass déi Densitéiten net weiderhin kënnen verstärkt an d'Luut goen. Wat sinn do d'Moossnamen? Dat sinn déi Moossnamen, déi mer geholl hunn mat der Ënnerschutzstellung vun Eefamilljenhäiser, beispillsweis ass et ganz kloer eng Moossnam déi an déi Richtung geet. An iwwerall do wou mer nouveaux Quartieren hunn, do gi mer da mat den Densitéite méi an d'Luut, fir och méi héich Gebailechkeeten zouzeleossen, fir den Ëmgang mam Buedem deementspreechend sensibel unzegoen, eng rational Notzung ze hunn. Dat heescht wou mer all deene Prinzippien déi eben och an der nationaler Strategie drasin gerecht ginn. Mir hunn also do och eng gewëssen Obligatioun well eise PAG muss deene Strategien och entsprechen.

ann hu mer déi Kategorie vu Reklamatiounen, déi par Rapport zu de Maisons unifamilialen erakomm sinn. Ganz oft korreléiert dat och mat de Sauvegar- den. Dat heescht, mir hunn engersäits d'Affektatioun déi mer schützen, an anerersäits och zum Deel d'Haiser. Bei dëser ass et nu wierklech just d'Eefamilljenhaus, wat mer jo och am Quartier existent en tant que tel définéiert hunn, dat et just en Eefamilljenhaus ka sinn. Mir wëssen alleguer wéi e Projet dran ass. Et wéilt een direkt och soen, maache mer gären op fir

déi Affektatioun, mee et huet een awer ganz kloer eng strikt Approche an déi applizéiert sech eben op all déi Eefamilljenhäiser déi mer esou am Quartier existent definéiert hunn. Et ass nämlech, déi Eefamilljenhäiser déi an der läscht och als Eefamilljenhäiser genotzt gi waren, geneemegt gi sinn, sollen och weiderhin Eefamilljenhäiser bleiwen a mer ginn elo net punktuell do mat engem Gebai do dergéint derogéieren. Dat kënne mer net maachen, well soss gëtt déi ganz Approche zerstéiert an zerstéckelt an da fonctionéiert dat net méi. Dat heescht, där hu mer der hei och e puer do mat derbäi.

Hei zum Beispill, do idem. Dofir ginn ech do net an den Detail. Mee do ass et natierlech och e Gebai wat geschützt ass. Dann hunn mer ee Gebai, do sinn der zwee niewentenee wou deen een huet Kategorie 1 vun der Ennerschutzstellung. Dat ass wou soen, dat ass construction à sauvegarder. An Kategorie 2 ass ëmmer éléments de construction identitaires à sauvegarder. An hei ass eent, dat war eben déi éischt Kategorie Schutzstellung huet, déi huet ebe reklaméiert well se soen, et ass eigentlech kee gréisseren Ennerscheid. Bannendra si schonns esouvill Modifikatioune gemaach gi. Et ass eigentlech nach den Aspekt vu baussen, ma do kann ee vu Façadismus schwätzen, mee et ass dat wat nach déi Charakteristik ass déi ze schützen ass, an de Gabarit. An folglech hunn mer dat och verglach mat dem Noper, an hunn eis gesot, dat mécht kee groussen Ennerscheid, déi doten zwee sinn an der zweeter Kategorie ze definéieren. An esou proposéiere mir dann och, dat deementspreechend unzepassen.

Dann nach eemol hei a Kläppen, d'Reklamatioun vun enger anerer Parzell, déi do beträff ass.

Dann hunn mer nach eng Reklamatioun vum Minis- tère de l'Economie, och do ass de fréiere Site vun der Twinerg. Dat war eng Reklamatioun, déi mir schonn hei haten. Also no der Versioun Saisine hate se reklaméiert, datt mer eng ECO-C1, wat eng klassesch Aktivitéitszonen ass, a si wollten eng ECO-C2, wou méi produzéierend Gewerbe hi kënnen, also Industrie. Där Saach si mer jo och gerecht

ginn. Wat mer awer net geännert hunn, wat mer och deemools schonns notéiert hunn, dat war an der Reklamatioun, dat ass déi Zone, Servitude retention heescht se, déi also östlech laanscht de Site leeft. Déi behale mir awer bäi, well déi huet elo net nëmmen den Numm retention, mee si huet verschidde Funktiounen ze iwwerhuelen. Esou Servitudë solle fraäi bleiwe vuBebauung, eben net nëmme wéinst der Retentioun hei, mee och dem Biotopverbundsystem. Dofir hu mer hei jo och hei den Extrait aus der strategescher Ëmweltprüfung dragesat, well do Aussoen dra sinn, deene mer solle gerecht ginn. An do ass ebe d'Funktions Biotopverbundsystem, déi hei muss garantéiert sinn. Dann hu mer Artikel 17/21 Flächen drop. Dat heescht, dat si geschützte Biotopstrukturen. Da weess ee schonn, dat si sensibel Beräicher an et sinn och Infrastrukturen, déi do drënner leien, wou d'Zougänglechkeet muss kënne garantéiert sinn. Folglech eng Panoplie vu Saachen, déi sech hei kumuléieren. Mir bleiwen also derbäi, et ass besser dass déi Zone servitude do bleift, dat dee Beräich do fräi bleift vun enger Bebauung. Idem, dat ass am Dialog och mat Suessem, si hunn laanscht dësem Krassier Eilereng déi selwecht Zone servitude definéiert. An hei ass dann d'Kontinuatioundovun.

Dann hei nach ee Gebai, do geet et haaptsächlech em Ennerschutzstellung. Mir bleiwen awer derbäi dat et ënner Schutz soll ginn an eise PAG.

Dann hei och méi eng generell Reklamatioun par Rapport zur Densité d'habitation, do ass e bëssen de selwechten Argumentär wéi virdrun.

Dann hate mer, dat ass och ee Bekannten, deen eben dat Gaardenhaus an der Zone verte huet a fuerdert, eben do eng bebaubar Zone draus ze maachen. Mee do bleiwe mer awer nach ëmmer strikt, dat mer soen, mir wëllen do déi Tentakel net weider eranzéien an déi Naturzonen. An desweideren ass déi Parzell och net erschloss, a fir se kënnen ze erschléisse misst een eigentlech un den öffentleche Raum drukommen. An do leien awer dann nach Parzelle virdrun déi him net gehéieren. Et ass eigentlech eng isoléiert Situatioun.

Dann hu mer eng Reklamatioun par Rapport zu engem Schema direktur. Schema direkturen, muss ee wëssen, well tëschent der Versioun Saisine a Vote, sinn Upassunge gemaach ginn op Basis vum Avis vun der Kommissioun d'aménagement. Mir hunn déi ganz Densitéit vu Logementen iwwerschafft an zum Deel och erofgesat op dësem Schema direktur och. An en ass prinzipiell iwwerschafft ginn, fir och ze soen, dat heiten ass eigentlech e Schema direktur dee Raum léisst a Méiglechkeet bitt fir aner Affektatiounen wéi just Wunnen. Dofir si mer och hei mat der Densité d'habitation dann deemtspriechend och erof gaangen. Dat gëtt natierlech kontestéiert. De Reklamant well erëm déi Densitéit zeréckhunn, wéi se an der Versioun Saisine definéiert war. De Schäfferot bleift awer bei der Versioun Vote, wéi mer et do festgehalten hunn.

Dann hu mer hei och nach eemol, dat ass déi selwecht Approche, dat ass eng Maison unifamiliale, an och eng Maison déi geschützt soll sinn an dat och weiderhin am PAG soll figuréiert sinn.

Hei ass dann nach eemol a Kläppen. Nach ee weidere Reklamant an nach een An dann hu mer nach eng méi spezifesch Situatioun. Do hu mer eng Reklamatioun nach erakritt vun enger Entreprise. Do hu mer op der ECO-C2 nach ëmmer eng Zone de Servitude. Wéi ech virdru schonns sot, d'Zone de Servitude huet de Charakter dat se fräi soll bléiwe vu Bebauung. Si iwwerhëlt verschidde Funktiounen. Hei ass et am Fong d'Integratioun an de Paysage, well direkt un déi ECO-C2 grenzt ee sensibelen Naturraum. Et ass eng national Naturschutzzone, d'Natura2000-Zone zuguer. An do muss dann e propperen Iwwergang gestallt gi mat entspreche Bepflanzungen, Heckestrukturen. Elo ass et awer esou, dass déi Heckestrukturen eigentlech scho sur Place sinn, an deem Talus. Si sinn eben net genau do wou och elo déi Zone de Servitude definéiert ginn ass.

Déi Zone de Servitude hei hu mer awer definéiert op Basis vun Aussoen aus der strategescher

Ëmweltprüfung. An elo froe mer einfach, wat ass elo richtig? Dofir ass et hei éischter eng Froestellung un den Environnement, fir ze soen, wéi maache mer et elo richtig? Well mir wëlle jo awer hei, dat dee Betrib awer seng Funktiounen kann ausféieren ouni weider Restriktiounen. Et ass eis bewosst, dass déi Zone de Servitude, wéi se elo am PAG figuréiert ass, net wierklech op der richteger Plaz ass an dass déi Transitioun eigentlech schonns gemaach ass duerch d'sensibel Zonen, nämlech laanscht de ganzen Talus. An dofir ass et éischter eng Froestellung un den Environnement an deemtspriechend kënne mer da propper dorop reagéieren. Dat sinn also méi technesch Froe säitens vum Environnement. Dofir kënne mir elo schwéier direkt eng Stellungnam huelen.

Dann ass nach eng Reklamatioun erakomm gewiescht, déi ass awer och erëm zeréckgezu gi. Do ware Mëssverständneser. Dat konnte mer awer aus dem Wee raumen. Do ass et éischter em d'Funktioen gaange vun enger Kommissioun d'aménagement. De Reklamant hat gefuerdert, dass säin Immeuble eigentlech aus dem Sauvegardé eraus soll kommen, wéinst der Kommissioun d'aménagement, well déi hätt herno e bemol kéinte bestëmmen, wéi däerf ech bauen? Mee dat ass awer net Aufgab vun der Kommissioun d'aménagement, vun der Kommissioun homme et femme de l'art, pardon, ech hat Kommissioun d'aménagement gesot. Et ass eis intern Gestaltungskommissioun, wann ech dat esou kann nennen, wou awer Experten drasetzen. An do geet et haaptsächlech ëm d'Integratioun vun esou Gebaier, wann Ännerunge gemaach ginn an dem sensibelen Beräich, an dem Secteur sauvegardé, fir dass net alles zerstéiert gëtt, mee dass eben déi Harmonie bleift, wéi se och ass. Et ass ëmmer consultativ. Just déi Kommissioun kann eben net soe, wéi d'Bebaubarkeet vun där Parzell ass. An dofir huet hien déi Explikatioun kritt gehat an huet déi Reklamatioun och zeréck gezunn.

Dann hu mer eng Reklamatioun, méi generell, wou déi Thematike ronderëm Colocation, Sous-location,

Cohabitatioun ugeschwat ginn. Do bleiwe mer awer der Meenung, dass mer soen, eis Dispositiounen wéi mer se virgesinn hunn, sinn noutwendeg an och konform a proposéiere keng Modifikatioun op Basis vun där Reklamatioun.

Dann och hei een Objet an der Lëtzebuergerstrooss, wou mer weiderhin awer der Meenung bleiwen, et ass ee schützenswäert Gebai. Et ass och ee Gebai, wat als Eefamilljenhaus soll weider bestoe bleiwen an ass och an engem Secteur sauvegardé a bleift och an enger HAB-1, well et eben déi Funktioun vun engem wäertvollen Eefamilljenhaus awer huet an och weiderhi soll bäibehalen. Mir hunn hei och Ex-plikatiounen ginn, wat och gefuerdert war vum Reklamant fir och eng Profession liberale ze exerceieren, mee dat ass laut eise Prescriptiounen awer méiglech. Dat kann ech och an dësem Ka- der soen: also niewendrun ass déi Villa, vun der ech eben d'Approche virdru gezielt hunn. Mir hu genau gekuckt, wéi waren déi Villae benotzt an de leschte Joren a wéi waren se geneemegt? An déi Villa wou mer elo just driwwer geschwat hunn, déi huet en Noper, wou d'Affektatioun eben elo geännert huet an deem Sënn, dass mer d'Analyse jo och do gemaach hunn, an do war an de leschte Joer de Gebrauch net méi als Eefamilljenhaus, mee als Bürosgebai exklusiv. An der Folleg hate mir gesot, dat passt jo net an déi Approche wéi mer se fir all déi aner Eefamilljenhaier hunn, hei kënne mer da virgesinn, dass dëst

Gebai dann an eng MIX-U kënnt, virun allem och am Zesummenhang mat deem ganzen Development wat hannendrun ass, mat Esch-Schëffleng. Well deem Terrain awer méi grousszügeg ass, do sinn nach aner Potenzialitéiten drop an deemools war eben dat ee besselschen een Aussensäiter duerch d'Utilisatioun vun deene wierklech während 20 Joer. Well et ass eng bedeitend Zäit gewiescht wou dat Gebai eben net méi als Eefamilljenhaus genotzt gi war, och deementspreechend bannendran och gestallt gi war.

Dann hu mer zwee Gebaier, dofir sinn et och zwou Fichen. Do geet et drëm, de Reklamant kontestéiert,

dass déi am Secteur sauvegardé leien. Mee och do, mat eise Argumentär mat Secteur sauvegardé hu mer einfach eng Main Mise drop mat deem wat virgeholl gëtt, baulech. An esou Gebailechkeete kann een awer soen, wéi eng Sensibilitéite mir gesi fir d'Integratioun vun deene Gebaier an den Ensemblen ronderëm. An dann huet een och mol eng Main mise drop fir eppes ze refuséiere wat da géif stéieren, wat deem Ensemblen géif stéieren. Dofir bleiwen déi och ganz sécher hei doranner. Déi an der rue Viktor Hugo huet ee Gabari, dee virun allem e groussen Ensemblen kreéiert, an dat ass ze schützen an dofir sinn déi Gebaier eben an dësem Secteur sauvegardé dran a bleiwen et och.

Dann och hei Ënnerschutzstellung. Do ass et och méi vum Reklamant kontestéiert ginn, op mir dat iwwerhaupt dierften. An dofir weise mir nach eemol kloer dorobber hin, dass mer eigentlech d'Gesetz net violéieren, mee eigentlech verfollegen, gerecht ginn. Well mer déi Aufgab einfach hunn am PAG, d'Objektiver déi och am Planungsgesetz drastisch op nationalem Niveau, hu mer déi Obligatioun a mussen eben definéieren, wat ass kommunal schützenswäert a wat eben net.

Dann hu mer Reklamatiounen hei an der Lëtzebuergerstrooss, do wou de CACTUS elo ass. Dat hu mer als ee Beräich och gesinn, à restructurer, also Potenzial wat mëttel oder laangfristeg och anescht ka benotzt ginn. Dofir ass gesot ginn, hei maache mer een nouveau Quartier draus. An deem nouveau Quartier, wann een esou een huet, da muss een e Schema direktor ausschaffen. An deem Schema direktor hu mer verschidden Affektatiounen definiert gehat a mir hunn awer och Verbindungsaxen, wat de Verkéier ubelaangt, dran definéiert. Dat sinn ëmmer éischter schematesch Duerstellungen, mee hunn awer scho konkret eng Bedeitung an do sinn ëmmer verschidde Saachen déi ginn elo kontestéiert vum Reklamant hei. Wéi sou hu mer eng Stroosseverbindung do agezeechent am Schema direktor? Well eben hannendrun e ganze Site muss erschloss ginn, Esch/Schëffleng, dat ass net kleng. An dee muss och seng Undogging fannen, eben un

d'Lëtzeburgerstrooss an dat geet dann hei iwwer diesen Terrain. Dann ass awer och nach ee Punkt, dee kontestéiert gëtt, dat ass d'Definitiouen Partie écrite vum PAG, wou mir dra stoen hunn, dass an enger Mix-Urbaine d'Limitatioun vun der Surface de vente definéiert ass, pro Gebai, nämlech mat 4.000 m². Dat ass de Maximum deen ee ka realiséieren an engem Immeubel, an si wëllten awer 10.000 m². Et muss ee soen, dat wat existent do steet, dat kann och nach do stoe bleiwen. Mee bei engem neie Projet wëlle mer hei net punktuell géint esou eng Prescriptioun goen, déi mer an der MIX-U hunn, well déi MIX-U gelt fir de ganzen Territoire vun der Stad Esch an ass eigentlech iwwerall d'selwecht definéiert.

Dann hu mer eng Reklamatioun och hei, dat ass wou d'CFL hir Terrainen och hunn. Dat ass e Schema direktur dee mer definéiert haten, do wou se elo hire Parking haaptsächlech drop hunn. Et ass also eng Potenzialitéit, déi een och mëttelfristeg, laangfristeg anescht kann notzen. Dat ass och ni kontestéiert ginn. A mir hate bei der Saisine nach eng HAB-2 proposéiert gehat. Op Basis awer vu Punkten aus der Kommissioun d'aménagement, wéi och vum Environnement, wéi och Awänn vu verschiddene Conseillere, hu mer dunn d'Decisioun awer geholl gehat, mir soen dann, et ass da besser adaptéiert fir eng HAB-1 hei ze definéieren, well et awer e sensibel Beräich ass. Dëst wär da besser adaptéiert an déi Modifikatioun ass och geholl ginn, mee elo ass eben, berechtgerweis gëtt reklaméiert, well si awer gären déi HAB-2 wëllen hunn op deem Site. So seet awer de Schäffer och, nee, mir bleiwen elo derbäi, well esou vill Punkten dorëmmer awer enoncéiert gi sinn, fir ze soen, komm mir maachen eng HAB-1 dorausser. An dat heescht, dat bleift dann, soll bleiwen.

Dann hei ass och nach eng Reklamatioun, et ass do wou den neie Cactus entsteet. Dat ass och elo éischter eng Froestellung, wéi mir eis och elo do kënne verhalen. Do gëtt et engem ganz kloer, wat ass nouveau Quartier, wat ass Quartier existent? Dat dote war elo eng laang Zäit ëmmer eng Wiss, wéi mer mam PAG an d'Prozedur gaange sinn, war

do nach ëmmer eng fräi Wiss. Do war nach näischt un Aarbechte geschitt. Folglech hu mer et missen als nouveau Quartier mat eranhuelen an de PAG. En cours de route huet sech awer d'Saach beweegt an d'Baugeneemegung konnt och erstallt ginn. An elo ass d'Situatioun eigentlech eng aner. Wann een elo géif an d'Prozedur goen, da géif ee soen, dëst ass e Quartier existant an déi Zone commerciale ass an dee Quartier existant eranzehuelen. Kënne mer dat en cours de route maachen, respektiv musse mer eng Modifikatioun vum PAG herno maachen? Dat ass elo d'Froestellung dann un den Intérieur, da wéi mir hei eng rechtlech propper Situatioun kënne schafen.

Dann nach ee leschten, dat war en Nachzügler, deen huet seng Reklamatioun eigentlech net am Delai eraginn. Mir hunn se awer weidergeleet kritt vum Intérieur. Folglech hu mer du gesot, dann traitéiere mer se awer och hei. An do geet et eben och em d'Thematik vun Eefamilljenhaus. Bon, hien huet schonns d'Satisfaktioun kritt gehat, nämlech beim Vote gouf decidéiert, dat heiten Haus als Eefamilljenhaus, aus dem Quartier existant erauszehuelen, well et eben och anescht genotzt war an deene leschte Joren. ano hudeetr e n HdA'SBa-t1 is, fakdteioeumn nkori tt, lmeiut sasw ere neanc h deene Preskriptiounen ëmmer gerecht ginn, an ass domadder eigentlech net zefriden. Hie wëllt ebe méi maachen, wéi dat wat méiglech ass an enger HAB-1. Mee mir ginn awer hei net op de Wee, fir eng eenzel Parzell erauszehuelen an an eng aner Zone ze klasséieren. Dat bleift an där Logik, wéi och déi aner Objeten hei an deem Beräich vun der Lëtzeburgerstrooss, nämlech eng HAB-1.

Voilà, an domadder sinn ech dann duerch déi 31 Reklamatiounen duerch.

Mischo Georges:

Villmols Merci fir déi Präsentatioun a virun allem grouse Merci fir déi enorm Aarbecht déi am Virfeld geleescht ginn ass an och fir d'Representatioun hei a fir alleguerten déi Reklamatiounen do nach eng Kéier duerchzegoen. Villmols Merci dem Daisy

Wagner, awer och dem Luc Everling.

Voilà, da géif ech d'Diskussioun opmaache fir iwwer déi Avisen nach eng Kéier ze schwätzen.

Den Här Biwer. Den Här Biwer huet d'Wuert.

Biwer Stephane:

Villmools Merci Här Buergermeeschter. An och e grouse Merci un d'Madamm Wagner an den Här Everling fir d'Aarbecht an deem Dossier hei.

Ech menge, mir haten eng ganz mouvementéiert Sëtzung wou de PAG votéiert ginn ass viru 4 Méint.

Ech muss elo hei soe bei deenen 31 Reklamatiounen kann ech eigentlech mat praktesch allem liewen an ech wëll just hei op eng Thematik elo hei agoen, an dat ass d'Thematik Eefamilljenhaiser an déi och deemools schwierig Diskussioun iwwert alles wat Kolocatioun an esou weider ubelaangt.

Wann ech elo d'Eefamilljenhaiser kucke ginn, de Kamellebuttek an der Marcel Reuland Strooss, ech mengen, dat ass eeProjet dee mir alleguerte flott fannen an datt dat temporär an esou Haiser méiglech ass. Dat mengen ech, muss och de Fall sinn. Ech kann awer do komplett dem Schäfferot an der Madamm Wagner recht ginn, wa gesot gëtt, datt een eng dauerhaft Ëmnotzung vun engem Eefamilljenhaus an esou enger Strooss net gestatt gi soll, well mer déi Eefamilljenhaiser brauchen.

Dann nächst, rue du Faubourg, eng kllassesch Maison de maître, wéi mengen ech och am Avis steet, ass do eng profession libérale méiglech, an ech mengen op där Platz ginn ech lech och komplett Recht, datt dat net soll de Fall sinn. Genausou ass et mat deenen zwee Gebaier an der Lëtzebuergerstrooss. Wou ech och der Meenung sinn, dass wann do eng profession libérale soll ausgedroe ginn, datt dat och komplett kompatibel ass mat engem Eefamilljenhaus, an där Gréisst, déi déi Haiser hunn.

Zum Appartement an der Millestrooss, do wëll ech

soen, ech mengen, wann een do d'Reklamatioun liest, dat se dréi Chambres meublées wëllen hunn an engem Appartementshaus, datt mer dat net wëllen erlaben an net wëllen op dee Wee goen, datt et dauerhaft dohinner geet, dat ënnerschreiw mer an ech mengen dat ass déi Philosophie déi gefouert ginn ass iwwer all déi Jore fir Wunnraum net wëllen opzedeelen am Zentrum vun Esch, déi mer och ëmmer mat gedroen hunn.

Ech kommen da just op een zeréck, wou mer dann awer e bësse Problemer hunn, dat ass d'Haus an der rue Bolivard. Dat ass een Eefamilljenhaus, an ech mengen och, datt de Charakter vun dësem Eefamilljenhaus eigentlech esou soll bleiwen an et soll och geschützt bleiwen, well et effektiv an déi Zäit passt, wou dat gebaut ginn ass, an déi Strooss passt. Wat an där Strooss, wat mir e bëssen opfällt, dat ass wat ech och a menger Ried viru 4 Méint gesot hunn, dat ass e bëssen déi Zännlücken, déi ee mat den Eefamilljenhaiser grad am Zentrum huet, déi Onsécherheete schafen an deem Sënn, datt et den Androck mécht, dat ee verschidden Haiser anescht behandelt. Wat ech awer och an dësem Fall well soen, dat Haus ass wuel en Eenfamilljenhaus, mee grad esou en Haus, dat villäicht grad net méi elo en Eenfamilljenhaus ass, wou eng Famill sech erdreemt a wëll kafen, well et awer enk ass. Genau esou Haiser eegene sech awer villäicht fir WGen, fir Kohabitatiounen. An ech mengen, do musse mer op dee Wee goen, datt mer an esou Unitéiten, wou sech dat och passt, wou mer eng propper Reegelung fannen, déi net an de PAG gehéiert. Mir waarden alleguerten op den Avis vum Minister, wat en dann dozou seet, mee ech sinn der Meenung, datt dat net an de PAG gehéiert, net an de PAP Quartier existent, wou mer et jo erausgeholl haten, wann ech dat elo richtig am Kapp hunn. An dowéinst nach eng Kéier meng Fro, wéi wär et wa mer op eng Reegelung ginn, fir esou WGen ze erlaben an dat an engem konzertéierte Reglement zesummeschreiwen, wat d'Baulecht ubelaangt, wat Uweisungen ubelaangt, fir d'Leit aus eisem Biergeramt, fir d'Leit aus der Police des bâties, wou wierklech all déi Reegelen, déi

solle gëllen, zesummengefuert ginn. Et kann och en Texte coordonné sinn. An dësen dann och am Gemengerot hei eng Kéier virzestellen, fir datt een e propperen Iwwerbléck huet wat d'Gesetzeslag ass mat dem Umeldegesetz, wat d'Gesetzeslag ass mat de Bauten? Wéi wëlle mer mat de Colokatiounen ëmgoen? An ech mengen, et kann net sinn, datt mer als Escher Gemeng en Är no bausse ginn, wéi wann mer als Unisstad keng WGe wëllen erlaben. Och wann et méiglech ass, ech weess, d'Madamm Wagner an den Här Everling hate mer dat gesot, et si Méiglechkeeten do, mee et kënnt engem heiansdo fir, wéi wann eis Reglementer haaptsächlech doranner géife bestoe fir se esouvill wéi méiglech Hürde viru WGen opzebauen.

Déi ganz Argumentatioun hannendrun, virwat datt déi Hürden do sinn, verstinn ech ganz gutt, aus dem Background vu mengem Beruff, wou ech op der Escher Gemeng war, hat ech eng Kéier Kontakt mat der Police des Bâtisses. An do hunn ech ganz vill Geschichte matkritt, wéi dat a Cafészëmmere gaangen ass, wéi Leit Wunnengen illegal opgedeelt hunn. An ech mengen, datt mer dat wëlle verhënneren an net weider wuesse loossen. Dat ass ganz verständlech. Mee mir kënnen awer och net op de Wee goen, dass mer eis den Är no bausse ginn, grad an den Zäite wou d'Logementspräisser duerch de Plaffong ginn, datt mer esou Alternativliewensformen esou gutt wéi méiglech wëlle verhënneren.

Wann ech elo hei ronderëm mech kucken am Gemengerot, ech sinn zwar eréischt 6 Méint derbäi, mee et sinn der awer nach e puer déi méi jonk si wéi ech. Wou ech virun 11 Joer en Appartement kaf hunn, ass et nach relativ gutt gaangen. Wann ech awer kucke bei menger Schwëster, déi 7 Joer méi jonk ass wéi ech, wéi et där gaangen ass, wou se vun der Uni komm ass, war et eng schwéier Situatioun.

Wann ech Leit kucken, déi nach e gutt Stéck méi jonk sinn, dann ass et haut fir Jonker relativ onméiglech fir eppes ze kafen. An wann een eppes loune wëll goen, da bezilt een dat selwecht wéi soss ee géif bezuele fir säi Prêt an et kann een näischt uspieren.

An do si WGe grad fir Leit déi am Iwwergang si vun der Uniszeit an hiert berufflecht Liewen, do si WGen awer eng Méiglechkeet fir an dezentem Wunnraum kënnen ze wunnen a villäicht net méi do am Hotel Mamma ze wunnen.

Aus deem Grond wollt ech dann och ufroen, datt de Vote iwwert d'Avisen, de Punkt 8E.71, dat aus der Bolivardstrooss, datt mer dat, dat mer deen Avis separat votéieren.

Ech soen Iech Merci.

Mischo Georges:

Merci. Just eng Informatioun da fir jiddereen hei am Gemengerot zu eben deem dote Fall, rue Bolivard.

Also, do ass emol déi éischt Informatioun, dass de viregte Propriétaire vum Haus, dat heescht, de Papp vum Reklamant ëmmer op de Statut vum Eefamilljenhaus insistéiert huet a Colokatioun ass och an deem Haus méiglech, am PAG steet näischt méi esou dran. Dat heescht, Colokatioun ass an deem Haus méiglech, natierlech ënner dee bekannte Reegelen.

Wéi gesot, de Papp vum Reklamant wollt ëmmer, dass dat en Eefamilljenhaus sollt bleiwen an am PAG steet näischt méi dran.

Gutt, nach Froen zu deene verschiddene Reklamatiounen? Nee, schéngt net de Fall ze sinn. Den Här Kox nach eng Kéier, oder?

Kox Martin:

Ech mengen, wa soss keng Fro do ass, ech mengen, ech war jo nach an der Kommissioun wou eppes diskutéiert gouf, dat muss ech also net méi nei usprieche. Also wann Dir dat nach eng Kéier wëllt nei usprieche, Här Biwer, dat wësst Dir och, do ass et em Fernandes a Rollinger gaangen. Jo, dat hat dir ugesprach an ech mengen, do gëtt et eng einfach Äntwert. Ech mengen, dat ass een Deal vun

deenen zwee gewiescht, respektiv de Fernandes huet un de Guy Rollinger verkaf, ech mengen do hunn mir usech mat dem Bail amphiotéotique, do kënne mer net, oder wollte mer net intervenéieren, dat ass OK, dat ass een Deal privé.

Gutt, wann elo soss näischt ass, da géife mer au Vote goen. Villmools Merci.

Mischo Georges:

Dat heescht, och elo no der Explikatioun, Bolivard, well Där e separate Vote fir dee Punkt? Gutt, da maache mer déi aner Reklamatiounen als éischt, an duerno maache mer de Punkt, rue Bolivard.


AU VOTE

Vote

Gutt, dann den eenzele Punkt vun der rue Bolivard, AU VOTE

6.1. BAINS DU PARC; CONTRAT DE BAIL RELATIV À UN LOCAL POUR L'EXPLOITATION D'UN INSTITUT DE BEAUTÉ; DÉCISION

votes OUI : 16



Mischo Georges:

Ok, villmools Merci. Da kënne mer op den nächste Punkt kommen, dat sinn d'Transactions immobi-

lières. Där hu mer der haut zwou, dat ass mol den éischten Contrat de Bail fir en Institut de Beauté an der Bain du Parc, dat heescht an eiser Schwämm, fir d'Attraktivitéit alt nees, noom Fitness

nach eng Kéier e bëssen eropzesetzen. Dat wier e Contrat de Bail tëschent der Stad Esch an der Madamm Cinthia Giacomini, fir eng Fläch vu 55 m2, wéi gesot an eiser Schwämm. An dee Contrat de Bail ass elo mol virgesi fir 2 Joer, an dat wier dann ab dem 1. September 2021, fir de Präis vun 900.- EUR Loyer an 80.- EUR Niewekäschten.

Ginn et dozou Froen? Dann au Vote an da kënnt Dir lech duerno schéi maachen loossen.

Vote

6.2. ACTE DE VENTE D'UN EMPLACEMENT INTÉRIEUR 091 PD 81 AU SEIN DE LA RÉSIDENCE NONNEWISEN; DÉCISION

votes OUI : 17



Mischo Georges:

Ok, Där kënnt lech schéi maachen loossen, oder lech verwinne loossen. Voilà, hunn ech elo nach eng Kéier séier d'Kéier kritt. Gutt.

Dann en Acte de vente als zweet Transaction immobilière fir en Emplacement an der Résidence Nonnewisen, am Lot 4 N. Dat ass wéi déi Kéiere virduen och, dat ass en Acte de vente tëschent der

Madamm Rofato an der Stad Esch.

Keng Froen? Da kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

Vote

Merci, da komme mer bei den nächste Punkt an dat ass d'Personal. Den Här Zwally huet d'Wuert.

7. QUESTIONS DE PERSONNEL

Zwally André:

Merci Här Buergermeeschter. Mir géifenlech hei proposéiere fir am Sekretariat, Service Archiven, en A1-Posten ze kreéieren. Dat ass um Niveau vun engem Archivist, dee mer sichen. Dir wësst, datt mer 2023 wäerte Propriétaire ginn um Niveau vun dem alen Direktiounsgebai, wat d'Arbed Mines ubelaangt, an do wëlle mer dann eis Archiven drasetzen. An et ass eis och wichteg am Virfeld elo e kompetente Mann ze fannen, deen eis d'Konzeptioun kann hierstellen, fir dat, wa mir dann esouwäit sinn, e Konzept kënne virstelle fir dat doen da kënnen ze garantéieren.

Ech géiflech dann och bieden, dëser Kreatioun och zoustëmmen.

7.A.1. SECRÉTARIAT, SERVICE ARCHIVES ; CRÉATION D'UN POSTE DE SALARIÉ A1 ADMINISTRATIF DANS LE STATUT DU SALARIÉ; DECISION

votes OUI : 17

Biltgen Laurent	Ja / Oua / Yes / Ja
Blwer Stéphane	Ja / Oua / Yes / Ja
Cavaleiro Bruno	Ja / Oua / Yes / Ja
Dax Jeff	Ja / Oua / Yes / Ja
Funck Ben	Ja / Oua / Yes / Ja
Knauff Pierre-Marc	Ja / Oua / Yes / Ja
Kox Martin	Ja / Oua / Yes / Ja
Majerus Luc	Ja / Oua / Yes / Ja
Mischo Georges	Ja / Oua / Yes / Ja
Ragni Mandy	Ja / Oua / Yes / Ja
Scholl Daliah	Ja / Oua / Yes / Ja
Spautz Vera	Ja / Oua / Yes / Ja
Theisen Luc	Ja / Oua / Yes / Ja
Tonnar Jean	Ja / Oua / Yes / Ja
Weis Christian	Ja / Oua / Yes / Ja
Wies Line	Ja / Oua / Yes / Ja
Zwally André	Ja / Oua / Yes / Ja

Mischo Georges:

Ginn et dozou Froen? Nee, dann AU VOTE

Vote

Merci, den Här Zwally behält d'Wuert.

7.A.2. DÉIEREPARK; CRÉATION D'UN POSTE DE SALARIÉ ARTISAN; SUPPRESSION D'UN POSTE DE SALARIÉ; DÉCISION

votes OUI : 17

Biltgen Laurent	Ja / Oua / Yes / Ja
Blwer Stéphane	Ja / Oua / Yes / Ja
Cavaleiro Bruno	Ja / Oua / Yes / Ja
Dax Jeff	Ja / Oua / Yes / Ja
Funck Ben	Ja / Oua / Yes / Ja
Knauff Pierre-Marc	Ja / Oua / Yes / Ja
Kox Martin	Ja / Oua / Yes / Ja
Majerus Luc	Ja / Oua / Yes / Ja
Mischo Georges	Ja / Oua / Yes / Ja
Ragni Mandy	Ja / Oua / Yes / Ja
Scholl Daliah	Ja / Oua / Yes / Ja
Spautz Vera	Ja / Oua / Yes / Ja
Theisen Luc	Ja / Oua / Yes / Ja
Tonnar Jean	Ja / Oua / Yes / Ja
Weis Christian	Ja / Oua / Yes / Ja
Wies Line	Ja / Oua / Yes / Ja
Zwally André	Ja / Oua / Yes / Ja

Zwally André:

Dann hu mer, wat den Déierepark ubelaangt, do maache mer gären eng Creation de poste um Niveau vun engem Handwierker. Do ass et esou, datt da par consequent eng Suppressioun gemaach gëtt um Niveau vun engem Agent polyvalent. Dat si verschidden Aarbechten, déi ëmmer erëm ufaalen an et ass och vum Service gefrot gi fir kënnen Handwierker ze kréien a mir géifen dat dann och esou wëllen ënnerstëtzen.

Mischo Georges:

Froen? AU VOTE

Vote

An weider mam Här Zwally.

7.A.3. THÉÂTRE; CRÉATION D'UN POSTE DE SALARIÉ ARTISAN; SUPPRESSION D'UN POSTE DE SALARIÉ ARTISAN; DÉCISION

votes OUI : 17

Blitgen Laurent	Ja / Oui / Yes / Ja
Blier Stéphane	Ja / Oui / Yes / Ja
Cavaleiro Bruno	Ja / Oui / Yes / Ja
Dax Jeff	Ja / Oui / Yes / Ja
Funck Ben	Ja / Oui / Yes / Ja
Knauff Pierre-Marc	Ja / Oui / Yes / Ja
Kox Martin	Ja / Oui / Yes / Ja
Majerus Luc	Ja / Oui / Yes / Ja
Mischo Georges	Ja / Oui / Yes / Ja
Ragni Mandy	Ja / Oui / Yes / Ja
Schott Daliah	Ja / Oui / Yes / Ja
Spautz Vera	Ja / Oui / Yes / Ja
Theisen Luc	Ja / Oui / Yes / Ja
Tonnar Jean	Ja / Oui / Yes / Ja
Weis Christian	Ja / Oui / Yes / Ja
Wies Line	Ja / Oui / Yes / Ja
Zwally André	Ja / Oui / Yes / Ja

Zwally André:

Majo, dann am Theater, do maache mir och eng Creation de Poste vun engem Handwierker. Déi musse mer maachen, well ganz einfach do een a säi Congé geet, dee gëtt pensionéiert am Abrëll 2022. An et ass erfuerdert, dass wann een ee wëll eranhuelen, da muss een och eng Creatioun maachen. An wann de Mann bis heibannen ass, an dee Mann a Pensioun geet, da wäerte mer och eng Suppressioun vun deem sengem Poste maachen

Mischo Georges:

Froen? AU VOTE

An weider geet et mam Här Zwally.

Vote

7.A.4. ESPACES VERTS; CRÉATION DE TROIS POSTES DE SALARIÉ ARTISAN; DÉCISION

votes OUI : 17

Blitgen Laurent	Ja / Oui / Yes / Ja
Blier Stéphane	Ja / Oui / Yes / Ja
Cavaleiro Bruno	Ja / Oui / Yes / Ja
Dax Jeff	Ja / Oui / Yes / Ja
Funck Ben	Ja / Oui / Yes / Ja
Knauff Pierre-Marc	Ja / Oui / Yes / Ja
Kox Martin	Ja / Oui / Yes / Ja
Majerus Luc	Ja / Oui / Yes / Ja
Mischo Georges	Ja / Oui / Yes / Ja
Ragni Mandy	Ja / Oui / Yes / Ja
Schott Daliah	Ja / Oui / Yes / Ja
Spautz Vera	Ja / Oui / Yes / Ja
Theisen Luc	Ja / Oui / Yes / Ja
Tonnar Jean	Ja / Oui / Yes / Ja
Weis Christian	Ja / Oui / Yes / Ja
Wies Line	Ja / Oui / Yes / Ja
Zwally André	Ja / Oui / Yes / Ja

Zwally André:

Dann hu mer nach dräi Creations de Poste déi mer an den Espaces verts maachen, do ginn et 2 Posten, déi an d'Baméquipe bäikommen. Där wësst, dass mer am Moment just 2 Leit do hunn. An doduerch dat awer méi Aarbecht bäikomm ass a mir ëmmer méi Beem kréien innerhalb vum Escher Territoire, ass et eis och wichteg, déi Equipen ze verstärken. An dofir géifen do 2 Leit bäikommen. An da gläichzäiteg och mat de Jardins ephemeren, wou mir eis am Ufank ëmmer drop konzentréiert hunn um Niveau vum Zentrum vun der Staat, mir awer och elo a Quartieren eraus ginn an dofir entsteet natierlech och méi Aarbecht, an dofir ass dann och d'Propose fir 3 Creatiounen ze maachen um Niveau vun den Espaces Verts.

Mischo Georges:

Merci Här Zwally. Ginn et dozou Froen? Nee, dann AU VOTE

Vote

An dann nach ee Punkt, den Här Zwally.

7. B. RÉDUCTION DU SERVICE PROVISoire DE MADAMM CHIARA SCHLEGEL, RÉDACTEUR; DÉCISION

votes OUI : 16



Zwally André:

Jo, dat ass de virleschte Punkt an do ass eng Demande komm gewiescht vun enger "B" Beamten aus dem Service de circulation fir kënnen eng Reduction de stages ze kréie vun 4 Méint. D'Konditiounen sinn doranner erfëllt an ech géif lech och da bieden, deem zouzestëmmen.

Mischo Georges:

Froen? AU VOTE

Vote An dee leschte Punkt.

7. C. PRIMES D'ASTREINTE VARIABLES POUR L'EXERCICE 2020; DÉCISION

votes OUI : 17



Zwally André:

Jo, dee leschte Punkt, dat sinn d'Primes d'astreinte, déi mer solle stëmmen fir den Exercice 2020.

Mischo Georges:

Froen dozou? Da kënnen mer och dat ofstëmmen ...

Vote

8. MODIFICATIONS AU RÈGLEMENT DE LA CIRCULATION ET CONFIRMATION DES RÈGLEMENTS DE CIRCULATION TEMPORAIRE; DÉCISION

votes OUI : 17



Mischo Georges:

Merci, da komme mer bei de leschte Punkt vum Ordre du Jour haut. Dat sinn déi temporär Verkéiersreglementer. Et sinn der just 4 haut. Dir hutt och eng Lëscht virleien.

Ginn et dann eventuell dozou Froen? Nee, dann AU VOTE

Vote

Merci, da géif ech dem Kulturschaffen nach eng Kéier kuerz d'Wuert ginn, fir eng Invitatioun fir de Weekend.

9. COMMISSIONS CONSULTATIVES; MODIFICATIONS; DÉCISION

Knaff Pierre-Marc:

Jo. Voilà. Dir hutt op Ären Dëscher e puer Kaddoe fonnt vun de Francopholies. Déi sinn dëse Weekend, e Samschdeg an e Sonndeg, um Gaalgebierg. Dir krut och Invitatiounen do geschéckt.

Wéi gesot, wann der wëllt kommen. Et ass vu 16:00 Auer un bis 22:00 Auer, an Dir sidd Wëllkomm do uewen firlech dat unzekucken.

Mir hunn do ee schéine grénge kleng Park gemaach fir Musek ze lauschten. Kommt erop.

Mischo Georges:

Voilà. Avis aux amateurs. Schéine Weekend, och wann Der net sollt op d'Francopholies kommen a bis d'nächst Woch.



